



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 22.03.2019





Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
Photos: Ville de Dudelange, André Weisgerber, David Laurent, Mike Zenari
Impression: Imprimerie Mechtel
n°3 / 2019 - Parution: mai 2019



01-17-375394
myclimate.org





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 22 MARS 2019

Séance publique

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	05
1. CORRESPONDANCE	07
2. CIRCULATION	07
2.1. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation à l'occasion des travaux de réaménagement de la rue Jean Friedrich	
2.2. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation à l'occasion des travaux dans la rue Lentz	
3. FINANCES COMMUNALES	09
3.1. Approbation des relevé et rôle supplémentaires de la taxe sur les chiens de l'exercice 2018	
3.2. Approbation des relevé et rôle de la taxe sur les chiens de l'exercice 2019	
3.3. Approbation d'un contrat de bail conclu avec la société Munhowen S.A.	
3.4. Approbation d'un contrat de fermage avec les époux Kajevic-Hodzic	
3.5. Approbation d'un acte de cession avec Monsieur Marc Hoferlin	
3.6. Approbation des conventions de collaboration avec la Ville de Rumelange et la commune de Kayl au sujet du cimetière en forêt régional Diddeleng-Gehaansbierg	
3.7. Approbation du devis estimatif relatif à l'acquisition d'un appartement pour l'aménagement d'un logement social « op Lenkeschléi »	
3.8. Approbation d'un acte de vente en état futur d'achèvement conclu avec la société Stugalux Construction S.A.	
3.9. Approbation du devis relatif à l'installation d'une centrale incendie et d'une sortie de secours à l'annexe « Ale Pomjeesbau »	
3.10. Approbation du devis relatif au renouvellement de la toiture au gymnase Boudersberg	
3.11. Approbation des plans et devis pour la modernisation des installations techniques et du grand bassin de la piscine en plein air	
3.12. Approbation de décomptes	
3.13. Subsidés extraordinaires à allouer	
4. CHANGEMENTS À APPORTER AU RÈGLEMENT COMMUNAL CONCERNANT LES NUITS BLANCHES	17
5. DÉVELOPPEMENT URBAIN – APPROBATION DÉFINITIVE DE LA MODIFICATION PONCTUELLE DU PAG POUR DES FONDS SITUÉS AU LIEU-DIT « A BËLLEG »	18
6. PATRIMOINE	29
6.1. Avis à donner au sujet de la proposition d'inscrire la gare « Dudelange-Usines » à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux	
6.2. Avis à donner au sujet de la proposition d'inscrire le convertisseur à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux	
6.3. Avis à donner au sujet de la proposition d'inscrire certains bâtiments du site NeiSchmelz à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux	



7. APPROBATION DES CHANGEMENTS DANS LA COMPOSITION DES COMMISSIONS CONSULTATIVES

38

8. ADHÉSION À L'ASSOCIATION «CAPITALE EUROPÉENNE DE LA CULTURE 2022 A.S.B.L.»

38

9. PERSONNEL

42

9.1. Création d'un poste de fonctionnaire communal en surnombre, catégorie de traitement D, groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulières (anciennement artisan, instructeur de natation), à tâche complète auprès du service des sports

9.2. Allocation d'une indemnité aux fonctionnaires chargés de la préparation et de l'organisation des élections européennes du 26 mai 2019

10. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

43

Séance à huis clos

11. PERSONNEL

11.1. Prolongation du service provisoire à accorder à un fonctionnaire communal

11.2. Résiliation du service provisoire d'un fonctionnaire communal

11.3. Nomination d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, à mi-temps auprès du service éducation et accueil

11.4. Promotion à accorder à un fonctionnaire communal

11.5. Départ à la retraite d'un fonctionnaire communal



RAPPORT SOMMAIRE DE LA SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 22 MARS 2019

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude; Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Après que le conseil communal ait marqué son accord pour admettre toutes les pièces supplémentaires soumises en amont de la réunion pour être jointes au dossier, Monsieur le bourgmestre porte certaines informations en relation avec les listes électorales pour les élections européennes du 26 mai 2019 à la connaissance des conseillers communaux. Au total 11'241 électeurs sont inscrits sur les listes électorales dont 10'201 électeurs de nationalité luxembourgeoises et 1'040 électeurs européens d'autres nationalités. 114 nouveaux électeurs se sont inscrits sur la liste électorale notamment comme suite à la campagne communale de sensibilisation pour l'inscription aux listes. Il est de suite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Point numéro 2 de l'ordre du jour – circulation.

Deux règlements d'urgence à caractère temporaire de la circulation sont approuvés à l'unanimité. Il s'agit de règlements édictés par le collège des bourgmestre et échevins à l'occasion de travaux dans la rue Jean Friedrich respectivement dans la rue Lentz.

Point numéro 3 de l'ordre du jour – finances communales.

Le conseil communal approuve par des votes unanimes respectifs, les dossiers suivants: 1. les relevé et rôle supplémentaires de la taxe sur les chiens de l'exercice 2018, reprenant 127 chiens pour un montant global de 4'445€; 2. les relevé et rôle de la taxe sur les chiens de l'exercice 2019, reprenant 1'194 chiens pour un montant global de 41'790€; 3. le contrat de bail conclu avec la société Munhowen S.A. concernant un immeuble d'habitation et de commerce avec privilège de cabaretage y attaché et ses annexes, sis au Parc Le'h et exploité comme brasserie-restaurant; 4. le contrat de fermage avec les époux Rafet Kajevic et Safeta Kajevic-Hodzic pour la mise à disposition de la Ville d'un terrain au lieu-dit « rue Tattenberg », utilisé comme aire de parking et dépôt de matériel temporaires dans le cadre des travaux de réaménagement de la rue Jean Friedrich; 5. l'acte de cession avec Monsieur Marc Hoferlin aux termes duquel la Ville reçoit, à titre gratuit, un bien immobilier au lieu-dit « route de Burange », d'une contenance de 7 centiares dans un but d'utilité publique, à savoir que la parcelle sera intégrée dans le domaine public communal en tant que voirie de desserte, respectivement trottoir; 6. les conventions de collaboration avec la Ville de Rumelange et la commune de Bettembourg au sujet du cimetière en forêt régional Diddeleng-

Gehaansbiërg. Les conventions ont pour objet de fixer les droits et devoirs des parties contractantes par rapport à l'aménagement, l'exploitation et le fonctionnement du cimetière en forêt régional; 7. le devis estimatif de 400'000€ relatif à l'acquisition d'un appartement pour l'aménagement d'un logement social « op Lenkeschléi »; 8. l'acte de vente en état futur d'achèvement, relatif au devis sub 3.7 ci-dessus, conclu avec la société Stugalux Construction S.A. aux termes duquel la société vend à la Ville un appartement en état futur d'achèvement sis rue Marthe Bigelbach-Fohrmann au prix global de 375'000 €; 9. le devis pour l'installation d'une centrale incendie et d'une sortie de secours à l'annexe « Ale Pomjeesbau » pour un montant de 65'000€ TVA comprise; 10. le devis relatif au renouvellement de la toiture au gymnase Boudersberg pour un montant global de 200'000€ TVA comprise; 11. les plans et devis pour un montant de 3'200'000€ relatifs aux travaux de modernisation de toutes les installations techniques et du grand bassin ainsi que l'installation d'un pavillon maître-nageur (1re partie de la phase 2) pour la piscine en plein air, travaux plus spécialement repris ci-après: rénovation du grand bassin en plein air; remise en état de la « cathédrale » souterraine et création d'un nouvel accès; création d'un nouvel accès entre le local technique du rez-de-chaussée et le local des bassins tampons et réfection de la passerelle existante; nouveau podium de surveillance pour les maîtres-nageurs; aménagements extérieurs et renouvellements des conduites vers la pataugeoire; 12. les décomptes de travaux respectivement d'acquisitions extraordinaires suivants: travaux de réfection de la cour de récréation et réaménagement de l'aire de jeux de l'école Gaffelt 299'141,02 €; aménagement d'une ventilation dans la salle de classe de l'école Echerdahl 8'808,37€; renouvellement des rues du Nord, Large, des Prés 2'588'430,62 €; renouvellement de la rue Aloyse Kayser 939'957,22 €; aménagement d'une place et d'un chemin avec escalier dans la rue du Stade J. Nosbaum, rue des Fleurs 74'859,29 €; installation de calisthenics aux aires de jeux 47'397,87 €; renouvellement du gazon synthétique au mini-stade Ribeschpont 24'658,10 €; acquisition d'une scie à panneaux pour l'atelier communal 21'000,00 €; entretien et renouvellement du parc de bennes de chantier de l'atelier communal 3'784,90 €; remplacement de la climatisation au local des serveurs informatiques 25'031,21 €; rénovation du 1er étage du bâtiment, sis 100, route de Volmerange, Innovation Hub Dudelange 173'718,85 €; aménagement transitoire d'un terrain de basketball type Streetball 34'514,19 €; réaménagement de la terrasse de l'école Lenkeschléi



25'585,56€; 13. l'allocation d'un subside extraordinaire de 65.- € à la Fondation Lëtzeburger Blannevereenegung en tant que soutien de ses activités en 2019.

Point numéro 4 de l'ordre du jour – nuits blanches. Le règlement communal concernant les nuits blanches est modifié avec le consentement de tous les conseillers communaux. Dorénavant la veille de la Toussaint et la veille de la Journée de l'Europe (9 mai) sont ajoutées au relevé des nuits blanches généralisées tandis que le lundi de Carnaval, le 1er mai, la Fête Nationale et le dimanche de la kermesse d'été y sont enlevés.

Point numéro 5 de l'ordre du jour – développement urbain. Le conseil communal approuve unanimement à titre définitif la modification ponctuelle du plan d'aménagement général pour des fonds situés au lieu-dit « A Bëlleg » comme suite à son approbation provisoire du 9 novembre 2018.

Point numéro 6 de l'ordre du jour – patrimoine. Par 3 votes, le conseil communal émet unanimement un avis favorable pour l'inscription à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux en raison de leur intérêt historique, architectural, industriel et esthétique, ce conformément aux dispositions réglementaires en vigueur, les immeubles suivants du site respectivement en relation directe avec le site NeiSchmelz: la gare « Dudelange-Usines»; le convertisseur; les immeubles suivants: «Pumpenhaus », « Wasserbecken und ehemaliges Schwimmbad », « Sozialbegäude/Vestiaire », « Lokwerkstatt », « Wagenwerkstatt », « Gebäude-Ensemble aus Maschinenhalle, Schalthaus, Werkstattthalle und Sozialgebäude », « Hauptwerkstatt inklusive der südlichen Erweiterung, dem Stahlwerk », « Haupteingang, Einfassungsmauer und Pförtnerhaus », « Verwaltungsgebäude » et « Tragwerksstruktur des Walzwerkes ». Une proposition d'amendement de la part de la fraction « Déi Gréng », demandant l'inscription à l'inventaire supplémentaire de l'extension de la partie nord de la « Hauptwerkstatt », communément appelée « Hall Fondouq » est rejetée avec 10 voix contre 2 avec 7 abstentions.

Point numéro 7 de l'ordre du jour – commissions communales. Les changements suivants dans la composition des commissions consultatives communales sont approuvés à l'unanimité: Groupe de travail « Gesond Dideleng »: Madame Jennifer Saffran est nommée membre; Commission des affaires culturelles: Madame Lisa Wandivinit remplace Madame Nathalie Haas; Commission des Jeunes: Monsieur David Gauvain remplace Madame Nathalie Haas; Commission des sports et des loisirs: Monsieur Francis Waldbillig remplace Monsieur Raymond Goergen; Commission des bâtisses et de l'urbanisme: Monsieur Francis Waldbillig remplace Monsieur Alex Christoffel; Commission de la circulation et de la mobilité: Monsieur Alex Christoffel remplace Monsieur Francis Waldbillig; les personnes suivantes sont ajoutées au pool des remplaçants: pour le parti «déi Lénk»: Monsieur David Gauvain; pour le parti «LSAP»: Messieurs Alain Klein et Eric Antoine et pour le parti «CSV»: Monsieur Paulo Guedes Alves.

Point numéro 8 de l'ordre du jour – Capitale européenne de la culture 2022. Le conseil communal décide avec les voix de tous les conseillers communaux d'adhérer à l'association «Capitale européenne de la culture 2022 a.s.b.l. ».

Point numéro 9 de l'ordre du jour – décision de personnel
1. la création d'un poste de fonctionnaire communal en surnombre (instructeur de natation), à tâche complète auprès du service des sport est approuvée à l'unanimité;
2. avec 18 voix et une abstention, le conseil communal marque son accord pour l'allocation d'une indemnité aux fonctionnaires chargés de la préparation et de l'organisation des élections européennes du 26 mai 2019.

Point numéro 10 de l'ordre du jour – questions au collège des bourgmestre et échevins 3 questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins, questions auxquelles le collège fournit des réponses séance tenante: question du conseiller indépendant Vic Haas au sujet du laboratoire national de santé; question de la fraction « CSV » au sujet du site CHEM à Dudelange, et question de la fraction « Déi Gréng » au sujet de l'utilisation de plastique.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos pour des décisions de personnel.

Les prochaines réunions du conseil communal auront lieu: le vendredi, 26 avril 2019, 08.00 heures, salle Nic Birtz; le vendredi, 7 juin 2018, 08.00 heures, salle du conseil communal, le lundi 08 juillet 2019, 14:00, salle du conseil communal.

Fin de la séance vers 12.10 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 22. MÄERZ 2019

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Schéine gudde Moien, de Gemengerot ass komplett, dofir proposéieren ech, dass mir ufänken, mir hunn e chargéierten Ordre du jour. Ech wollt nach just bäifügen dass en cours de route, nodeems den Ordre du jour vum Gemengerot per Post verdeelt gouf, effektiv och nach eng Rei Courrieren erakomm sinn, engersäits Ännerungen an de Kommissiounen an och dräi Froen, déi dësen Ordre du jour complétéieren. Ech kann dovunner ausgoen, dass de Gemengerot domadder averstanen ass? Villmools Merci. Da gi mir op Korrespondenz eriwwer. Här Martini?

CLAUDE MARTINI (CSV): Entschëllegt, ech hu just eng kleng Fro, ech sinn nei hei an ech wousst net, dass ee muss doheem si wann de Courrier laanscht bruecht gëtt, dee ganze Pak.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Also, ech krut en net an d'Boîte geluecht an hu missen doheem sinn. Dat heescht, deen Här ass e puer Mol laanscht komm an huet gesot, hie misst en en mains propres ginn. Dofir wollt ech mech och entschëllegen, mä wann dat net esou ass, da wosst deen aneren dat net, dass hien dat an d'Boîte leeë kann.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, dee Message gi mer weider, ech mengen, et war wahrscheinlech exzeptionell well e méi technescher Natur ass. Mir huelen déi Remarque op a ginn dat weider.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Zur Korrespondenz géif ech just ee Message ginn, well jo de 26. Mee Europawale sinn an um Niveau vun der Prozedur vun de Lëscht jo och eist Biergeramt e wuechsamt An drop hält. Et kann ee soen, dass fir d'Europawale momentan 11 241 Leit ageschriwwen sinn, dovunner 10 201 Lëtzebuerger an 1040 Auslänner an et muss ee soen, dass no där ganzer Campagne, déi d'Integratiounskommissioun lancéiert huet, an och vun de Permanencen, déi hei waren, 114 nei Wieler sech ageschriwwen hunn, also auslännesch Wieler. Wann een e bëssen den Detail kuckt, an der Hitparad sinn

déi éischt auslännesch Matbierger, déi wéi ginn, eis portugisesch Matbierger, da kommen eis franséisch Matbierger, eis italieenesch Matbierger an dann déi däitsch an déi belsch Matbierger. Ech wollt lech hei einfach mol déi Informatioun nach weider ginn. Mir hu ronn 54% vun deene Wieler, déi fir d'Europawale wéi ginn, déi dat ausmaache par rapport zu der Gesamtpopulation vun der Stad Diddeleng. Dat als faktuell Informatioun.

Voilà, da géife mir op den zweete Punkt weidergoen. Mir hate virun zwou Wochen eng Entrevue mam Gesondheitsminister a mat der Familljeministesch ronderëm de Standuert Diddeleng - Demenzzentrum ALA - respektiv och Polyklinik. Et ass eng Fro vun der Madame Kayser komm, ech géif dat mat där Fro mat eranhuelen, well dat e Ganz ass, da brauche mir net zwee mol doriwwer ze diskutéieren. Da kënne mir bei d'Circulation eriwwer goen, do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. Confirmatioun vun engem dréngenden temporaire Verkéiersreglement wéinst Remenagementsaarbechten an der Rue Jean Friedrich

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter, dat éischt Reglement wat mir um Ordre du jour hunn, de Punkt 2.2, dat ass de Chantier Friederich Strooss, do hu mir ugefangen an dofir missen mir e Règlement d'urgence huelen, wat mir haut hu musse confirméieren am Gemengerot. Firwat d'urgence? Well mir bis dee leschte Gemengerot nach net all Detail haten an och net genau woussten ob den Entrepreneur elo kéint ufänken oder net, a wéi dat bis gekläert war, hu mir eng Biergerversammlung gemaach an do waren och weider keng Awänn, dofir hu mir dunn en Règlement d'urgence geholl fir kennen unzefänken.

Detailer, et ass do net anescht wéi bei all aneren Chantier och, dat heescht dass wochendags vu méindes bis freides verbueden ass eranzefueren, vun 7:30 Auer bis 16:30 Auer, ausser fir d'Riverainen, d'Fournisseurs an natierlech och d'Rettungsdéngschter an de Müllwon. Et soll ëmmer en Accès fräi bleiwe fir bei de Scouts Chalet ze kommen, d'Scoute waren och vertruend op eiser Informatiounsversammlung, respektiv soll och ëmmer jiddereen ëmmer bei säin Haus kommen, dat an Ofsprooch mam Entrepreneur. Wou geschafft gëtt, ass dat net ëmmer esou einfach, mä den Entrepreneur huet de Leit awer och verséichert, dass dat méiglech ass. Während dem Forage, dat ass eng Buerung fir dat éischt Stéck vum Kanal, ass dat jo souwisou weider fir de Verkéier op, dat ass elo momentan de Fall, an ab dem



1. Abrëll eréischt gëtt den Chantier an enger oppener Bauweis virugefuer. An ab do ass déi Strooss esou gespaart, wéi ech dat virdru gesot hunn, dat heescht vun 7:30 – 16:30. Dat Stéck wou grad opgerappt gëtt, dat ass just am Sens unique ze befueren, dat wëll heeschen, dass wann zwee Autoen sech begéinen, deen een Auto muss waarde bis deen anere laanscht ass. Och dat ass näischt Aussergewöhnlech op Chantieren.

Hei huet da Virfahrt deen Auto, deen aus der Rue Tattebiereg kënnt. Fir déi Leit, wou déi Strooss kennen, déi wëssen och wéi déi Strooss ass, dass do e grouss Parkplazemangel géif entstoe wann do géif opgerappt ginn, well do ganz vill Haiser sinn, déi keng Garage hunn an och keng Afaart hunn. Fir deem entgéint ze wierken, wäert während dem Chantier e provisoeresche Parking vun 20 Parkplazen amenagéiert ginn, dat ebe fir den Awunner vun der Rue Jean Friedrich entgéintzekommen. Dat wier et eigentlech gewiescht wat ech zum Verkéiersreglement ze soen hätt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol, d'Diskussioun ass op. Här Jadin.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter d'Awunner vun der Jean Friedrich Strooss, déi begrëssen dee provisoeresche Parking, ech hu just eng Fro: Dat risegt Lach wat do gebaggert gëtt, wat ass dat?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dat ass de Forage wou ech sot, do gëtt eng Kéier e Lach gebuddelt an da gëtt duerch dat Lach geschafft, dat verhënnert eben, dass een am Ufank direkt muss d'Strooss oprappen. Dofir ass d'Strooss eréischt ganz gespaart vum 1. Abrëll well dann an oppener Aart a Weis geschafft gëtt, wat do net hätt kéinte gemaach ginn, dat ass och eng Saach firwat mir net genau woussten ob de Chantier elo direkt kéint ugoen oder nach hätte missen e bësse waarden. Wa mir dee Forage net gemaach hätten, wier déi Strooss elo schonn e puer Woche ganz op gewiescht. Dat doten huet eis elo e bësse gehollef fir datt d'Strooss méi laang kann op si fir d'Awunner.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, et schéngt keng weider Froen ze sinn, kënne mir dann iwwer dëse Règlement d'urgence ofstëmmen? Wien ass averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

2.2. Confirmatioun vun engem dréngenden temporaire Verkéiersreglement weinst Aarbechten an der Rue Lentz

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): D'Post ass amgaangen, wéi op ville Plazen, net nëmmen an Diddeleng, mä am ganze Land opzerappen, si sinn an der Lentz Stross, zwëschen der Rue Mathias Cungs an der rue de la Paix, fir d'Glasfaserleitungen ze leeën. Initial soll do just de Parksträif zwëschen den Haiser 47- 68 betraff sinn an de Verkéier problemlos do laanscht fueren, et muss awer elo dagsiwwer eng Fuerspuer gespaart ginn, fir och sécher ze sinn, dass d'Aarbechter ouni Gefor kënne schaffen. Aus deem Grond stellt den Entrepreneur da vun 8 Moies bis 17 mëttes rout Luuchten op fir de Verkéier ze regelen. Owe a weekends sinn déi 2 Spueren erëm op an den Accès zu den Haiser ass och garantéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol, si Froen dozou? Här Jadin.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Ech fueren oft laanscht déi Strooss fir op de Bureau ze fueren an ech verstinn net firwat déi Luuchten eréischt sou spët dohinner komm sinn, dat war zwou Wochen deen Chaos, d'Leit hu getut an sech opgereeget, et war een an den Chantier eran. Déi Luuchten hätte missen direkt do sinn, déi Leit déi vun ënnen erop komm sinn, déi sinn net méi do laanscht komm well dann de Bagger do stoung, ech froe firwat dat 3 Woche gedauert huet bis déi Luuchten iwwerhaapt do waren.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Well den Entrepreneur se do eréischt ugefrot huet, well hien eis gesot hat, hie géif esou eens ginn a mir bräichte keng dohinner ze setzen. Den Entrepreneur huet awer iergendwann gemierkt dat et fir d'Sécherheet vu sengen Aarbechter besser wier do Luuchten hinstellen, du si mir deem och direkt nokomm, sou dass ech denken, dass den Entrepreneur dat selwecht erlieft huet wéi Dir Här Jadin, an dass en dofir bei eis an de Service koom, ouni Detailer ze ginn, en huet just gefrot ob mir dat kéinte maachen an dem si mir dunn no gaangen. Mir kënne en awer nach eng Kéier froen.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Ech fannen, bei esou Saache soll dat direkt mat ugefrot ginn, et fuere vill Autoen do laanscht, et ass wierklech oniwiersiichtlech well déi schaarf Kéier do dran ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da stëmme mir of. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.



3. GEMENGEFINANZEN

3.1. Approbatioun vum zousätzleche Relevé a Rôle vum der Hondstax fir d'Geschäftsjoeer 2018

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Bei de Gemeengefinanzen hutt Dir den Hondsrôle virleien awer de Rôle supplémentaire fir d'Joer 2018 an dat sinn nach zousätzlech Recettë vu 4 445 Euro, dat sinn also - wann een dat duerch d'Tax deelt - gutt 127 frëndlech Hënn, déi wéi gesot dobäikomme fir d'Joer 2018.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hätt do just eng generell Fro: Déi Hondstaxen, déi opgehewe ginn, dat si jo alles Hënn, déi vun de Propriétaires selwer deklaréiert ginn. Hu mir en lwwerbléck iwwer d'Proportioun vu wëllen Hënn, déi bei engem Propriétaire sinn, déi awer keen Chip hunn oder esou, hu mir do en lwwerbléck, wéi déi Situatioun hei zu Diddeleng ass? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Jo, mir hunn en lwwerbléck, well effektiv iwwer d'Biergeramt, wou een sech muss enregistréieren an awer och eise Bannhider, deen um Terrain aktiv ass, hu mir a regelméissegem Ofstänn, wou mir Courrieren erausschécken an effektiv Leit, wa mer se identifizéiert hunn, dass se en Hond hunn, deen net enregistréiert ass, respektiv wou mir dann och mierken, dass net déi néideg Formationen gemaach gi sinn, dass mir dann d'Leit iwwer Courrier opfuerderen, deem nozekommen. Also, mir hunn de e kloere Suivi iwwer déi Situatioun, respektiv hu mir och emol Situatiounen wou Leit aus dem Voisinage, déi sech bei eis mellen a wou mir och deene Situatiounen noginn. Iwwer eise Bannhider hu mir do deen néidege Suivi.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter ech wollt op e kleng Problem hiweisen, dee mir an och deejéinege vun lech déi zu Fouss ënnerwee sinn, sief et an oder ronderëm d'Le'h, de Wal an de Ginzebiereg an esou weider, an zwar deen, dass vill Hondsbesëtzer sech net drun halen, hiren Hond an der Léngt ze halen. Et gesäit een dann Hënn, déi de Kéi nolafen, déi duerch d'Clôture ginn, Hënn, déi duerch de Bësch an d'Gehecks lafen an d'Wëld, notament dat jonkt Wëld hetzen. D'lescht Joer gouf zum Beispill zwee Mol en Hond ouni Léngt hannert der Le'h gesinn, deen e Réi gehetzt an dout gebass huet. Sāi Meeschter war wäit ewech an ass net intervenéiert. Ech wier dofir frou wa mir Schëlter mat "Hunde an der Leine führen" an och op Franséisch op etleche Platzen als Rappel setze géifen. Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Dat kann ee maachen, mir hate jo och schon am Virfeld doriwwer riets gehat an eise Bannhider mam Fierschter wäerte kucken, dass se Plazen detektéieren an deene Bëscher fir kënnen an der Entrée an an der Sortie vun deene Bëscher esou Schëlter opzesetzen, wéi bei eis an de Parken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir den Hiweis an och Merci dem Här Manderscheid. Nach weider Froen? Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech soen dem Här Zuang Merci fir déi Interventioun. Wat ech awer feststellen, dat ass, dass et zu Diddeleng net vill Platze ginn, wou een den Hond ka lafe loossen, zu Diddeleng feelt definitiv eng grouss Hondswiss, wéi se zum Beispill um Belair ass, wou ee sāin Hond ka lafe loossen an och spille loossen. Ech mengen, dat ass ee vun de Grënn firwat se hir Hënn lafe loossen, et si vill Leit, déi wunnen an engem Appartement, déi hu kee Gaart, wou se hiren Hond kenne lafe loossen an och mat him spillen. Um Belair gëtt et dat, hei gëtt et dat néierens. Villäicht kéint een dat eemol virgesinn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Merci Här Martini, mir sinn amgaangen ze siche fir eng Hondswiss ze maachen, nach ass et net sou einfach fir esou en Terrain ze fannen. Mir hunn eng Wiss an der Le'h wou d'Leit hir Hënn elo scho lafe loossen, nach weess ech net wem se gehéiert an dat ass e bëssen de Problem. Et ass net eis, dat ass de Problem. Mir sinn domadder amgaangen. Et muss een och eng Wiss hunn. Beim Casino ass e clôturéierten Deel am Park, wou d'Hënn kenne frāi lafen. Dat gëtt et schon zënter e puer Joer. Do kënnen se eragelooss ginn an do lafen se da frāi. Do hutt Dir eng bësse méi kleng Wiss. Mir maachen eng méi grouss.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och fir déi dote Stellungnahm. Här Jadin. Mir gi vum Hondsrôle op eng allgemeng Hondsa Spillwiss. Also, dat ass elo déi lāscht Fro an da maache mir zou a kommen awer zum Vote.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Ech wëll awer och bemierken, et ass selbstverständlech, dass déi Tax do muss bezuelt ginn, mā et ass net den Hond, deen am Feeler ass, et ass ëmmer de Meeschter. A wann de Meeschter sāin Hond frāi lafe léisst, dann ass dat esou, a wann en net gezillt ass, da kënnt en och net erēm an attackéiert alles a wou d'Leit enmerdéiert sinn, dat ass mam deem Kacka, deen en iwwerall hileet. Wann d'Leit deen net ofhiewen, kann den Hond dofir näischt. Dat muss een sech bewusst sinn.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Jadin, ech mengen, d'Propriétaire vun Hënn müssen sech ëmmer bewosst sinn, dass hir Responsabilitéit als Propriétaire engagéiert ass an déi Responsabilitéit hält keen hinnen ewech, och wann se de Message ginn, dass hiren Hond näischt mécht, de Propriétaire ass ëmmer haftbar. Dat muss een ëmmer wëssen. Dëst gesot, ech mengen et ass eng Diskussioun, déi Unanimitéit hei mécht a wou mir eng Rei Moossname wäerten huelen. Ass de Gemengerot mam zousätzleche Rôle vum Joer 2018 averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.2. Approbatioun vum zousätzleche Relevé a Rôle vum der Hondstax fir d'Geschäftsjoeer 2019

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da kënnt nach de Rôle vum Joer 2019 an der Situatioun effektiv op Mäerz 2019 an dat sinn 41 790 Euro, dat ass de Stand op Mäerz. Natierlech wäerte mir dann dat nächst Joer och nach den zousätzleche Rôle hunn. Well dat ass an der Continuitéit vum Joer 2018. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.3. Approbatioun vun engem Contrat de bail mat der Societéit Munhowen S.A.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir weider goen, do hu mir hei e Contrat de bail, dee mir mat der Societéit Munhowen hunn an do geet et ëm de Restaurant Parc Le'h, wou d'Gemeng Propriétaire ass, respektiv e Contrat de bail huet mat Munhowen a Munhowen eng Sous-Locatioun mécht, et ass effektiv déi kllassesch Situatioun, déi mir hei hunn, scho säit enger Rei Joeren. A bei deem Contrat de bail geet et dorëms, deem ze erneiere well deem den 31 Dezember 2019 ofleeft. Mir haten och am Virfeld eng Diskussioun mat der Brauerei Bofferding, also mat der Societéit Munhowen. D'Durée vum dem Kontrakt sinn 9 Joer ab dem 1. Januar 2020, natierlech e Loyer fixéiert op 2 500 Euro, deem och indexéiert ass. Och den Objet vum Bail ass kloer: Brasserie Restaurant mat Terrass, déi virgesinn ass. Wat d'Exploitatioun vum Restaurant ugeet, hale mir dat ëmmer am Dialog oprecht an diskutéiere fir ze wëssen, wien dohinner kënnt.

D'Diskussioun ass, dass de bestehenden Exploitant fortgeet, mee dat heizen ass eppes, wat mir perenniséieren, eppes wat gutt leeft. Och ouni Consentement kënne keng Transformatiounen gemaach ginn, an et ass och esou, dass déi ganz Taxe ronderëm Gas, Waasser, Elektresch Kanalisatioun a Poubellen natierlech de Locataire muss huelen an un de Sous-Locataire weidergëtt. An natierlech setze mir och

viraus, dass d'Sous-Locatioun méiglech ass, soss wier den Exploitant net am Restaurant do. An natierlech, wann iergendwellech Problemer wieren, dass mir dat kläre virun de Lëtzebuerger Geriichtsbanken. Dat ass also e bëssen d'Essenz vun deem Contrat de bail, also kee grouse Changement par rapport zu der aktueller Situatioun an hei gëllt et einfach, dëst ëm 9 Joer ze perenniséieren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, et ass wéi Dir sot, momentan funktionéiert de Restaurant ganz gutt, d'Leit sinn ëmmer zefridden, och mat der Terrass: Et ass och gutt, dass mir hei eraschreiw, dass déi och muss op si während de Summerméint. Dat war ëmmer virun eng Doleance well do an der Mëttesstonn ëmmer zou war a grad elo, also de leschte Summer huet sech gewisen, dass eng oppen Terrass agreabel ass, en plus well mir de Kloterpark an der Géigend hunn, dofir ass dat eng gutt Saach. Ech wollt just nach eemol nofroen: De Loyer ass op 2 500 Euro fixéiert ginn, do hat ech nogekuckt gehat, dee war 2012 op 2 000 Euro fixéiert ginn an dann un den Index gebonnen, do huet et geheescht, dass dee géif erhéicht ginn. Dat heescht - wann ech dat richteg verstanen hunn - ass e vun 2012 bis elo schonn eropgaangen a mir hunn en elo mat 2 500 Euro perenniséiert, dann ass dat ok.

Ech wollt och nofroen, mir hunn en aneren Contrat de bail gehat mat dem Sous-Locataire, deem dee kleng Pavillon geréiert, dee gebaut ginn ass, do hate mir och e Kontrakt mat 500 Euro Loyer. Elo ass meng Fro: Da musse mer dee jo awer wahrscheinlech och eng Kéier nei maachen? Dat war mat där Associatioun "An der Le'h", déi hat dunn de Pavillon zur Verfügung gestallt kritt. Do hate mir e Kontrakt vun der Gemeng mat där Societéit gemaach, do wollt ech nohaken, dat ass jo elo net mat hei dran? Do wëll ech froen ob mir deem dann och eemol op de Leescht müssen huelen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Stellungnahme a Froen, déi ech wäert beäntweren. Sinn nach weider Froen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Et ass jo sou, dee Contrat de bail, dee mir hei hunn, dee gëtt jo verlängert wann en ausleeft. Dee Moment, déi Konstruktiounen, déi gemaach goufe fir d'Pavillon, ech weess elo net méi wéini déi genau oflafen, mä déi si méi rezent. Dat ass jo nach net...

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn dat erausgesicht, deem ass 2012 a Kraaft getrueden. D'Durée kucken ech nach no.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt, et ass de selwechte Prinzip, wenn och do dat ausleeft, da maache mir dat och do nei. Hei si mir an der Zäitschinn, datt mer dat mussen erneieren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ah jo, hei hunn ech et: En ass 2012 ofgeschloss ginn “avec une durée de 3 ans tacitement renouvelée par périodes triennales”. Da wiere mir 15, 18, da musse mer awer iergendwann eng Kéier oder geet dat automatesch weider?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat geet automatesch weider, ausser et géif gekënnegt gi vun deem engen oder deem aneren. Gutt, kënne mir dann elo iwwer dëse Contrat de bail fir de Restaurant Park Le'h ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.4. Approbatioun vun engem Contrat de fermage mat der Koppel Kajevic-Hodzie

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann, an der Continuitéit vun der Discussioun ronderëm de Projet an der Jean Friedrich Strooss, hu mir och e Contrat de fermage, do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Ech ginn elo manner op de Kontrakt an, mee méi op dat firwat mir et maachen. Firwat loune mir elo dat Stéck? Ech hu virdru scho beim Verkéiersreglement gesot, dass mir e provisoiresche Parking do maache fir d'Leit aus der Friedrich Strooss, wéinst deem Chantier, an dofir ass dëse Vertrag och geméint. Et geet awer net ëm Parkplazen alleng - 20 Stéck sinn et der - mä och den Entrepreneur muss jo, wann en e Chantier huet, seng Saachen iergendwou stockéiere während deem Chantier, och dat wäert hien da kënne op där doter Parzell maachen.

Ech sot et schonns, déi déi d'Friedrich Strooss an och d'Émgeigend besser kennen, déi wëssen, dass wa mir déi Méiglechkeet hei net wouer huelen, dass d'Leit da mussen op de Parking Tattebiërg parke goen, respektiv an déi Stroosse ronderëm, déi souwisou schon iwwerlaascht sinn an de Parking Tattebiërg ass fir déi meescht Leit awer e ganz wäit Stéck ze goen, sou dass de Pachtvertrag also net nëmmen d'Parksituatioun während dem Chantier erlichtert - de Chantier ass iwwregens mat 200 jours ouvrables ugesat - mä och dozou bäidréit, dass den Entrepreneur séier virukënnt, doduerch dass en ebe seng Saachen no um Site ka stockéieren, nämlech op där doter Parzell.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol, da ginn ech op de Pachtvertrag, wat de formelle Kader an déi verschidden Dispositiounen ubelaangt, an. Et ass esou, d'Propriétaire sinn den Här Kajevic an d'Madame Kajevic-Hodzie, déi eis hir Parzell fir 12 Méint zur Verfügung stellen an d'Bedingunge sinn, dass dat uleeft vum 1. Mäerz 2019 bis den 1. Mäerz 2020 an dat fir e Loyer vun 1 800 Euro de Mount. Dir hutt eraushéieren, dass déi temporaire Parkplaze si fir d'Awunner a fir d'Installation de chantier. Et ass och esou, dass do eng Trennmauer besteet zwëschent hirer Propriétéit an der Voie publique, déi geet op Käschte vum Pächter, also vun eis gëtt déi ofgedeckt, respektiv vum Entrepreneur.

Ech wëll och Erklärungen gi firwat - dat ass am Punkt 7 - mir dofir suergen, dass Zouleitungen wéi Gas, Kanal a Waasser an engems gemaach ginn. Virun enger ganzer Rei Joeren - do hat den Här Kajevic e Projet erageeicht fir op där Platz e Bauprojet ze maachen, do huet en och schon e Préjugé favorable kritt, dat war 2014, dat heescht, do hat d'Bautekommissioun dat positiv aviséiert a vu, dass déi Aarbechte souwisou do kënne stattfannen, kann an engems och déi néideg Kanalisatiounen geluecht gi während dem Chantier. A wéi gesot, wat och nach eemol wäert kommen - dat ass am Punkt 8 - déi Cession gratuite, dat ass also och en Deel vum Terrain, wann et eemol esou wäit ass, dat heescht wann d'Aarbechte fäerdeg sinn, wäerte mir och déi Cession gratuite deementspriedend maachen. Dat e bëssen awer och zu dësem Pachtvertrag, deen am géigesäitegen Dialog an Averständnis mam Propriétaire opgestallt gouf.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter ech hat déi Fro nom Artikel 7 och wollte stellen - Merci fir d'Explikatiounen - ech hunn awer nach zwou aner Froen. Dir hat gesot dass och den Entrepreneur den Terrain benotzt, gëtt deen eis och en Deel vun deem Loyer, dee mir un d'Leit weiderginn, also dee mir musse bezuelen, kréie mir deen zeréck vum Entrepreneur? A wéi évitéiere mir, dass de Parking och genotzt gëtt vun ebe Leit, déi net wëllen an d'Zon vum Parking résidentiel goen, wéi maache mir dat, dass do wierklech d'Leit aus der Friedrich Strooss parke ginn, wéi eng Méiglechkeeten hu mir do?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Et ass Parking résidentiel do, dat heescht, déi normal Regele spille wéi se och soss an der Strooss géife spillen, wa kee Chantier wier op deem Parking. Well den Horodateur ass jo souwisou an der Strooss. Alles wat an där Strooss gëllt, d'Schëlter, brauche mir guer näischt ëmzeänneren, dat gëllt och fir de Parking. Och, dass keng Camionnetten do dierfen nuets stoen an dat selwecht wat eis Agenten



an d'Police kontrolléiere wa kee Chantier do ass, dat kontrolléieren se och wann e Chantier ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also, et ass net virgesinn dass den Entrepreneur eis hei elo déi 1 800 Euro d'Joer fir de Loyer zeréckgëtt, well mir jo all Interêt hunn, déi dote Parzell einfach ze kréien an zur Verfügung ze stellen, ebe fir de Parkraum ze erméiglechen an och d'Installation de chantier. Dofir ass et éischer vun eiser Säit aus, dass mir déi Sue bezuelen, mä et ass net virgesinn, dass den Entrepreneur eis déi zeréckbezilt. Well mir jo en Avantage hunn duerch déi Dispositioun. Ass de Gemengerot mat deem Contrat de fermage averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.5. Approbatioun vun engem Acte de cession mat dem Här Marc Hoferlin

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir eriwier op en Acte de Cession gratuite mam Här Marc Hoferlin, dee Propriétaire ass vun enger Parzell an deem hei vertrueden ass an deem Akt duerch den Här Max Maret, an déi cedéieren der Gemeng Diddeleng an der Bierenger Strooss 7 Zentiar. Déi Cessioun gëtt hei gratis gemaach, mir hunn d'Frais en charge geholl, wat den Akt selwer ugeet, an natierlech ass dat wat mir cedéiert kréien e Stéck Trêtoire. Dat zu den Erklärungen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.6. Approbatioun vun Zesummenaarbechtskonventiounen mat der Stad Rëmeleng an der Gemeng Käl punkto regionale Bëschkierfecht Diddeleng-Gehaansbiereg

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir weidergoen op de regionale Bëschkierfecht. Deen hate mir am Gemengerot hei schonn an hunn effektiv de Prinzip festgehalten, wou och am regionale Verbond eng ganz Rei Gemenge matmaachen an déi och déi Conventioun, déi mir hinne proposéiert hunn, an hirem Gemengerot haten an dat och positiv approuvéiert hunn. Dat sinn engersäits d'Gemenge Rëmeleng a Beetebuerg an och d'Gemeng Réiser wäert deemnächst dat och an de Gemengerot huelen an am Fong hei geet et ëm déi bilateral Conventiounen am Kader vum regionale Bëschkierfecht, dee jo ab Ufank des Joers a Betrib kennt, wou mir jo och eng Aweigung haten, wou mir effektiv deene Gemengen dat ab dem Januar 2019 zur Verfügung stelle fir eng Durée indéterminée. Do ass natierlech e Preavis vun engem Joer, wou déi Conventioun, déi mir mat hinnen hunn, ka réckgängig gemaach ginn. De Bëschkierfecht kennt Dir, deem ass zu Butschebuerg um Gehaansbiereg.

Natierlech ass d'Gemeng Diddeleng en charge mat senger Servicer fir dee ganzen Entretien, mä natierlech déi ganz Modalitéiten, déi administrativ Demarchen, d'Verstreeë vun den Äschen, ginn iwwer déi kompetent Servicer vun der Stad Diddeleng, et ass do wou et zentraliséiert gëtt, an et ass och d'Reglementatioun vun der Stad Diddeleng, déi en vigueur ass. Mir froen awer och eng finanziell Partizipatioun, de Gemengen déi matmaachen, engersäits eng finanziell Participatioun unique vu 5 000 Euro an dann awer eng järelech Partizipatioun vun 1 000 Euro, engersäits fir déi Chargé ronderëm d'Material, ronderëm d'Consommablen, d'Personalfrais, a wann e Litige wier, da kënnt dat virun d'Gerichtsbarkeeten.

Wéi gesot, dat ass de Stand vun der Conventioun, de Contenu ass deesewechte fir d'Stad Rëmeleng wéi och fir d'Gemeng Beetebuerg, an den nächste Gemengerot wäert och d'Gemeng Réiser dobäikommen. Dat zu den Ausféierungen, wat des Conventioun ugeet.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buegerméeschter, ech wollt just froen: Do am Enoncé do steet, Ville de Rumelange et la commune de Kayl? An eng zweet Fro: Dierfen do uewen och reliéis Zeremonië gemaach gi bei enger Verstreungsaktivitéit? A meng drëtt Fro: Wann elo do uewen e Verstuerwene verstreet gëtt, ass dat exklusiv eisen Doudegriewer, deem dat mécht oder bréngt do déi jeeweileg Gemeng hiren Doudegriewer mat fir dat ze maachen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Froen? Da ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo, effektiv steet Käl do an net Beetebuerg, dat ass e Feeler. Dann, zu de reliéis Zeremonien, natierlech dierfen déi do och ofgehalen gi mam Paschtouer, just d'Dispersioun, déi muss ëmmer mat engem vun eise Leit gemaach ginn. Dat ass ganz kloer. Si haten do uewen elo och schonn Zeremonien, wou keen dobäi war, wou d'Famill dat einfach esou wollt maachen, awer et muss ëmmer ee vun eis sinn. Also, am Prinzip kann d'Zeremonie vun engem Anere gehale ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Erklärungen, mir sinn do zimlech breet opgestallt. Ass de Gemengerot mat den zwou Conventiounen (Gemeng Rëmeleng a Beetebuerg) averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.



3.7. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Kaf vun engem Appartement fir d'Ariichte vun enger Sozialwunneng "Op Lenkeschléi"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir eriwuer op de Quartier Lenkeschléi, do hate mir schon am Bilan drastoen, dass mir d'Acquisitioun maache vun engem Appartement, do loosse mir eis d'Virkaufsrecht spillen, sou wéi mir dat och am Kader vun der Exekutioun vum PAP drastoen haten. Hei ass en Appartement, mat deem mir eis haut hei befaassen, et ass engersäits den Devis estimatif vum Appartement an och d'Approbatioun vum Acte de vente, vun enger Vente en l'état futur d'achèvement, dat ass de classesche Prinzip, wéi mir en och mat deenen aneren haten.

Hei ass et en Appartement, dat mir kafen an der 11 rue Marthe Bigelbach-Fohrmann, et ass esou dass mir hei en Devis hu vu 400 000 Euro engersäits fir d'Appartement mat Kichen, dat ass den Devis estimatif, dee mir hei hunn, ech wëll och schonn hei als Info soen, dass déi nächst Woch d'Remise des clés wäert sinn, sou dass mir och stolze Propriétaire vun deem Appartement ginn, wann och de Gemengerot hei den Acte guttheescht an dat och dann deementspreechend iwwergeet, classesch nom Prinzip wéi mir bis elo ëmmer haten, un den Office Social, deen dann d'Gestion mécht. Mir hu bei deem heite Prinzip och schonn den Accord vum Logementsministère fir eng Konventioun ze maachen, wou mir bis maximal 2 500 Euro de Metercarré subventionéiert kréien, dat wäert souwisou och an engem nächste Gemengerot hei virgestallt ginn. Wéi gesot, den Accord de principe hu mir och scho vun hinne kritt.

Dat ass engersäits den Devis an dat ass an der Résidence Blanche. An dann, wann ech op den Acte de vente en l'état futur d'achèvement aginn, ech mengen do ass e ganzen Dossier, well et am Fong déi ganz Residence betrëfft. Do gesäit een, dass d'Appartement gutt 75 Metercarréen huet, dass nach en Emplacement intérieur ass, dass och e Gaart ass, respektiv och e Keller. Et ass en Akt, dee mir hu mat der Sociéité Stugalux Constructions S.A., an et ass wéi gesot eng Vente en l'état futur d'achèvement, dat heescht, de Prinzip vun där Vente ass, dass een en fonction vun der Evolutioun vum Chantier stéckweis Propriétaire gëtt. Hei ass et esou, dass mir engersäits Propriétaire gi vum Appartement, dat sinn 13,026 Milliëm vum der ganzen Résidence Blanche, déi do entsteet.

Et ass de Block C 11 rue Marthe Bigelbach-Fohrmann, Dir gesitt och wéi dat opgedeelt ass an déi verschidde Bléck. Wat eis concernéiert, ass de Block C, wou och schonn déi néideg Baugenehmegungen ausgestallt goufen. Effektiv, d'Demande war am Joer 2014,

d'Baugenehmegung ass kuerz drop ausgestallt ginn, am Joer 2016. Dann, mengen ech, gesäit een hei kloer eraus op der Säit 20, wat déi verschidden Elementer si vun der Acquisitioun, déi mir maachen, Appartement, Keller, Gaart, an och eng Stellplaz am Haus selwer.

Et ass esou virgesinn, dass hei am Akt steet, dass virum 31. Juli 2019 d'Aarbechte fäerdeg sinn, dat heescht wann déi nächst Woch d'Remise des clés ass, dann ass den Delai absolut an deem Sënn respektéiert an dee Moment, wou mer den Akt ënnerschriwwen haten, do ware scho gutt 75% vun den Aarbechte fäerdeg. Ech mengen, et war schonn zimlech fortgeschritt. Wat ech nach ka soe par rapport zum Akt, dat ass, dass 375 000 Euro drasteet, dass och en fonction vun der Situatioun mir en Akt ënnerschriwwen hunn, dass eist Engagement war, 363 314,47 Euro ze bezuelen, dat spëtstens ee Mount no der Transkriptioun am Hypothéikebureau, an de Rescht, déi 5%, dat sinn 11 585 Euro bei der Remise des clés.

De Moment hu mir nach näischt bezuelt well mir fir d'éischt den Akt hei musse guttheeschen, éier mir iergendwellech Sue liquidéieren, an natierlech och hei dra stoen hunn, dass dës Acquisitioun sech aschreift an d'Utilité publique. Dat ass summa summarum d'Kärstéck vun dësem Akt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, et wäert lech net erstaunen, dass mir allegueren hei um Dësch frou sinn, dass mir dës Schratt maachen, et huet ëmmer jiddereen - an och d'CSV - betount, dass et wichteg ass, dass mir och aktiv gi wa mir wann nei Zonen, nei Appartementer gebaut ginn oder nei Lotissementer gemaach ginn, dass mir och eiser Pflicht nokomme fir bezuelbare Wunnraum ze schafen. Hei gi mir an der Kontinuitéit op dee Wee. Dat hei ass méi eng kleng Wunneenheet, wat sécherlech och gutt ass, well och déi Leit, déi eng Wunneng sichen, ënnerschiddlech Besoinen hunn. Mir hunn eng Wunneng - wann ech richtig am Kapp hunn - mat 3 Kummeren Op Lenkeschléi, eng mat 2 an hei ass dat méi eng kleng Wunneng mat 72 Metercarréen.

Meng Fro ass just: Dir hutt gesot, den Office Social iwwerhëlt d'Gestioun, bei der leschter Acquisitioun hat den Här Manderscheid gesot, mir si vir bái an hanne widder, wat eis Manpower ubelaangt. Do wollt ech froen, ob mir nach aner Acquisitioune packen, well mir jo awer nach niewent dësem 3. Appartement aner Appartementer an där Cité wëllen eis uschaffen. Dann, wat d'Subventioun vum Staat ubelaangt, do hutt Dir gesot 2 500 Euro pro Metercarré, ass dat ëmmer fir d'Gesamtwunneng, also och mat der Stellplaz an der Terrass oder ass dat reng Wunnfläch, well wann et



nëmmen d'Wunnfläch ass, da komme mir net op déi 75% Partizipatioun, da si mir knapp bei 50%.

Dat muss een dann awer och eng Kéier mathuelen an de Ministère, et gëtt ëmmer gesot d'Gemenge mussen hire Schratt maachen an d'Gemeng mécht hei e Schrëtt a wann am Ufank ugeprise ginn ass, 75% iwwerhëlt de Staat vun deenen Investor an elo si mir bei 50%, da si vill Gemengen, déi dee Wee net kënne goen, déi keng Reserven hunn, dat muss een dann zesummen, wahrscheinlech mam SYVICOL a mat dem Ministère aushandelen a kucken, dass mir do op e besseren Taux kommen, well soss ass et kee Wonner, dass mir vir bäi an hanne widder si mam bezuelbare Wunnraum hei zu Lëtzebuerg.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnahmen?

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hätt nach eng Fro: Et ass net nëmme bei deem hei mä och bei aneren, do läit ëmmer eng Expertise vun eiser Staatsarchitektin dobäi, déi certifiéiert wat d'Valeur vun dem Objet immobilier ass. Do wollt ech froen, ass dat OK, well si jo selwer an der Gemeng schafft, oder ass et do éischter indiquiert fir en expert vu baussen ze chargéieren, ech wollt dat hannerfroen wéi do d'Prozedur ass. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, eis Fraktioun, an ech och a menger Fonctioun als President vum Office Social, begrüessen natierlech de Kaf vun dëser drëtter Wunneng op Lenkeschleé. D'Gemeng huet hei hiren Droit de préemption spille gelooss. All weider Wunneng, déi d'Gemeng bäikritt, ass wichteg a gëtt kuerzfristeg un eng Famill an Nout, där et der genuch ginn hei zu Diddeleng, weiderginn. Just als Informatioun, aktuell komme mir mat dëser Wunneng op 48 Unitéiten, wouvunner den Office Social der 38 geréiert. Et gëtt effektiv enk, mä d'Volontéit ass do fir e Service ze grënnen, an an där Optik packe mir déi Wunnengen do spillen.

Mir sinn zouversichtlech, dass de Schafferot sou wéi et a senger Schäfferotserklärung steet weiderhin subventionéierte Wunnensbau kafe wäert, ëmmer dann, wann d'Méiglechkeet sech ubitt. Ech wollt just nach zu der Konventioun froen: Gëtt dat dann elo eng gemeinsam Konventioun fir déi dräi Appartementer op Lenkeschleé gemaach oder muss do all Kéier eng eenzel Konventioun gemaach gi pro Appartement?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnahmen? Nee, da ginn ech op e puer Punkten an, nom René Manderscheid, deen nach op d'Cellule Logement ageet.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, mir packen dat nach, vu dass nëmme eng Wunneng bäikennt, ech hat jo am Kader vun de Budgetdiskussiounen gesot, an Zukunft kréie mir nach e ganze Koup aner Saache bäi, ënner anere praktesch e ganze Stack am Veräinshaus an och nach op anere Plazen, wou mir an Diskussiounen si fir eppes ze kréien. Ech hu jo och gesot gehat, dass déi Cellule Logement den Ament nach esou heescht, mir ginn awer an de Service Logement, mir hu wëlles, dee Service am Joer 2020 op de Been ze hunn, sou dass mir dann anescht opgestallt sinn, wat natierlech bedeit, dass mir müssen déi eng oder aner Persoun zousätzlech astellen, soss packe mir déi Situatioun net. Aktuell packe mir alles wat mir elo hunn, 2020 gëtt dat awer eng aner Nummer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, da ginn ech och nach op déi eenzel Punkten an. Effektiv, fir hei den Choix ze maachen, méi e klengt Appartement schreift sech eben och an d'Diversitéit an, well och Besoine mol verschidde sinn, dat ass richteg an do sinn ech och Ärer Meenung, et ass net déi éischte Kéier, dass mir hei driwwer diskutéieren, mir hate jo och schonn Acquisitiounen, wou mir da 60% Subside vum Staat kritt hunn. Et ass ëmmer dat wat de Staat seet, et ginn 75% - et ass bei ville Projete wou de Staat e Prozentsaz an d'Vitrine stellt, an awer et deckelt op eng gewësse Metercarrésziel, et ginn och nach aner Beispiller.

Hei si mir an enger Situatioun, wou mir net dozou kommen, well hei de Metercarréspräis och méi héich ass wéi 2 500 Euro pro Metercarré. Dat ass eng Diskussioun an et ass jo och virgesinn, sou wéi et och am Koalitiounsaccord steet, dass esou Situatiounen wéi déi heite bis bal zu 100% subventionéiert kënne ginn. Et ass och eng Bereetschaft do fir deen Taux méi héich eropzesetzen. Dann, par rapport zu der Remarque vun der Madame Andrich. Et probéiert een ëmmer, de Procès-verbal d'expertise dobäizehunn, déi mécht eis Architektin, déi och eng vereedegt Beamtin ass an déi och am Interêt vun der Stad Diddeleng schafft.

Ech wëll just ze bemierke ginn, wa mir eis eng extern Expertise siche ginn, dass dat och zousätzlech Fraise mat sech bréngt, déi mir och musse bezuelen an ech mengen, dass eis Architektin och outilléiert genuch ass fir anzuschätzen ob de Präis korrekt ass. Am Virfeld gi jo och ëmmer Diskussiounen gefouert mat de Propriétaires.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Dat war eng prinzipiell Fro, ech hunn absolut net der Staatsarchitektin hir Kompetenzen a Fro gestallt, dat well ech awer präziséieren.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An ech präziséieren hei nach eng Kéier, dass si als vereedegt Beamtin hei an hirem Rôle ass fir déi Expertise ze maachen a fir ze bescheinegen ob dat korrekt ass oder - wéi gesot - ob do Doubt sinn. Déi kann se dann och matdeelen. Dann, par rapport zu der Remarque vum Här Zuang zu der Konventioun: Ech mengen, dass een hei déi dräi kann zesammenhuelen, mir wësse jo och, dass mir hei nach net fäerdeg sinn, mir loosse jo hei d'Virkaftsrecht spillen am Quartier Lenkeschleé, do kommen och nach aner Gebailechkeeten op eis duer, mä elo hu mir hei der, déi mir regroupéiere kënnen, déi kënnen mir dann och offiziell zur Verfügung stellen.

Voilà, dëst engersäits zum Devis an zum Acte de vente, ass de Gemengerot souwuel mam Devis estimatif wéi och mam Acte de vente averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech hei dem Gemengerot villmools Merci.

3.9. Approbatioun vum Devis fir d'Installatioun vun enger Brandmeldezentral an engem Noutausgang an der Annex "Ale Pompjeesbau"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op deen nächste Devis iwwer, dat ass d'Annex vum ale Pompjeesbau, do wëlle mir eng Centrale incendie an eng Sortie de secours, also eng Brandmeldezentral fir 65 000 Euro, wéi Dir hei gesitt, déi mir do wëllen installéieren an do brauch een engersäits d'Zentral an awer och déi néideg Fournituren. Dat ass e Montant vu 65 000 Euro, do wëlle mir norüsten, moderniséieren, effektiv och dat a Stand setzen, och mat enger Noutbelichtung, sou dass mir do och konform sinn. Ass de Gemengerot domadder averstanen?

Dat ass unanime. Merci.

3.10. Approbatioun vum Devis fir d'Erneuerung vum Daach vum Gymnase zu Butschebuerg

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann, an der selwechter Exekutioun och vum Budget musse mir am Gymnase zu Butschebuerg den Daach vum Gymnase frësch maachen, dat ass hei en Devis vun 200 000 Euro. Do ass engersäits de Plafong an den aktuellen Daach, déi mir mussen erofhuelen, do muss och en neien Daach drop gemaach ginn, dat gëtt alles genotzt fir akustesches an thermesches ze isoléieren, fir dass dat och alles konform ass, an dann och eng Détection incendie, dat gëtt och direkt mat nogerüst fir datt mir konform sinn an um leschte Sécherheetsstandard sinn. Och dat en net onwichtige Projet, well och dat vun der Schoul a vum Diddelenger Dëschtennis genotzt gëtt. Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci Här Buegermeeschter, ech war d'lescht Woch an der Hal well se och vum Fussball genotzt gëtt an do reent et effektiv eran. De Buedem ass plätschnaass wann et reent. Dat ass net nëmme néideg, dat ass iwwerfällg, also mir stëmmen deem zou.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Ech hat dat schonn eng Kéier gefrot, wann esou Diech frëschgemaach ginn, vun neie Gebaier, ass do och schonn dru geduecht gi fir virzege sinn, Sonnepanneauxen drop ze maachen? Well d'Butschebuerger Schoul déi läit genau an deene Prozenter zwëschen 90 an 95% Rendement, et wier ëmmer gutt wann een direkt gesot kritt dass dat virgesinn ass. Well wann den Daach bis drop ass an et muss een dann erëm alles opmaache fir Leitungen ze zéien, da gëtt et deier.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, gëtt et nach weider Stellungnahmen? Dat kann een iwwerpräiwen, a wann sech d'Situatioun bitt, dass ee kann iwwer Fotovoltaikanlagen norüsten, dass een dat och effektiv maache soll, dass een sech och hei soll deen néidege Budget am Gemengerot soll ginn. Dat ass eng ganz pertinent Remarque. Ass de Gemengerot mat dem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.11. Approbatioun vum Plang a vum Devis fir d'Moderniséierung vun den techneschen Installatiounen an dem grouse Baseng vun der oppener Schwämm [Säit 20]

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da sollte mir iwwergoen op d'Presentatioun vun der oppener Schwämm, ech héieren awer dass d'Architekten nach net do sinn, mä ënnerwee sinn, da géif ech lech einfach proposéieren, dass mir weiderfuere en attendant dass se dann antreffen. Dofir wier dann den nächste Punkt d'Approbatioun vun Dekonten. Dat sinn 13 Stéck, déi hei ze presentéiere sinn.

3.12. Approbatioun vun Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat eent ass an der Gaffelter Schoul, dat ass d'Refektatioun vum Schoulhaff a vun der Spillplaz, Devis 300 000 Euro an d'Depense 299 141,02 Euro, dat war een Deel am Joer 2017 an den Haaptdeel am Joer 2018. Do war och schonn d'Aweigung.

Dann, an der Eechendaller Schoul, do ass d'Ventilatioun an enger Schouklass, Devis 10 000 Euro, d'Depense 8 808,37 Euro.



Da méi en décke Projet, Rue du Nord, rue Large, rue des Prés, Renouvellement, dat war en Devis vun 2 695 000 Euro an d'Dépense war 2 588 130, 62 Euro. Dat huet sech och iwwer eng Rei Budgetsjoere gezunn, well et méi e grouss Projekt war.

Da war an der rue Aloyse Kayser de Renouvellement, 1 015 000 Euro an d'Dépense effective 939 957, 22 Euro. Dat war 2016- 2017 an hat ugefangen am Joer 2015.

Da ginn ech weider op de Stade Jos Nosbaum, rue des Fleurs, do ass effektiv de Park frësch aménagéiert ginn an awer och eng Bréck gebaut ginn, fir an de Schoulhaff selwer, dat war en Devis vu 75 000 Euro an d'Dépense effective ass 74 859, 29 Euro. Dat war och am Kader vum Séchere Schoulwee wou dat gemaach gouf an dat gëtt och genotzt.

Dann d'Calisthenics, déi opgeriicht goufen, dat war en Devis vu 50 000 Euro an d'Dépense effective ass 41 397, 87 Euro, dat war 2017 bis 2018.

Dann de Mini-Stade um Ribeschpont, do ass de synthetischen Terrain frëschgemaach ginn, dat war en Devis vu 25 000 Euro an d'Dépense ass 24 658,10 Euro an dat war am Joer 2018.

Dann effektiv an eisen Atelieren, do hu mir missen eng Acquisitioun maache vun enger Schneitmaschinn fir Panneauen, dat war en Devis vu 25 000 Euro an d'Dépense war 21 000 Euro. Dat war 2017.

Rëm an den Atelieren, eng Benne, wou mir hu missen d'Acquisitioun maachen, respektiv fir an eise Parken, wou mer déi gebrauchen. Dat war en Devis vu 55 000 Euro an et war eng Dépense effective vun 53 784,90 Euro.

Dann an eise Informatik-Sall wou d'Servere sinn, do huet missen d'Klimatisatioun frëschgemaach ginn, dat war en Devis vun 30 000 Euro an eng Depense vun 25 031,21 Euro.

Da war deen nächste Punkt den Innovation Hub, dee mir d'lescht Joer ageweit hunn, dat war d'Renovatioun vun deem Deel, dee mir deemools zur Verfügung gestallt kruten, dat war en Devis vun 175 000 Euro an d'Dépense war 173 718, 85 Euro, dat war virun allem am Joer 2017, an e klengen Deel am Joer 2018. Do gesitt Dir, dass mir e Subsid krute vun 141 000 Euro iwwer d'Konventioun vum Wirtschaftsministère, déi Diskussioun hate mir hei am Gemengerot.

Dann, an der Schoul Precoc Maison Relais Lenkeschléi,

ass Terrass frësch gemaach ginn, dat waren 26 000 Euro den Devis an Dépense 25 585,56 Euro.

De Streetball op NeiSchmelz, am Kader vun den transitoreschen Notzungen, dat war en Devis vun 35 000 Euro an eng Depense vu 34 514,19 Euro. Domadder si mir da komplett. Si Froen dozou? Kënne mir dann ofstëmme? Ass de Gemengerot mat deenen Dekonten averstanen? **Dat ass unanime.**

3.13. Verdeele vun ausseruerdentleche Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir weidergoen op d'Subsiden, do hu mir ee Subsid virleien, dat si 65 Euro an dat ass fir d'Fondatioun Lëtzeburger Blannevereenegung.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech hu just eng Fro zu de Subsiden, wie kritt alles e Subsid hei? Well d'Blannevereenegung ass net vun Diddeleng, mir begrëssen zwar, dass se déi Sue kréien, mä wéi gëtt dat gehandhaabt? Kann do all Vereenegung un d'Diddelenger Gemeng schreiwen an e Subsid ufroen? Gëtt do en Tri gemaach? Ginn et Associatiounen, déi dat refuséiert kréien? A wann ech mech net ieren, hat ech eng Kéier gelies, dass Catch a Smile e Subsid refuséiert krut? Stëmmt dat oder wéi ass dat deemools gelaf?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

D'Lëtzeburger Blannevereenegung gëtt scho säit enger Rei Joere vun der Stad Diddeleng ënnerstëtzt well et eng sozial Institutioun ass an Dir wësst jo dass mir ganz ville soziale Subsiden hei am Gemengerot zoustëmmen, also schreift dat sech an eng gewësse Kontinuitéit an am Kader vu Kollaboratiounen, déi stattfanne mat der Stad Diddeleng. Ech muss awer soen, et ginn och Bréiwer, deene mir net noginn, well mer mierken, datt et generell onfondéiert, esou Fechtbréiwer sinn, wou net vu sozialen Institutiounen sinn, an deenen droe mer net Rechnung, deene gi mir keng Subsiden, déi kréien och eng Äntwert vun eis. Mir huelen hei ëmmer Subside mat eran, dat schreift sech an d'Kontinuitéit eran, dat ass eng Diskussioun, déi mir all déi Joeren hei am Gemengerot haben.

An déi aner Fro, Catch a Smile, dat ass e komplett anere Kontext, dee mir hei schonn diskutéiert hunn. Dat huet domadder ze dinn, dass Catch a Smile eng Associatioun ass, keng ONG, déi Projekte mécht ronderëm Migranten, do hate mir schonn d'Diskussioun hei, dat heescht et ass net de Gemengerot, deen hinnen den Devis refuséiert huet, mä wa mir esou Projeten un eis erugedroe kréien, ginn déi un Diddeleng Hëllef verweisen, also eng ganz aner Logik an d'Logik vun Diddeleng Hëllef ass, dass en Appel à projets gemaach gëtt, eemol am Joer,



wou Lëtzebuerger ONGen, déi akkreditéiert sinn, vum Kooperatiouns-Ministère, respektiv ASBLen, déi an der Kooperatioun tätég sinn, déi net de Statut hu vun ONG, sech bei Diddeleng Hëllef kënne mellen an dann och ënnerstëtzt ginn a Catch a Smile konnt deemools net ënnerstëtzt ginn, well se beim Appel à projets vun Diddeleng Hëllef net matgemaach hunn. Wéi gesot, eng komplett aner Logique de fonctionnement wéi déi klassesch, déi mir hei hunn als Gemengerot. Ech wollt dat awer hei iwwer dee Wee nach eemol präziséieren, dass et zwou verschidde Virgoensweise sinn, dat eent sozial an dat anert en fonction vu Projeten. Voilà, dat fir déi néideg Erklärungen dozou ze ginn. Ass de Gemengerot mat deem Subsid averstanen?

Dat ass unanime. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Jo, ech wollt froen ob et e Schlëssel gëtt wie wéivill Sue kritt? Déi eng kréie 65 Euro, sinn der do déi der méi oder manner kréien?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mir reien eis wat d'Subsidepolitik ugeet do un dat un, wat mir och all déi Joere virdru ginn hunn, mir hunn do eng Continuitéit an de Gemengerot heescht dat jo och ëmmer gutt, dat heescht dat wat mir hinnen ëmmer ginn hunn, dat kréien se all Joer, et hänkt och ëmmer dovunner of wat se froe vu Subsid. Also, mir hunn de Relevé wat mir déi lescht 10 Joer deenen Institutiounen ginn hunn a mir reien eis ëmmer un dee Montant un, mir halen do déi Logik bäi et ass net esou, dass et vu Joer zu Joer géif variéieren, verduebelen oder verdräifachen.

4. ÄNNERUNGE VUM GEMENGE-REGLEMENT IWWER D'FRÄI NUETEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Hei huet de Gemengerot e Reglement virleien iwwer d'fräi Nuechten, engersäits, déi individuell fräi Nueten, déi ee kann accordéieren, respektiv och déi, déi d'Gemeng d'office de Caféen accordéiert an do hu mir engersäits hei probéiert, nei fräi Nueten, déi mir d'office ginn, eranzehuelen, respektiv en Toilettage ze maache par rapport zu anere Situatiounen, also engersäits par rapport zu enger Realitéit adaptéieren respektiv awer och den Equilibre halen zwëschent fräi Nueten, déi mir d'office ginn, also engersäits en attraktiivt Nuetsliewe behalen an awer och den Equilibre hale par rapport zu der Rou, déi d'Leit, déi am Zentrum wunnen, deementspriedend och sollen an Usproch kënnen huelen. Dat heescht, dass mir engersäits hei op de Wee ginn, dass 2 zousätzlech fräi Nuete sollen dobäikommen,

respektiv op där anerer Säit mir awer 4 fräi Nueten, déi mir d'office ginn, och ewech huelen an där Konfiguratioun, déi mir hei ginn. Dat heescht, déi déi mir géifen ewechhuelen, dat wieren déi fräi Nueten, well se haut an der Realitéit och net méi genotzt ginn. Dofir maache mir och dee Schratt. Dat ass engersäits Fuesméindeg, dat ass den 1. Mee, dat ass Nationalfeierdag selwer, respektiv Kiermessonden am Summer. Mir mierken, dass déi dote fräi Nueten net méi genotzt ginn, dofir ass hei d'Propos, déi d'office ewechzehuelen. Dat schléisst net aus, dass wann se op e Freiden oder Samschde falen, dass do den Tenancier vun engem Café sech eng fräi Nuecht bei der Gemeng freet, sou wéi dat ëffentlech och de Fall ass. Dat sinn also déi 4, déi ewech falen, wou mir par rapport zu der Realitéit adaptéieren an déi 2, déi bäikommen, dat ass e bësse méi en neit Phenomen, dat ass de Virowend vum 1. November, also Halloween, wou effektiv ganz oft hei Ufroen kommen un d'Gemeng, wou mir dann op de Wee ginn, fir d'office eng fräi Nuecht ze accordéieren.

An dann och en neie Moment, deen dëst Joer wäert a Kraaft trieden, den Europadag, den 9. Mee, also de Virowend vum 9. Mee, och do wëlle mer eng Ouverture maachen, also wéi gesot, hei en Equilibre fannen, 2 nei fräi Nuechten, a 4 déi mir ewech huelen, hei also par rapport zu der Realitéit adaptéieren. Voilà dëst gesot, d'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, also 4 falen der ewech, 2 neier komme bäi, dat heescht jo awer elo net, dass eis Caféen der elo och 2 bäikréien, déi se scho souwisou am Joer zegutt hunn? Déi Zuel bleift selwecht. Déi ännert net mat deenen doten, déi elo ewechfalen oder bäikommen.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, also déi fräi Nuechten, dat ass een Zännriedche vu villen, déi mir brauchen an eise Reglementer fir dass dat Nuetsliewen, dat ëffentlecht Zesummeliewe gutt funktionéiert. Ech war erstaunt, ech hat mech e bësse schlau gemaach, wéivill fräi Nuechten ausserhalb vun deenen, wou mir stëmmen, dat sinn awer genau déi déi festgeluecht sinn, déi och fir de Café gratis sinn an déi d'office d'äerfe genotzt ginn. 2018 zum Beispill sinn nach zousätzlech 570 fräi Nuechte genehmegt ginn, ech weess net wéivill der ugefrot gi sinn déi vläit net genehmegt goufen, mä déi Zuelen, déi mer hunn, sinn déi déi genehmegt gi sinn. Dat mécht ëmmerhin och en Impakt op eise Budget, 25 650 Euro war dat 2018. Dat schéngt iwwer déi lescht Joeren identesch bliwwen ze sinn, 2017 waren et der 563 an de Budget war 25 335 Euro. Iwwer dat wat mir haut ofstëmmen ass e Reglement, wat einfach net méi ugepasst war, wat kee brauch, kee Cafetier freet, dofir soll och net an



eisem Reglement sinn, dat kéint ënner Ëmstänn awer zu Abuse féieren, an déi 2 nei passen sech un dat un, wat och eise Service mir bestätegt huet, wéi vum 9. Mee nëmme rieds war, do sinn si schonn iwwerheeft gi mat Ufroer fir deen Dag, et ass dann och nëmme selbstverständlech, dass mir deen an eist Reglement ophuelen, esou reit sech dat Ganzt an un dat wat mir och reell um Terrain brauchen a wat d'Leit wëllen a wat d'Cafetieren dann och ëmsetzen, well déi froen nëmme dat un, wat gebraucht gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och dem Här Glesener. Ech wollt dem Här Gangler äntweren, dass och duerch deen heiten Changement d'Cafetieren net prejudiciéiert sinn, well se souwiso an hirem Ermiesse an en fonction vun hire Besoinen déi fräi Nuete kennen ufroen, déi se wëllen. Hei setze mir just fest, déi déi d'office accordéiert ginn a wou se keng Tax musse bezuelen, dat hënnert si net drun, fräi ze decidéieren. Wéi d'Reglement virgesäit, kann ee jo och 10 fräi Nueten en bloc kafen an se dann asetzen, wann ee wëll, dat ass am Ermiesse vum Cafetier an do wou mir en A drophalen zesumme mat der Police, ass, dass ebe kee weideren Trouble public ass an do eben intervenéiere wou et néideg ass, wa verschidde Leit iwwer d'Sträng schloen.

Ech muss awer soen, dass et de Moment zimlech gutt leeft an dass keng gréisser Reklamatiounen kommen a ganz begréissenswäert ass, dass mir engersäits e flott, aktiiv an diversifiéiert Cafésliwwen hei an Diddeleng hunn, dat dréit och zu der Attraktivitéit vum Nuetsliwwen hei zu Diddeleng bäi, well mir eis och an engem gesonden Equiliber befannen zwëschent engersäits d'Nuetsrou garantéiere fir déi Leit, déi am Zentrum wunnen anersäits der Attraktivitéit am Stadkär. Ass de Gemengerot mat dësen Adaptatiounen vum Fräi-Nuete-Reglement averstanen?

Dat ass unanime. Merci.

5. STADENTWÉCKLUNG – DEFINITIV APPROBATION VUN DER PUNKTUELLER ÄNNERUNG VUM PAG FIR D'TERRAINEN “A BËLLEG”

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Bei dësem Punkt geet et ëm den Développement urbain, et geet ëm de PAG “A Bëlleg” an hei ass den Avis, dee mir virleien hu vun der Commission d'aménagement. Et ass esou, pour rappel, dass den 9. November 2018 de

Gemengerot jo unanime d'Modification ponctuelle vum PAG ronderëm de Projet “A Bëlleg” autoriséiert huet, dass dat och ageschéckt gouf, engersäits d'MOPO, wéi awer och déi détailléiert Evaluatioun iwwer de Rapport iwwer d'Incidence environnementale, d'SUP. Dass och op der anerer Säit de 5. Februar, de Ministère de l'Environnement den Dossier favorabel aviséiert huet, d'Commission d'aménagement huet den 28. Februar 2019 och hiren Avis ofginn, op deen ech herno nach wäert agoen, et ass awer esou wéi dat virgesinn ass laut dem Gesetz, bei enger Modifikatioun vum PAG hate mir och eng Réunion publique den 3. Dezember 2018 an och an deem Delai, déi och d'Modifikatioun virgesäit, si keng weider Observatiounen, respektiv Reklamatiounen erakomm.

Dofir ass och hei d'Propos an der Deliberatioun an unhand vum Avis vun der Commission d'aménagement, dass mir natierlech d'Modifikatioun vum PAG ronderëm de Projet “A Bëlleg” approuvéieren an och natierlech den Avis vun der Commission d'aménagement gekuckt hunn an effektiv och do d'Remarque maachen, dass déi Indikatioun, déi och am Conditionnel formuléiert ass vun der Commission d'aménagement, dass mir där net kënne Rechnung droe well se effektiv soen, dass deen Ecran de verdure ronderëm d'Bunn klasséiert ass als Zone non ædificandi, dass déi dem Fonds du Rail gehéiert, dass mir dat net confirméieren. Deen Deel, deen dem Fond du Rail gehéiert, ass ausserhalb vun der Modification ponctuelle vum PAG ass a wann een och op de Pläng déi Stricher kuckt ronderëm d'Modification ponctuelle, dann ass deen Deel, deen dem Fond du Rail gehéiert, ausserhalb vun der Limit vun der Modification ponctuelle vum PAG, an herno och ausserhalb vun der Limit vum PAP, déi herno nach ausserhalb wäert nokommen an et ass natierlech an der Modification ponctuelle vum PAG ass déi Servitude Urbanisation en zone tampon virgesinn an déi läit op de private Parzellen.

Dat heescht, et ass am Fong eng aner Lecture, déi vun deem Projet gemaach muss ginn, well dat och esou ugezechent ass am Dossier de justification an och déi Zon, déi mir hei couvréieren als Servitude Urbanisation zone tampon, grad eben haut erméiglecht, dass mir eng Transitioun kënne maachen niewent der Infrastructure ferroviaire an deem Deel, deen och dem Fond du Rail gehéiert, respektiv awer de private Parzellen, wou déi Zone de transition gemaach gëtt an déi grad ebe ka genotzt gi fir kënnen den Iwwergang ze maachen eben och fir Konstruktiounen d'intérêt général an d'intérêt public, ronderëm dee Pôle vun der Mobilité douce fir den Iwwergang ze maachen op d'Gare, also do deen neie Pôle d'échange fir effektiv den Zuch, respektiv de Bus, och do kann amenagéiert ginn, sou dass am Fong deen Deel vun der Zone non ædificandi ersat gouf hei am



PAG iwwer eng Servitude Urbanisation en zone tampon. Deem hu mir hei Rechnung gedroen.

Am Fong huet d'Commission d'aménagement eng aner Lecture gemaach, respektiv awer déi Pläng hei net richtig gekuckt, sou dass mir dat hei präziséieren, dass een Deel ausserhalb vun der Modification ponctuelle vum PAG ass an een Deel an der Modifikatioun ass vum PAG an dee läit op private Propriétéiten, sou dass mir een Deel hunn, deen dem Fonds du Rail gehéiert, wat kloer ass, Zone Infrastructure ferroviaire, an deen aneren Deel, deen am Fong déi Servitude Urbanisation ass, op private Parzellen ass, an do dertëschent d'Delimitatioun vum der MOPO. Wéi gesot, et ass bessen déi Technicité, déi an deem Dossier ass fir déi zwee och ze trennen, dofir reagiere mir och an eisem Avis op dat Element.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci Här Buergermeeschter fir déi komplizéiert Aussoen do vum PAG, wéi a wou wat geännert gëtt, mir stëmmen deem Ganzen zou. Mir wollte just präziséieren, dass mir wierklech e bësse bedauern, dass mir net mam Promoteur zesumme gekuckt hu fir e flotten autofrâie Quartier kënnen ze bauen, virun allem wann een an den Zeitungen nogekuckt huet, dass an der Stad fir 51 Wunnunitéiten iwwer 300 Demanden do waren. Ech denken dass dat e Projet ass, deen an Zukunft méi wäert gefrot ginn, an dass mer roueg hätte kënnen Courage weise fir dee Wee anzuschloen. Dat wier eis all zegutt komm, do hätt ee wierklech kënnen eppes schafe wat et am Süden hei nach net esou gëtt. Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, et ass elo déi zweet Kéier wou mir iwwer déi Ofännerung vum PAG schwätzen a mir wëllen direkt kloerstellen, dass mir bei eiser éischter Aschätzung bleiwen, dass déi Fläch sech gutt eegent fir en zukünfte Quartier, well et eng Baulück ass a well déi Fläch och ganz gutt un den ëffentlechen Transport ugebonnen ass. Déi ugeduechten urbanistesche Leitlinien hunn eis och an der Rei geschéngt, mir bleiwen zwar och bei der Meenung - an do schlësse mer eis dem Här Martini un - dass all zousätzlechen Auto an deem Quartier awer zevill wäert si fir an där doter Situatioun. Mir stelle fest, dass par rapport zu der éischter Presentatioun lichter Ofännerungen do sinn. Et ass ze begreifen, dass den Areal vun der Tankstell net méi zu der Zone vum Nouveau Quartier gehéiert dofir awer kleng Deeler am Norden an am Süden. Mir hätte gare gesinn, wann eng Pufferzone geschaf gi wier par rapport zu där Tankstell, villäicht ass dat elo op déi Aart a Weis méi einfach, dat virzugesinn. Dass déi Zone tampon non ædificandi, déi elo eben ëmgeännert gëtt, zum Deel an eng Servitude fir dass doduerch d'Optioun fir e Pôle d'échange fir d'CFL bleift, do si mir natierlech och averstanen.

Bei de Baubestëmmunge sinn e puer Saache geännert ginn, déi mir kënnen matdroen. En interessante Punkt ass natierlech och, dass guer keng Reklamatioun par rapport zu der Ofännerung komm ass, dat heescht, dass ee gudde Gewëssens dat Ganzt ka matdroen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hätt just eng kleng Fro, Dir kennt mech, ech kommen ëmmer mat deene Saachen, déi mat den Hoer erbäigezu sinn, do ass dee Punkt am Concept de développement urbain, do steet: "la gare Dudelange-Burange sera aisément accessible depuis le quartier Ribeschpont, ceci permettra de donner une place importante aux trains dans les déplacements quotidiens des habitants." Wa mir awer elo eng Kéier decidéieren, mir wëllen deen Zuch net méi well mir dee grouse Problem mat de Barrièren hunn a mir wëllen éischer en anert Vehikel, wat vläit nach schinnegebonnen ass, hu mir eis dann duerno net zevill festgeluecht op en Zuch? Kéint een do net villäicht dat anescht, méi breet gesinn an net grad Zuch draschreiw, mä ebe schinnegebonnent Vehikel? Et ass natierlech erëm mat den Hoer erbäigezunn, mä et falen engem eben esou Saachen an.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler, dass lech esou Saachen afalen. Här Glesener.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, mir fannen, dass dësen Dossier exemplaresch gefouert ginn ass, an aller Transparenz, et sinn all Etüde gemaach ginn, déi erdenklech sinn an déi sënnavoll sinn. D'Bierger si mat agebonne ginn an dat beweist, dass den Dossier gutt gefouert gouf, well keng Reklamatioun zu deem ganzen Dossier komm ass. Ech perséinlech géif och begreifen wa mir kéinten ouni Auto fueren, ech fannen et awer zum jëtzege Zäitpunkt, do wou mir haut liewen e bëssen irreell fir esou eppes ze froen op där doter Plaz, well mir haut ganz gutt wëssen, dass all Mesuren, déi mir maachen, Ubannung un den ëffentlechen Transport an esou weider, sécherlech dozou wäerte féieren, dass et lues a lues manner Autoe gëtt, mä et ass awer och ze kucken, dass mir haut net an der Situatioun sinn, wou ee ganz kann op den Auto verzichten an ech géif et an deem Sënn irreell fannen, wa mir haut e Quartier géife bauen, deen total autofrâi ass an dat besonnesch vun eis, déi jo héchstwahrscheinlech an der ganz grousser Majoritéit all en Haus mat enger Garage an en Auto hunn. Aus där Ursaach, mengen ech, ass den Dossier gutt an exemplaresch an natierlech si mir dofir.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Glesener fir déi doten Aschätzung. Ech wëll generell soen, wat bei dësem Projet awer ausschlaggebend ass, ass dass e ganz ganz groussen Effort gemaach ginn ass wat d'Ubannung un den ëffentlechen Transport ugeet, sief et am Kader vun der Ubannung an der Lëtzebuerger Strooss, sief et d'Desserte am Quartier selwer, respektiv awer och mam Zuch.

Dat ass déi aktuell Situatioun an et ass och dat wat d'Commission d'aménagement an hirem Devis begreisst an ech mengen, dass mir hei e flotten Akzent setzen, wou den ëffentlechen Transport am Vierdergrond steet, vill méi wéi den Auto. Et ass dat de Message ronderëm de Projet "A Bëlleg" a mir wäerte souwiso nach Diskussiounen féieren herno ronderëm de PAP, dat wäert déi nächst Etapp sinn.

Par rapport zu der Diskussioun vum Här Gangler: Déi aktuell Situatioun ass den Zuch, dat wëll awer net heeschen, dass et net soll méiglech sinn, herno eppes anescht ze ginn. Wat hei am Vierdergrond steet ass, dass mir do e Pôle d'échange schafen an dee gëllt esouwuel fir den Zuch, deen de Quartier desserwéiere wäert, respektiv awer och wann en Train-Tram oder en Tram soll kommen, dee Pôle d'échange, dee mir do kreéieren, dat ass schlussendlech dee Pôle d'échange, wou déi ganz Artikulatioun an deem Quartier wäert stattfannen.

Dat ass och de Kärmessage an dësem Projet, niewent dem Volet vum Shared Space, dee kann ee jo och an dee Projet mat afléisse loossen dofir jo och eng ganz Rei Akzenter gesat gi wou den Auto net méi sou am Vierdergrond ass, well mir och wëssen, dass en autofräie Quartier och net esou einfach ëmzesetzen ass. Ech mengen, ech hu probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen. Wa mir elo hei den zweete Vote huelen ronderëm d'Modification ponctuelle du PAG, wäerte mir sécher an engem vun den nächste Gemengeréit d'Diskussioun féieren iwwer de PAP. Dëst gesot, ass de Gemengerot mat deenen Adaptatiounen averstane ronderëm den zweet Vote vun der MOPO?

Dat ass unanime. Merci.

3.11. Approbatioun vum Plang a vum Devis fir d'Moderniséierung vun den techneschen Installatiounen an dem groussen Baseng vun der oppener Schwämm

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da begrëssen ech d'Madame Teisen, den Här Eischen an den Här Schong, déi sinn allen dräi hei fir eis deen nächste Projet, deen eis beschäftegt virzestellen, e Projet vun enger gréisserer Envergure, well et dorëms geet och an der oppener Schwämm an enger 1. Phas an 2. Phas d'Vestiaire vun der oppener Schwämm frësch

ze maachen. Dir wësst, déi oppe Schwämm ass ganz beléift an de Summerméint, wou mir och subsequent ëmmer Moderniséierungsaaarbechte gemaach hunn och de kleng Baseng am Kader vum neien Centre sportif René Hartmann, wou mir frësch Amenagement gemaach hunn an elo déi nächst gréisser Etapp an Ugrëff mussen huelen, fir och eng flott, modern Sportsinfrastruktur ze hunn. Et ass eng vun de gréissten oppene Schwämmen hei an der Südregioun, wéi gesot, déi am Summer ganz vill Zoulaf fënnt an natierlech och schonn eng ganz Rei Joeren um Bockel huet, an dofir ass et och wichteg hei eng decisiv Etappe ze huelen, fir hei dat ze erneieren. Dofir mengen ech och den Devis estimatif, dee mir virleien hu vu gutt 3,2 Milliounen Euro fir déi Aarbechten an Ugrëff ze huelen, dofir géif ech d'Wuert direkt weider ginn un eis 3 Invitéen, déi eis duerch de Projet féieren an eis elo déi néideg Erklärungen gi fir datt mer hei am Gemengerot déi néideg Diskussioun kënne matenee féieren. Dir hutt d'Wuert, Madame Teisen.

LISI TEISEN (TEISEN-GIESELER ARCHITECTES):

Bonjour alleguerten. Eis 3 Bureaue si Mëtt 2017 mat der Etude de faisabilité befaasst ginn, fir ze kucken, wéi ee kéint fir déi baussenzeg Piscine d'Konformitéit erreechen, et war schonn zu deem Zäitpunkt gewosst, dass bei den techneschen Installatiounen eng Rei Aarbechten ustinn an do sollt och gekuckt ginn, wéi déi eeler Vestiaires an deem ganze Kontext kënnen opgefrëscht ginn, respektiv dat wat elo nach do feelt nach optiméiert ginn. Dunn hu mir virun engem Joer, Mëtt 2018, dem Schäfferot dat virgestallt, dat war dann déi Etude de faisabilité mat 3 Optiounen a schlussendlech gouf sech dann am Hierscht 2018 decidéiert fir eng Versioun. Ech ginn als éischt op de Lageplan an, wéi Dir en heigesitt. Fir déi, déi de Kontext vläit net esou gutt kennen, ass hei de Centre Hartmann, do ass den Agang vun der Piscine, dann hu mir hei déi ganz Piscine mam Basseng 1, Basseng 2 a Basseng 3, hei hu mir d'Maison Relais, a bis dato, all Summer tiermen sech hei d'Visiteurs an dat schaaft deelweis en Enkpass oder Konflikt zwëschen de Kanner, déi an d'Maison Relais ginn, an de Visiteuren, déi hei dann och déi Platz besetzen.

Dofir ass dann an der Versioun 3 vun der Faisabilitéit festgehalen ginn, komm mir entzerren dat, komm mir gesinn d'Entrée hei vir, et mécht och einfach méi Sënn wann ee seet, déi ganz Piscineninfrastruktur fënnt hei zentral statt, do kann een den Auto parken oder de Bus hält do an da kann een sech verdeelen, sief et an d'zouge Piscine oder an d'oppe Schwämm. D'Iddi ass, dass een hei bei där flotter Bamrei, déi een hei fënnt, deem schéine Bambestand, dass een do en neie Pavillon hätt fir eranzekommen. Dat heescht, dee ganze Virberäich soll esou spaciéis gestalt ginn, dass den Zoufloss vu Leit hei ka waarden an dann eragoen an da géifen sech



am Fong d'Besicher esou opdeelen, dass een hei e Pavillon hätt, wou de Public dann de Vestiaire huet. An d'Cluppen an d'Klasse kënnen Notzen zéien aus deem ale Standuert vun de Vestiaren, also zu dëser Säit vun der Maison Relais. Baulech gesinn ass et och esou, dee Pavillon Vestiaire Public, dat wier eng oppe Konstruktioun, net gehëtzt. Dat ass e bëssen esou, wann Dir lech erënnert, wéi an der Schwäiz d'Badien ausgesinn, eng llicht Konstruktioun, dat kann eng Holzkonstruktioun sinn, et kënnt een eran, et deet een sech anescht un an da geet een op d'Wiss oder direkt an d'Waasser, an d'Cluppen an d'Klassen, déi d'Vestiaren notzen, déi kréien temperéiert Vestiaire well dat och an der Norm esou gefuerdert ass an och well déi deelweis zu aneren Zäite kommen, wou et och néideg ass, dass dat e bëssen temperéiert ass, dofir hei an dësem Gebai.

D'Phas 1 vun deem Projet géif am Hierscht ugoen, dat ass dann am Fong zum groussen Deel d'Modernisatioun an d'Mise en conformité vun de bestehenden Installatiounen. Do seet dann och de Bureau Goblet Lavandier & Associés lech elo méi Detailer, dat ass hei duergestallt am hellbloen, dat heescht déi ganz Konformitéit vun dësem Réseau enterré an den techneschen Equipementer, an dann och déi ganz technesch Lokaler, déi sech hei ënner der Maison Relais befannen. D'Phas 2 wier dann ab Hierscht 2020, da géingen déi faarweg Gebailechkeeten hei an do, also de Pavillon public an de Pavillon Klassen a Cluppen ëmgesat ginn, sou dass am Fréijoer 2021 dat Ganzt misst ofgeschloss sinn.

Wou een dann och profitéiert, an dat mécht absolut Sënn, ass wann een dann elo den Agang déplacéiert heihinner, da gëtt automatesch Plaz fräi fir d'Maison Relais, wat hinnen och wierklech gutt deet. Dat heescht, si kréien hei e clôturéeiten, sécuriséeite Site, si kënne profitéiere vun deem ganze Bausseberäich, deen net méi souzesoen eng onkloer Definitioun huet mä et ass da ganz kloer just fir d'Maison Relais an ausschliesslech hei um Rand e klengen Accès gehale fir d'Livraisonen, den Entretien, fir vläit den Noutfall, well och an dësem Beräich géife mir e Gerant virgesi fir dee klenge Kiosk, deen och elo do ass, dee kéint och hei uliwweren a seng Terrass hunn.

ROBY EISCHEN (BUREAU GOBLET LAVANDIER):

Bonjour, ech ginn op deen e bësse méi techneschen Deel an ouni zevill technesch ze ginn, mir hunn an dësem Beräich Technikraim, dat heescht Filtertechnik, déi ganz Pompelen déi do sinn, dat huet gelieft, dat muss deelweis ersat ginn, deelweis ëmgebaut ginn. D'Filtere vun de Basenge ginn all ersat oder deelweis recuperéiert, de Sand gëtt dra gewiesselt an et gëtt hei uewen um Niveau vun der Technik en Zougang gemaach fir d'Uliwwerung, déi dann och iwver déi nei Agangs-

situatioun erfollegt, fir do och kënnen d'Produiten, déi ee fir d'Schwämmtechnik braucht, kënnen unze-liwweren. Sou dass et e schlëssegt Konzept ass an esouwuel d'Versuergung wéi och déi technesch Besoinen, wéi och den Agang vun der Schwämm vun där Säit geschitt. Wat d'Schwämm selwer ugeet, d'Schwämm huet.

Perten, och si huet gelieft, dat heescht et si Waasserperten, déi ganz kloer sinn, dat heescht am Baseng gëtt d'Betongsdall gekuckt, do gëtt eng Partie erneiert, et gëtt eng nei Waasserverdeelung agebaut, déi iwver Pompelen aus där Kathedral da geschéckt gëtt, et kënnt an d'Schwämm en neie Liner eran, dat ass eng Plastiks-couche fir d'Dichtegkeet z'assuréeieren, et kënnt ënner déi Dichtegkeet eng Dall, déi och verhënnert dass dréckend Waasser an de Baseng kënnt aus ënneschte Schichten, déi do vorhande sinn.

Wat ganz komplett nei gemaach gëtt, dat ass d'Rënnesystem, dat gëtt ebenäerdege op de Säiten, eng Wiesbadener Rinne wéi een dat nennt, a mir hunn hei en zousätzlechen Traapenagang. Eng energetesch Mesure, déi geholl ginn ass nodeems d'Wirtschaftlechkeet berechent ginn ass an dësem Beräich, dat ass eng Ofdeckung vum Baseng, déi ass encastréiert, déi kann een erausfueren, hydraulisch, an dann zitt e Motor do an den Nuetsstonnen e Rideau uewen driwwer, hei gesitt Dir dat technesch duergestallt an dësem Beräich. Deen zitt déi iwver d'Schwämm. Mir hu gerechent, dass mir graff, bon mir hunn eng geréng Nutzungszäit vun dësem Baseng, en ass jo net déi ganzen Zäit bedriwwen, mä op d'Nutzungszäit hu mir berechent, dass mir awer domat circa 20 000 Liter Masutt kënnen aspuere well eben nuets den Austausch vun der Hëtzt mat der Atmosphär staark reduzéiert gëtt. Also hu mir den Invest och gekuckt a gesot, et ass e Payback Time op dem Investissement, dee gutt sinn an et ass eng Mesure énergétique complémentaire.

Voilà, op dëser Säit kommen 8 nei Spréngbéck hin, déi awer och demontabel sinn, well mir jo mat där Rideau mussen driwwer fueren. An dësem Beräich kommen och nach eemol 3 Spréngbéck hin an alles wat Sprangbrieder sinn, bleiwen am Prinzip esou erhale wéi se bis elo waren. Déi 4-5 Pediluvé ginn agebaut am Inox, sou wéi déi, déi am Moment schonn nogebaut gi sinn. Natierlech optiméiere mir de gesamt Pompelstroum, déi ginn ersat an Automatiséiert. Haut si verschidden Actiounen, déi vu Schwammmeeschteren do musse manuell gemaach ginn dat gëtt och erweidert. Natierlech gëtt och dee gesamte Réseau erneiert oder ertüchtert, do wou et méiglech ass, de Waasserreseau fir och déi Thematik vun de Fuiten ewechzekeréien, déi haut Fuitë sinn, déi net iwverall detektéiert sinn, dat ass sécher, dass d'Rënn



ronderëm Fuiten huet, mä et si sécherlech nach aner Plazen do an d'Zil ass, dat alles aus de Féiss ze kréie fir de Waasserverloscht op e Minimum ze reduzéieren, quasi op Null.

Ech hunn nach ee Punkt vergiess: Och fir den Arrosage vum Wues an der Summerzäit gëtt et Reewaasserréckhaltungsbasseng vun zeng Kubikmeter virgesinn, deen et erméiglecht, Waasser an ze spueren. Dat war et. Wann nach Froe sinn, déi méi technesch sinn, kann ech déi gär beäntweren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da soen ech lech dräi Merci a ginn dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, ech wëll jidderengem Merci soen den an dem Projet mat geschafft huet, virun allem eisem Service des Sports, den zesumme mat den 3 Bureauen e ganz komplexen Dossier an Ugrëff geholl huet, e ganz komplexen Dossier well et sech natierlech ëm vill Suen hei handelt. Et ass eis awer als Gemeng wichteg, dass mir de Projet "Oppe Schwämm" oprechterhalen, et hätt een et och kënnen einfach maachen an de Buttek zouschëdden a vläit och nach fir deier Geld verkafen. Dat hu mir net gemaach, si huet e gewësse Patrimoine historique, déi Schwämm, däers si mir eis bewusst a mir wëllen dat doten och eise Bierger weider kënnen ubidden.

D'Erausforderungen, dat hu mir héieren, déi ware méi wéi grouss a spannend. Flott ass et am Fong geholl, dass mir déi ganz Notzung vun deem Site elo kënnen optiméieren, well mir och d'Maison Relais, déi nienwdrun ass, mat am Boot hunn, fir dass mir och déi Fluxen tëschent de Kanner, dem Personal an och de Leit, déi an d'Schwämm ginn, besser kënnen trennen, dass een deen aneren e bësse manner stéiert, dat gëtt elo och hei genotzt. D'Entrée gëtt versat. Dat ass e wichtige Moment an deem Projet, d'Entrée ass och herno méi no um Parking, sou dass et herno e bësse méi einfach gëtt. Ganz sympathesch fanne mir hei déi Idee mat de Vestiaren, et gëtt sou e gewëssenen Adria-Flair hei an eiser Schwämm, dat ass ganz gutt ukomm.

Iwwerhaupt, wann een déi Aarbechten do kuckt ronderëm de Réseau, d'Rigollen, de Liner, d'Rideauen, ech mengen, et ass ähnlech wéi mir et virun am klengen Baseng hatten, do hu mir gutt Erfahrung gemaach, do huet sech bewisen, dass mir effektiv d'Fuitë maximal minimiséiert hunn, dat ass och net onwichtig an déi ganz Qualitéit vun der Waasseropbereedung huet sech verbessert. Hei ass d'Zouliwwerung wou verbessert gëtt, bezéiungsweis och de Podium fir eis Schwämmmeeschteren,

et si ganz vill Atouten, déi eise Projet hei matbréngen. Natierlech maache mir dat alles zwëschen de Saisonen, dofir kann een och net alles alles alles maachen, et muss een dat zäitlech opdeelen, well et huet een nëmmen eng kleng Zäitfënster, wou ee ka schaffen. Wann dee gréisste Wanter eriwwe ass, éier déi nächst Saison ufänkt, do ass dann hei d'Zäit limitéiert, dofir ass et sënnavoll fir dat an dëse Phasen ze maachen, wéi mir dat och hei proposéiert kritt hunn. Deemno hoffen ech, dass dëse Projet Är Zoustëmmung fënnt. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, et ass wéi Dir gesot hutt, eis Schwämm huet en immense Succès an et ass eng Plus-value fir Diddeleng a mir hu vill dru geschafft an ech mengen och, dass deem och ëmmer parteiwwergräifend zougestëmmt ginn ass, all Invest an d'Installatiounen, virun allem och den Invest an d'Securitéit, dat war och e wichtige Facteur, fir dass eis Schwämm attraktiv war, hu mir jo och Personal agestellt fir d'Surveillance ze maachen, dat ass och eppes Wichteges. Är Explikatiounen sinn absolut schlësseg an och verständlech, virun allem och wat d'Renovatioun an d'Mise en conformité virun allem vum groussen Baseng ubelaangt, ass dat net vu Muttwëll, mir hatten d'lescht Joer doriwwer geschwat, ech weess net méi wéi héich d'Pertë waren, 140 000 Liter oder sou, ech weess net méi op e pro Woch oder pro Mount war. Pro Woch wuel, sot mer awer w.e.g. dann nach déi genee Chifferen. Ech denken, Dir hutt elo gesot gehat, mir fänken d'nächst Joer do u mat der Mise en conformité, hu mir da fir dëst Joer keng Noutfallléisung, fir dass mir net och nach iwwer de Summer awer esou grouss Perten hunn, dat ass eng Fro wou ech nach hunn.

Dann zweetens fanne mir et och flott, dass déi Entrée op déi Säit vum Parking geluecht ginn ass, ech erënnere just drun, wéi d'Ausschreiwung 2012 gemaach gouf fir déi nei Piscine, do war esouguer ugeduecht ginn, eng gemeinsam Entrée a Kees ze maachen, duerch de Centre Hartmann an do sollt et sinn, dass dann den Dispatching am Summer dee sollt sinn, dass d'Leit duerch eng Kees ginn, am Centre Hartmann, an dann no baussen an déi oppe Schwämm sollten drainéiert ginn. Ech hunn dat nach eng Kéier nogekuckt, dat stoung esouguer an der Etude conceptuelle dran an och herno am Bordereau war et virgesinn, dat ass awer du fale gelooss ginn. Ech huelen un, dass déi Léisung definitiv vum Dësch ass, oder wier dat eng Optioun, dass mir all d'Leit drainéieren duerch d'Kees vum Centre Hartmann? Just als Fro. Ech denken, wann een dee Succès vum leschte Joer kuckt, et muss ee soen, et war en exzeptionelle Summer, ech mengen da wier och e bëssen e Stau bei der Kees, déi mir hunn, well déi och aner Funktiounen huet.



Da fannen ech et gutt, dass Dir direkt erwänt hutt, dass Dir déi Beem do erhole wëllt, dat ass och gutt fir d'Leit, déi waarde mussen, dann hunn se Schiet well dat war net evident, do sinn der schonn hallef ëmgefall wann se eng Stonn gewaart hu fir dierfen an d'Piscine ze goen.

Wat elo deen neie Pavillon ubelaangt, dat "Badi", wéi Dir et gesot hutt, do hunn ech keng genau Pläng fonnt, ass deen elo och am Devis mat dran? Well am Descriptif steet wéi wa mir dee bei déi 3,2 Milliounen Euro géifen dobäisetzen, mä wann ech awer elo am Detail kucken, do steet ëmmer à voir, wat elo déi genau Holzkonstruktiounen ubelaangt oder ass dat déi 3,2 Milliounen Euro fir Basengen, fir Technik oder ass do och schonn de Budget vun deem neie Pavillon dobäi? Meng Fro: Wéivill kascht deen dann?

Wat eis extrem wichteg ass an do denken ech, dass ech net deen Eenzege sinn, dat ass de Patrimoine historique och vun der Entrée, déi gehéiert zu Diddeleng, dee muss erhole ginn, dat ass och architektoneschen Zäitzeien a virun allem och egal wéi ureg d'Douchë sinn a wéi iwwerfällleg d'Vestiairen eng Renovatioun brauchen, wann een déi Plättercher kuckt an déi Aart a Weis wéi dat deemools konzipéiert war, dat huet awer iergendwéi Charme, a meng Fro ass och, ob Dir villäicht wëlles hutt awer bannen dran esou kleng Touchen ze maachen, wéi een dat gesäit bei Renovatiounen vun ale Gebaier, dass een do e puer Plättercher stoe léisst, fir awer ze erënneren un déi flott historesch Geschicht, déi mat deem Pavillon verbonnen ass. Den Amenagement vun der Plaz virun der Maison Relais, dat ass sécher wichteg, well déi Kanner hu soss net ganz vill Auslaf, quitte dass et net wäit ass fir an de Park oder de Park beim Lycée mä wichteg ass, an do hale mir drop, dass mir op kee Fall dee Pavillon mat ewech rappen, dat schéngt jo och an de Pläng, déi Dir eis gewisen hutt, de Fall ze sinn. Dofir fanne mir dat heiten eng ganz gutt Saach a mir stëmmen dat och. Mir wëlle just wëssen, wat déi 3,2 Milliounen Euro alles beinhalten. Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, och ech schwätzen ëmmer gär iwwer déi oppe Schwämm well ech do ganz vill Kandheetserënnerungen hunn an et ass richteg flott, dass dat elo erneiert gëtt. Prinzipiell fanne mir déi nei Konzeptioun vun der Entrée ganz gutt an och déi nei Opdeelung vun de Vestiairen an insgesamt vum Raum, et ass wierklech e flotte Projet. Awer wéi och d'Madame Kayser hunn ech festgestallt, dass déi Entrée, déi neigemaach gëtt a verluecht gëtt, dass déi fir déi oppe Schwämm war, während mir beim Projet Hartmann geschwat hu fir dat ze konzipéiere fir déi zwou Säiten. An dofir wollt ech

nach eemol nofro firwat dass dat falegelooss ginn ass, déi Konzeptioun vun der Entrée fir déi 2 Schwämmen ze maachen. Mir hunn anerersäits och keen Zweifel drun, dass de grouse Baseng an déi technesch Installatiounen erneiert mussen ginn, erlaabt mir awer nach e puer Froen dozou.

2016 ass de klenge Baseng mam Waasserzoulaf gefléckt ginn, d'Beckenfolie ass erneiert ginn an de Rand vum Baseng ass méi flegelicht gemaach ginn. Dobäi ass gesot ginn, dass déi Beckenfolien all 15-20 Joer mussen erneiert ginn, well se duerch d'UV-Strahle géifen degradéieren. Wéi al ass dann déi Beckenfolie am grouse Baseng? Am Laf vum leschte Summer ass och e grouse Waasserverloscht an eiser oppener Schwämm festgestallt ginn, den Här Jadin hat dozou eng Fro gestallt, déi schrëftlech beäntwert ginn ass. Waren déi ondicht Plazen dann an deem groussen oder an deem klenge Baseng oder vläit an deenen zwee?

Voilà, dat waren déi 2 Froen dozou. Dann hu mir festgestallt, dass Solarduschen an eng Ofdeckung vum Baseng virgesi sinn, wat de Verloscht vun der Wäermt ka reduzéieren. Dat freet eis well doduerch den Energieverbrauch vill verbessert gëtt, jiddefalls par rapport zu der aktueller Situatioun. Mir hunn eis awer och gefrot ob et net méiglech gewiescht wier, méi wäit ze goen, am Sënn vun der Notzung vun erneierbaren Energien. Hutt Dir net iwwerluecht fir eng Solaranlag mat Projekteren um Daach vun der Maison Relais ze installéiere fir d'Waasser am Baseng ze hëtzen, dat soll ganz sënnavoll si fir oppe Schwämmen, well ebe während de Summerméint d'Astrahlung grouss ass, d'Waasser vun eise Basenge gëtt jo säit e puer Joer liicht opgewiermt. Meng Fro ass ëm wéivill Grad gëtt et gewiermt an ënnert wéi engem System? Et kéint een sech jo virstellen, dass d'Waasser duerch Sonnekollektoren ëm e puer méi Grad waarm gemaach kaginnandoduerch d'Saisone méi fréi unzefänken an och bis Métt oder Enn September auszudehnen. Sinn dozou lwwerleeunge gemaach ginn?

Dat wieren e puer Froen eisersäits zum Thema Energie. Ech erlabe mer dann och meng üblech Nofro zu dem Notze vum Duschwaasser ze maachen, dat kéint duerchaus opgefaange ginn an als Grondwaasser fir d'Toilettespülung genotzt ginn. Bei der Schwämm am Centre Hartmann war dat leider keen Thema. Wéi ass dat dann elo hei? Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hätt eng reng technesch Fro, wat de Filtermedium ugeet: Do ass elo Sand ugesot. Ech kennen een, deen huet a senger privater Schwämm e Glasmedium, dat ass amorpt Glas wat reng gemuelen ass. Biochemesch Etüde géife weisen, dass dat méi efficace wier



wéi de Sand. De Sand hätt den Nodeel, dass e kéint ronderëm d'Sandkären e Biofilm opbaue wou d'Bakterien drasetzen, déi sech deemno wéi géifen isoléiere vun deem Medium, deen am Waasser ass fir ze desinfizéieren (an dee gewéinlech op Hyperchloridbasis baséiert) an et wier erweisen, dass dee Glasmedium am Filter vill méi efficace wier fir dee Biofilm ze verhënneren an doduerch vill méi en hygienesch einwandfräit a vill méi e kloert Waasser produzéiert. Do wollt ech just froen: Ass de Sand fir grouss Anlage wéi déi heiten nach ëmmer de Standard oder ass do en Trend, dee méiglech wier, dass ee géif op déi nei Etüde fir deen neie Medium goen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hunn e puer Froen: De Vestiaire gëtt op de Site gebaut, wéivill Plaze ginn doduerch verluer, wéivill Entréeë kënnen mir elo huelen, wéivill Entréeë kënnen mir duerno huelen? Dann hunn ech eng Fro iwwer de Rideau, deen nuets iwwer de Baseng gezu gëtt, gëtt deen och fir dee kleng Baseng gemaach? Dann eng aner Fro, et huet mech e bësse gewonnert, dass keen déi gestallt huet hei. Ech gi relativ vill an d'Schwämmen an déi meeschte Schwämmen hunn eng Videosurveillance, fir wann een ënnergeet. Zum Beispill zu Beetebuerg gëtt dat mat Kamerae gemaach an do gëtt en Alarm ausgeléist wann een erdrénkt. Ass dat hei net méiglech? Oder firwat gëtt dat net gemaach? Well ech war e puermol am Summer do, do ware vill Leit do a wéineg Leit, déi konnten oppassen duerch verschidden Ëmstänn, dat war eben esou, déi stoungen alt heiansdo e bëssen ënner enger Stresssituatioun well se missten iwwerall sinn an esou eng Videosurveillance wier awer eng gutt Léisung fir d'Sécherheet vun de Leit. Merci.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, och d'LSAP seet den Hären an Dammen Architekten Merci fir déi präzis, allgemeng an technesch Explikatiounen iwwer déi 2. Phas vun der Mise en conformité vun eiser oppener Schwämm. Wa mir an den Diddelenger Geschichtsbücher bliedern, an notament am Buch vum Cinquantenaire oder an dësem Bichelche vun den Häre Christoffel a Kugeler, da gi mir gewuer dass Ufank Mee 1920, also bal virun 100 Joer, op deem heitege Site vu der oppener Schwämm, de sougenannten Terrain Goergen, d'Stade, also eise Fussballsclub, e Frëndschaftsmatch géint den deemolege Saarmeeschter AS Forbach gespillt an 3 zu 1 verluer hunn. Duerno sinn op dësem Terrain déi verschiddenst Sportarten ofgehalen ginn, dorënner Liichtathletik an et ass esouguer Motorrad gefuer ginn. Zum Schluss vum 2. Weltkrich huet op deem Site d'amerikanesch Arméi kuerzzäiteg bis zu 2 000 000 Liter Benzin gelagert. Den 21. Juli 1953 ass déi oppe Schwämm du feierlech ageweit ginn. Eng Anlag an där säitdem Dausende Leit,

Kanner an Erwuessener während de Summerméint flott Momenter verbruecht hunn. Alleng am leschte Summer hate mir 43 000 Entréeën.

Eigentlech gesäit déi Schwämm haut zimlech selwecht aus wéi deemools. Am Laf vun de Joere si verschidde Moderniséierung gemaach ginn, sou ass zum Beispill eng grouss Rutschbunn bäikomm. An de leschte Joeren hu mir misse feststellen, dass een net laanscht en däitleche Lifting vun deenen 2 Basenge an den technesche Lokaler kënnt an dass e Lifting muss duerchgefouert ginn an och en neie Pavillon mat Cabinnen, Vestiairen an Dusche muss realiséiert ginn. Sou ass bis elo dee kleng Baseng an enger 1. Phase renovéiert ginn. Natierlech kascht dat Ganz vill Suen, déi de Gemengerot fir 2019 budgetiséiert huet. Well een den normale Schwammbetrieb während de Summerméint net wëll steieren, ass et logesch, dass nëmme während September bis Abrëll ka geschafft ginn. Wéi mir virun explizéiert kruten, gëtt déi 2. Phas an zwee Deeler duerchgefouert. Den éischten Deel vun der zweeter Phas mat der Mise en conformité vum groussen Baseng an den technesche Lokaler ass fir Enn 2019 an Ufank 2020 geplangt. D'LSAP-Fraktioun steet voll a ganz hannert dem Schäfferot a senge Beméiungen, och déi nächst Generatiounen vun enger moderner Anlag profitéieren ze loosse a stëmmt dësen Devis estimatif.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Villmools Merci Här Buergermeeschter, also fir et direkt ze soen, mir als Déi Léng ënnerstëtzen dee Projet, et ass e flotte Projet, schéin ëmgesat, an op meng Fro déi ech am August gestallt hat, kann ech lech eng kleng Äntwert ginn, dofir ass et sou wichteg, déi ganz Saach ze moderniséieren a virun allem déi Saachen ze ersetzen. Normalerweis sinn et 150 000 Liter Waasser, déi musse pro Woch nogefëllt ginn an engem waarme Summer. Well awer e puer Fuiten dra waren, déi héchstwahrscheinlech net direkt fonnt gi sinn, sinn 1 200 000 Liter Waasser gebraucht ginn. Dofir ass et wichteg, dass déi Schwämm op en Top gesat gëtt. Merci.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, mir ass elo eppes opgefall bei der Presentatioun, dat mer net opgefall war, wéi ech den Dossier gekuckt hunn, dofir just als Fro oder als Remarque: D'Madame Teisen hat ganz kuerz ugerass, dass mer uewen e Wee fräi hu fir Uliwwerungen oder fir den Noutfall, do hat se d'Wuert gesot an dunn ass bei mir de Grosche gefall. Viru ville Joeren hate mir déi ganz Schwämm ënnert d'Lupp geholl an der Form vun Evakuatioun. An enger Schwämm, weess ech, ass Evakuatioun net dat einfachst Thema well déi meeschte Leit nëmmen un Evakuatioun denke vis-à-vis vu Feier, an dass mir an enger oppener Schwämm elo net vun engem Grouss-



flächebrand müssen ausgoen, dat ass mir kloer. Mir hunn awer deemools eis op Fakte baséiert, déi am Ausland geschitt sinn. Also, Panik duerch iergendeng Form léist och Evakuatiounen aus, an do war ënnert anerem, fir déi breet Paarten, déi kënnen opgemaach ginn, eise Schwammmeeschteren d'Instruktioun gi ginn, dass déi müssen zu all Moment grouss opgerappt kënnen ginn, fir esou e Site relativ schnell kënnen ze evakuéieren. Mir haten och Joeren, déi net esou schéi ware well Leit do waren, déi Sträit ugefangen hunn an esou weider. Et dierf een d'Evakuatiounen enger oppener Schwämm net op déi liicht Schëller huelen, dofir: Ass do dru geduecht ginn? A wann net dru geduecht ginn ass, da sollte mir nach dodrun denken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir dës Froen a Stellungnahmen, ech ginn d'Wuert zeréck fir déi technesch Froen an déi politesch maachen ech dann.

LISI TEISEN (TEISEN-GIESELER ARCHITECTES): Fir villäicht direkt mat der leschter Fro unzefänken, effektiv gouf dat och gekuckt mat de Fluxen, well et wëll een elo net onbedéngt op all Säit esou grouss opmaachen, dass alles méiglech ass, well da muss iwwerall och erëm Dallage geluecht ginn, da verléiert een och déi wäertvoll Gréngfläch, déi mir wëlle maximiséieren fir dass dat doten esou eng Ruheoase ass, esoubal een um Site ass. Dat heescht, mir hunn eis konzentréiert fir bei där neier Entrée Richtung Parking do déi ganz Afaart an Ausfaart vun Ambulance, Entretien, Service Park, Livraisoun Chlor, Pompjeeën an esou weider virzegesi mat engem Gabarit, wou dat dann och derduerch passt.

Do säitlech laanscht deen neie Schoulhaff vun der Maison Relais wier am Fong just, dass een eng Alternative huet fir och do eranzekommen an eng Camionnette fir de Gerant vum Kiosk, mä dee mécht do net eng grouss üppeg Kichen doraus, mä mir bleiwe beim Typ Snack, dat sinn dann och méi kleng Uliwwerungen, déi do kommen. Déi Etüd läit eis net vir, et wier interessant ze gesi wat deemools gesot gouf, fir dass een dat ka berücksichtegen.

Villäicht nach eng Saach zu den Daachflächen. Am Hibleck op d'Energiekonzept, mir hu verschidden Optiounen, wéi mir wëlle mat den Daachflächen ëmgoen, entweder géife mir e Gréngdach virgesinn oder eng Méiglechkeet fir Kollektoren oder mir géifen op dem Standuert vum ale Vestiaire e Sonnendeck virgesinn, well wann een historiesch kuckt, war do am Fong e ganz flotten éischten Niveau, wou een sech konnt e bëssen hanner Wand sonnen. Den eenzege Problem do ass, dass mir do net d'Accessibilitéit net garantéiert hunn, dat misst en neie Lift sinn, dee mir elo am

Budget net geplangt hunn, dee misst een dann derogéieren, an do weess ech net wat fir eng Resistenzen dat mat sech bréngt, do kéint een dann net jiddereen eropbréngen op den éischte Stack well am Moment dee Lift, deen dat assuréiert, zu der Maison Relais gehéiert an dat gëtt an Zukunft nach vill méi kloer getrennt do hätt een dann net méi deen Notzen.

Nach e Stéchwuert, Accessibilitéit, déi sollt an dësem Projet erreecht ginn am Moment hu mir e versat, wann een erakënnt an d'Vestiaire, do muss een Träppleken erop- an erofgoen, do hate mir an enger Variant Rampen, mä schlussendlech gouf sech du fir déi bescht Léisung decidéiert, nämlech kënnen mir vum Parking riicht a gläichens eran, ouni musse mat Rampen ze schaffen. Fir den architektoneschen Zäitzeien, fir dee Clin d'oeil op alle Fall ze erhalen, do si mir elo drun a géifen an den nächste Wochen a Méint propper ausschaffe fir iech dat kënnen ze presentéieren. Dat war elo fir haut e bëssen ze fréi, et ass awer schonn d'Iddi, dass een eng Mëschung vun Erhalt awer och Modernisatioun huet, wat en Teilabriss op alle Fall mat sech bréngt.

ROBY EISCHEN (BUREAU GOBLET LAVANDIER):

Da versichen ech, op déi vill technesch Froen ze äntworten an hoffen, dass ech keng vergiessen. Ech si keen Archeolog, ech weess net wéi al déi Folie ass mä si ass an engem schlechten Zoustand. Ech héiere grad, datt se 25 Joer al ass. Si ass al, si huet gelieft, si ass bombéiert op Plazen an dat deit op Infiltratiounen hin, do ass elo net méi vill ze maachen. Et ginn X Varianten, déi hu mir och analyséiert, ech ginn do net zevill an den Detail et kéint een och en Inox-Baseng doraus maachen, et kann een eng Folie maachen, mir sinn no Ofweigung no ville Pro-/Kontra- Punkten zum Schluss komm dass mir bei engem urspréngleche Liner bleiwen esou wéi en och konzeptuell bis elo virgesat ginn ass. Béides féiert zu engem ähnleche Resultat, mat aner Materialien, dass de Baseng dicht ass a funktionéiert.

D'Thema Solar hu mir relativ laang ënnersicht, ech hunn dat virdrun net gesot mä Dir hutt e puer Méiglechkeeten. Wann Dir wëllt Solarenergie notzen, mir sinn ugeschloss un e Blockkraaftheizwierk wat de Moment op der lénker Säit hei an dësem Beräich beim Centre Hartmann befënnt. Dat ganzt hu mir bësse méi global gekuckt, e BAKW ass jo mat Gas bedriwwen, dat ass an Zukunft net méi wirtschaftlech ze bedreiwe well d'Einspeisevergütung ewech fällt vum Staat oder schonn ewech gefall ass viru Joeren. Dat heescht, do si Projeten och amgaangen, wou driwwer iwwerluecht gëtt, dat ze ersetzen duerch en anere Medium, ouni dass ech elo méi kann doriwwer soen, well dat an den Diskussiounen ass, wou sécher de But wäert sinn, dass eng besser ökologesch Solutioun fonnt gëtt wéi déi, déi haut virläit. Dat



ass een Aspekt, dee muss een awer berücksichtigen.

Den zweete Punkt ass, Dir hat ugeschwat fir Solarthermie hei op den Dach ze leeën. Wa mir elo eng Daachterass do maachen, wat elo eng Iwwerleeung war, dann ass deen Terrain fort. Hei op sou engem Daach gestalt sech dat Solarthermescht fir waarmt Waasser ze maachen als relativ komplex, en plus hu mir eng äusserst reduzéiert Fläch. Da misst ech schonn eriwwer goen op dëse Beräich, vill wëssen der dat net, am Hartmann uewen, do ass eng Reewaasserréckhaltung déi vun der Gestion des eaux deemools gefrot ginn ass, déi ass net niewent dem Gebai realiséiert gi mä uewen um Daach, dat heescht, op där Surface kann ech och näischt maachen an da misst ech scho weider, méi wäit d'Hëtzt sicke goen, wat sech dann awer technesch als méi schwéier erweist.

Dunn hu mir déi Wirtschaftlechkeetsanalyse gemaach. Dir musst och eppes wëssen, dës Schwämm gëtt net dat ganz Joer bedriwwen, dat heescht fir all d'Mesuren, déi Dir maacht, muss ee kucken, wat bréngt se. Dat ass wéi wann Dir en Auto kaaft fir all Joer 5 km ze fueren, dann ass d'Wirtschaftlechkeet vun deem Auto net enorm grouss. An hei musst Dir och soen, wéivill Stonne kann ech dovunner profitéieren a wat bréngt et an. An deem Kontext war déi Mesure vun der Ofdeckung eng vun de wirtschaftlechsten an dunh hu mir dat och letztlech zeréckbehalen. Dat heescht, vu dass mëttel- fristeg hei méi eng ökologesch Situatioun kënnt a mir da jo eng Konkurrenzsituatioun hätten zwëschen zwee méi ökologesche Medien, a vu dass ech e puer Surfacen hei hunn an dass et technesch relativ komplex ass fir dat alles eriwwer sichen ze goen hu mir dovunner ofgesinn, fir Solartechnik fir dee Beräich ze notzen. Dat ass analyséiert ginn, dat ass laang hin- an hierraan, et ass net, dass mir dat einfach séier ewechgedréckt hunn.

Dann hat Dir d'Fro mam Heizen, wéi heize mir d'Duschwaasser an d'Schwämm? Natierlech, ech kann de Komfort steigern, déi eng wëllen et méi kal déi aner méi waarm, dat ass net einfach. Voilà, dann d'Duschwaasserrekuperatioun, och do stellt sech ëmmer déi selwecht Fro, wann dat natierlech net esou laang am Joer genotzt gëtt, dann hunn all déi technesch Systemer, deen een abaut, eng Wirtschaftlechkeet, déi vill méi erfoget. A wéi gesot, et kann een alles maachen, mä mir sinn als Bureau ëmmer der Meenung, et huet ee jo als Gemeng e begrenzte Budget, dass ee soll soen, OK ech setzen de Budget do an, wou CO2 pro Euro investéiert am effizientesten ass. Da soe mir, wann ech do Economieité kréie vun 40- 50 Joer, da soen ech huel den anere Projet wou méi sennvoll Moossname sinn a setzt déi Suen do an, wou dir just e Payback Time vun 20 Joer

hutt. Als Ingenieuren hu mir och ëmmer d'Gebot vun der Wirtschaftlechkeet am Genéck stoen, dat ass d'Approche déi mir vis-à-vis vun eise Clienten hunn.

Fir Är Fro ze beäntweren zum klengen Baseng, och do ass gekuckt ginn ob mir do eng iwwersorte driwwer maachen oder net, an do ass definéiert ginn dat net ze maachen, well dat och net den Erfolleg bréngt wéi beim groussen Baseng. Da war d'Fro, Filtersand a Filterglas, Filterglas ass effektiv eng Variant, ech sinn elo net deen allergréisste Piscinnespezialist an deem Beräich a mäin Expert ass elo net bei mir. Ech ginn dovunner aus, mir halen déi Filter jo a mir befëllen se nei an et ass méiglech, dass et net kompatibel ass mat deene Volumen, déi Dir braucht, do sinn ech mer awer elo net sécher, dat muss ech nofroen, dat kënne mer awer gär dem Service technique beäntweren.

Och aus wirtschaftleche Grënn gouf gesot, mir geheien déi Filteren net all eraus, mir halen se, wat nach gutt ass, d'Carcasse, get gehalen, si gi vu bannen gekuckt wéi se a Form sinn, si gi retapéiert och fir net Material ze verschwenden. Ob mer Filterglas do benotze kënnen, dat weess ech elo net, dat muss ech d'Kollege froen. Et huet sécherlech Virdeeler, och vum hygienesche Standpunkt aus, do hutt Dir absolut Recht.

Voilà, dann eng weider Fro war d'Thema Videosurveillance, doriwwer kann ee vill schwätzen, mir plange ganz vill Piscinnen, am Bausseberäich hu mir dat nach net gemaach, ausser zu Beetebuerg, do heescht eise System Poseidon, dat si Kameraen ënner Waasser, Iwwerwasser kombinéiert. Dat heescht, wann ech hei Kameraen iwwer Waasser maachen, da misst ech scho seriö Pottoen dohinner setzen, déi misst ech dann och esou ausrichte well dat Systemer sinn, déi relativ sensibel sinn, dat ass do net Wandeffekter kommen, oder wann een sech widder de Potto stäipt, datt dat dann net verzitt, ech denken dass et technesch relativ schwierig gëtt, esou e System ze maachen. Ech kann awer och déi Fro nach mathuelen. D'Avise vun de Clientë sinn och ënnerschiddlech. Ass eng mënschlech Betreuung besser oder léiwer Kamera oder déi zwee, dat hänkt och ëmmer vum Client of. Do gëtt et vu bis.

LISI TEISEN (TEISEN-GIESELER ARCHITECTES):

Dozou kann ech eppes soe wat ech virdru vergiess hat, nämlech an der Phas 1 géife mir op dësem Deel eng nei Plattform fir d'Maitre-nageure virgesinn, dat sinn ëm déi 3-4 Leit, déi si strategesch positionéiert fir an all Richtung ze kucken. Am Moment sinn se hei op esou engem klengen Plateau, dee wier e bësse méi erhéicht, dat misst och zu der Sécherheet bäidroen.



MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Mir ass elo och nach eppes agefall, éischstens wat de Fluchtweg ubelaangt, et bleift jo och nach eng Sortie an d'Nic Biver Strooss wann ech mech net ieren. An dann, wat Dir virdru gesot hat, Dir hat dem Schäfferot dräi Optiounen proposéiert d'lescht Joer, an et ass eng zeréckbehale ginn, déi ass ganz flott, mä et wier awer interessant, ze wëssen a wat déi aner zwou Proposen differéiert hu vun där heiten, einfach, dass een e bësse weess, wéi d'Diskussiounen gelaf sinn. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech hu manner eng Fro, wéi eng Remarque zum Dossier, Villes ass hei jo elo scho gesot ginn an de Bob Claude huet eis ausféierlech en historeschen Discours gehalen, dat heescht wou ech wëll drop hiweisen, dat well ech hei erwänen, dat ass de soziale Fortschrëtt, dee mir erreeche mat deem dote Projet. Op e puer Aart a Weise fannen ech deem immens wichteg, dat ass éischstens emol, wéi mir dat gesinn hunn, déi Schwämm ass historesch gewuess, dat ass ganz wichteg fir d'Communautéit zu Diddeleng, fir d'Leit hei, wou se sech gesinn, wou iwwer Generatiounen am Summer Kontakter gefleegt ginn, wou ee seng Fräizäit verbréngt. Dann, dee ganze Volet vun der Renovatioun ronderëm d'Maison Relais, fannen ech exemplaresch, an ech fannen och, dass elo dee Bausseberäich esou geschaf gëtt, dat huet och zu enger Verbesserung gefouert, net nëmme fir d'Kanner, mä och fir d'Aarbechtsbedingungen.

An dann dréttens, op verschidden Aart a Weisen ass hei eng kloer Verbesserung vun den Aarbechtsbedéngungen passéiert, an dat ass net ze ënnerschätzen. Déi Leit, déi elo hei schaffen, déi sinn awer elo hei e bëssen op de leschte Stand bruecht ginn, wat hir Aarbechtsbedéngungen ubelaangt an dat ass och wichteg, besonnesch fir eis, ob dat elo Maison Relais ass, ob dat elo Schwammmeeschtere sinn, ob dat elo Techniker sinn, déi do schaffen, oder déi déi Buvette bedreiwen, dat heiten huet am grouse Ganzen nëmme Virdeeler, net nëmme fir d'Utilisateuren, mä och fir déi Leit, déi um Site schaffen. Dat wollt ech nach eng Kéier soen. Merci.

LISI TEISEN (TEISEN-GIESELER ARCHITECTES): Also, déi dräi Projeten, dovunner waren der zwee, déi am Fong festgehalten hunn un der jëtzege Entrée, villäicht och well dunn nach net un enger éischter Phase dru geduecht gouf, dass ee kéint déi Entrée deplacéieren. Et war een sech net deene ganzen Enkpäss an der Maison Relais bewusst well dat net esou zum Projet gehéiert huet, et huet een einfach gekuckt, wéi kann ech déi Vestiaires do elo moderniséieren an optiméieren. Do gouf et zwou Versiounen, et léisst een d'Gebai stoen, et setzt een hei am Virberäich op dem Pavillon eng Art Ramp an hei am Säitepassage géif dann de Pavillon entstoen,

wou een am Ufank d'Keessen hätt an duerno d'Maitrenageueren an duerno d'Vestiaires. Dat heescht, et hätt een hei e Liichtbau stoen, en net gehéizte Badityp-Pavillon an niewendru wier dann dat jëtzege Gebai, natierlech opgefrëscht, mä awer a sengem Gabarit, wéi et elo do steet an do war dann ugeduecht, dass ee kéint méi e grouse Café, vläit e bësse méi wéi elo ubidden, also villäicht esouguer Richtung Restaurant goen, an och d'Iddi, dass een als Visiteur do kéint erakommen, de Leit nokucke beim Schwammen, an net era goen an da schwammen, also einfach déi Synergie ech kann dat Gebai notzen an hunn eng Fënster op d'Piscine.

Den zweete Projet war am Fong genau dat selwecht, just dass ee sot, dat Gebai ass ze deier fir et an dem Zoustand wéi et elo ass ze halen, et gesäit een en Neibau vir, deem sech awer gutt un den Noper an d'Maison Relais an deem Ensemble upasst. Du kout déi drétt Variant, also eigentlech zum Schluss vun der Etude de faisabilité hat dunn och d'Maison Relais Iddie fir sech vläit ze erweideren, dat ass awer duerno net zeréckbehale ginn, an am plaz do e grouse Restaurant ze maachen, gouf gesot, da komm mir ginn hinnen eng Salle polyvalente an deem Moment mécht een hei den Agang an d'Vestiaires hätt een op de Site verdeelt, do ginn et verschidde Méiglechkeeten op dëser oder op där Säit. Da wier de jëtzege Vestiaire der Maison Relais zougeschloe ginn. A wat mer finalement elo maachen ass, dass mir hinnen den Haff ginn awer net dat Gebai. Dat ass och dat wat sennvoll ass well och net méi Kanner op dee Site solle goen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Ganz kuerz just dozou, dat ass eng Maison Relais, déi net un enger Schoul direkt dru läit, dofir hu mir gesot, et huet kee Wäert, dat doten ze vergréisseren, well d'Zusammenaarbecht ass vill besser wann eng Maison Relais bei der Schoul steet. Hei kréien se vill méi Espace dobaussen, sou datt dat eng gutt Léisung ass.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, da soen ech Merci fir déi Explikatiounen, mir haten och déi Idee vum Restaurant flott fonnt, wann een dat hätt kënnen an deem Pavillon maachen, mä effektiv, déi Proposition, déi Dir elo gemaach hutt mam Versetze vum Agang, dat ass déi optimal Idee. Merci fir d'Presentatioun och vun deenen aneren Iddien, déi Dir hat.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, Merci fir déi flott Diskussioun, déi mir hei ronderëm de Projet hate villäicht direkt déi wichtegst Äntwert fir d'éischt: Madame Goergen, 25 Grad huet d'Waasser. Effektiv, fir deem een ass dat schnuckeleg, fir deem anere kal. Ech kann lech de ganz kleng Baseng proposéieren, deem huet 30 Grad.



Voilà, wat d'Fuiten ubelaangt, do ass déi selwecht Firma wéi déi déi och d'lescht Joer do am Asaz war, déi huet och dëst Joer den Optrag kritt fir weider un de Fuiten ze schaffen. Ech mengen, bei esou engem grouss Site wou een net un all Reseau, un all Tuyau gutt erukënnt, déi sinn deelweis och verbuddelt, dass een net sämtlech Fuite kann ecartéieren, mä wéi gesot, den Optrag ass eraus - Dir kennt jo och de Site - sou dass mir dat besser an de Grëff kréien. D'Diskussioun war effektiv ob soll eng gemeinsam Entrée gemaach ginn, et huet sech awer an der Praxis erweisen, dass dat net sënnvoll ass, wa mir bedenken, dass an enger oppener Schwämm wou et an der Saison esou fluppt wéi d'lescht Joer, eng ronn 1 500 Leit géifen do erakommen, da missten déi fir d'éischt an den zouenen Hartmann kommen an dann erëm erausdrainéiert ginn, dat wier net wierklech sënnvoll, respektiv géifen se déi aner Sportler a Schoulen deelweis hënneren, sou dass mir der Meenung sinn, dass et besser ass, dass mir zwou Entréeën maachen, dann huet jiddweree säi Flux an dann ass dat och e bësse besser un deen dote Site ugepasst.

Videoiwwerwaachung: Effektiv ass dat dobaussen extrem schwierig. Dir musst och bedenken, dass do Schieter a Sonnereflektiounen a Wand matspillen, sou dass et dobaussen zimlech schwierig wier, déi mat anzeplangen. Et ass och e bëssen eng Philosophie vun de Schwammmeeschteren, ze soen, ech verlooosse mech léiwer op mech selwer, ech positionéiere meng Equipe sou wéi et och aus dësem Projet erauszehéieren ass, dass se besser positionéiert sinn an dann och d'lwerwachung besser kënnen iwwerhuelen. Eis Equipe a mir sinn net der Meenung, dass eng Videoiwwerwaachung Sënn mécht. Dobausse souwisou net an och dobannen net.

Jo, de Schrëftzug, deen historesche Patrimoine, dee mir hunn, dee war eis wichteg erhalen ze bleiwen, egal wou déi Entrée hi kënnt, entweder kënnt de Schrëftzug mat oder e bleift op der Plaz, op jidferfall bleift en eis erhalen. Et huet mech gewonnert, dass kee gefrot huet wéini d'Schwämm opgeet. Mä da soen ech dat och net, et ass an der Rei. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärung, wollt just nach derbäifügen, well jo och hei an der Ronn op de Patrimoine hige-wise gouf, dass mir do och eng Rei Ronne mat Sites et Monuments gedréint hunn, mat deene mir e gudde Kontakt hunn, a wat sécher ass, ass dass d'Fassad erhale bleift, well fir déi Zäit wou et gebaut gouf – do dann och dem Här Claude säin historeschen Exkurs – wann een déi Fassad kuckt, déi huet awer epuréiert Linnen, déi wierklech typesch ware fir déi Zäit an de Baustil. Natierlech huet et méi eng grouss Latitude wat

d'Vestiairen ubelaangt. Dat heescht, mir wäerten do zwëschen der Vergaangenheet, dem Patrimoine an awer och enger moderner Ausrichtung e flotten Equilibre fannen. Voilà, dëst gesot, et héiert een eraus, dass iwwer déi ganz Bänken dëse Projet Zousproch fënnt.

Dat heiten ass de Präis vun der éischter Phas, just de Baseng. Fir déi zweet Phas komme mir dann nach eemol an de Gemengerot, well dat och e gewëssenen Opwand huet, och vun der Technicitéit hir. Dat heiten ass elo mol déi éischt Phas, déi mer mussen an Ugrëff huelen, well déi imminent ass.

LISI TEISEN (TEISEN-GIESELER ARCHITECTES): Fir ze präziséieren, dee Maître-Nageur-Pavillon ass mat dran, deen ee klengen hei, an deen zweeten an deen drëtten, déi kommen no. An der Etude de faisabilité war de Gesamtprojet mat 5 Milliounen Euro ugesat, mengen ech, dat wieren et dann nach 2 Milliounen Euro oder esou eppes.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Da misst ee just awer d'Partie écrite verbessern, well do steet och bei der Zomm vun 3,2 Milliounen Euro: ...et la construction d'un nouveau pavillon cabines/vestiaires/douches. Well soss si mer falsch, da kënne mer herno net dat nostëmmen, wat mer brauche fir d'Vestiairen an esou weider. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Absolut, dat musse mir maachen, dat redresséiere mer.

CLAUDE MARTINI (CSV): Just eng kuerz Fro: Den Tuerm, dee bleift jo, gell?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Jo, de Fënnf-Meter-Tuerm bleift. Dee bleift, et ass zu kengem Moment doriwwer geschwat ginn, dass dee fort kënnt.

Voilà, da stëmme mir of, wien ass mat deem Devis, sou wéi en hei virläit, averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.



6. PATRIMOINE

6.1. Avis iwwer d'Proposition, fir d'Gare "Dudelange-Usines" an den zousätzlechen Inventar vun den nationale Monumenter anzedroen

6.2. Avis iwwer d'Proposition, fir de Konverter an den zousätzlechen Inventar vun den nationale Monumenter anzedroen

6.3. Avis iwwer d'Proposition, fir verschidde Gebaier vum Site NeiSchmelz an den zousätzlechen Inventar vun den nationale Monumenter anzedroen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mir ginn op deem nächste Punkt iwwer, do geet et och ëm de Patrimoine, virun allem ëm de Patrimoine industriel, an de Gemengerot ass haut domat befaasst, säin Avis ofzeginn, wat de Projet NeiSchmelz ugeet a virun allem d'Gebailechkeeten, déi sech um Site NeiSchmelz befannen a fir do eng ganz Rei Gebailechkeeten op den Inventaire supplémentaire ze setzen. Dat ass engersäits d'Diddelenger Gare am Quartier Italien, de Konverter an allegueren déi Gebaier, déi op NeiSchmelz solle bestoe bleiwen an eng nei Affektatioun solle kréien am Kader vum Mol-Projet NeiSchmelz.


E klengen historeschen Exkurs: Dir wësst, dass 1893 dat Ganzt lass gaangen ass an dass hei zu Diddeleng d'Wéi vun der ARBED stoung an dass 1893 déi éischt Gebailechkeete gebaut goufen, déi eng kloer Visibilitéit hunn an och zur Identitéit vun deem Quartier NeiSchmelz bäidroen a mir duerch dat wat mer hei haut decidéieren och eng Bréck bauen tëschent der Vergaangenheet, der Géigewaart an och der Zukunft vum Quartier NeiSchmelz, dee jo déi Ausrichtung huet, en Ökoquartier ze ginn. Et ass jo esou, dass 2009 e Concours lancéiert gouf, deem den Architekturbureau Bauer & Associés jo gewonnen huet an, pour mémoire, dee Projet vun deem Architekturbureau ass zeréckbehale ginn, well et dee Projet war, deem déi meeschte Gebaier erhalen huet par rapport zu all deenen anere Projeten déi waren, an ech wëll hei nach eng Kéier an de Raum setzen, dass vun deenen 23 Bestandsgebaier, déi um Site sinn, 18 bestoe bleiwen, also kloer zu der Identitéit vum Projet bäidroen an iwwer deem dote Wee och e kloert Zeeche setzen, generell, vun der Valorisation vum industrielle Patrimoine an déi zousätzlech Affektatioun, déi ee ka kréien an der Entwécklung vum Projet NeiSchmelz. Ech wollt dat awer kloer hei ervirsträichen.

Bei deem Avis, dee mir hei ofginn iwwer déi Gebaier ass et jo esou, dass engersäits de Fonds du Logement Propriétaire ass vun deene Gebaier, ausser elo wéi gesot

d'Gare am Quartier Italien, do ass d'CFL Propriétaire a wann hei Gebailechkeeten op den Inventaire supplémentaire kommen, da kënnen se bis zu 50% bezuschusst gi vum Kulturministère. Dat als generell Aleedung zu deem, wat mir haut hei solle befannen.

Wann een e bësse kuckt wéi dat Ganzt sech entwéckelt huet, wéi gesot, 2009 de Concours. Et ass d'lescht Joer gewiescht am Juni, wou mir am Fong als Stad Diddeleng zesumme mam Fonds du Logement e Courier gemaach hunn un den deemolege Kulturminister wou mir hien opgefuerdert hunn, dat am Kader ebe vun der Diskussioun déi mir hei am Gemengerot haten ronderëm d'Modification ponctuelle vun NeiSchmelz, eben deem nächste Schratt ze huelen an och ze kucken, dass déi Gebaier solle klasséiert gi baséierend op de Kuerzinventar, deem 2005 geholl erallt gouf an awer och an deem Courier ganz kloer gefrot hunn, wéi d'Positioun och ass par rapport engersäits zum Stolwierk respektiv par rapport zum Hall Fondouq. Do krute mir am Oktober 2018 vum deemolege Staatssekretär am Kulturministère d'Äntwert, dass d'Gebaier op den Inventaire supplémentaire kommen. Ech mengen, baséiert huet d'Decision vum Staatssekretär sech, oder d'Proposition am Courier op den Avis vun der COSIMO déi am September 2018 geholl gouf, wat jo och an Ärem Dossier virläit an an dem Courier stoung dran, dass deem Deel vum Hall Fondouq, deem 1957 gebaut gouf, also deem nördlechen Deel, net soll erhale bleiwen, respektiv stoung dran, dass d'Stolwierk, dat 1960 erbaut gouf och net soll erhale bleiwen.

An du hu mir awer kuerz dono, den 3. Dezember 2018, e Courier gemaacht un de Staatssekretär fir dorop hinweisen, dass do am Fong eng Erreur matérielle ass, well d'COSIMO der Meenung war an hirem Avis, dass d'Stolwierk soll erhale bleiwen, respektiv am Courier vum Staatssekretär stoung, dass et net brauch erhalen ze ginn. Do hu mir se natierlech dorop higewisen, dass do am Fong par rapport zum Avis a par rapport zum Courier eng Diskrepanz ass an dass si dat effektiv solle rektifiéieren. A mir hunn an deem selwechte Courier, dee mir erausgeschéckt hunn, awer nach eng Kéier nogefrot wat d'Argumentatioun fir si ass fir den Hall Fondouq net ze halen, dass si eis e puer Informatiounen do sollte ginn. An et muss ee soen, dass dee Courier, dee mir erausgeschéckt hunn zäitgläich komm ass mam Courier vun der neier Kulturministesch, déi engersäits déi Erreur matérielle effektiv och redresséiert huet, an och den Argumentaire ronderëm den Hall Fondouq. Et ass esou, dass mir och eng Entrevue haten als Schäfferot mam Fonds du Logement zesumme mat der Kulturministesch an och mat eise Servicer. Dat war de 14. Februar 2019, do hu mir dann eis "Liebeserklärung" zum Projet NeiSchmelz declaréiert, eise



Patrimoine industriel. Wéi gesot, mir hunn eis do de 14. Februar gesinn, fir och déi doten Diskussioun ronderëm den Inventaire supplémentaire vun den nationale Monumenter ze féieren, einfach ze diskutéieren an Dir hutt jo och an Ären Dokumenter de Courier vun der Kulturministesch leien, deen den 18. Februar komm ass, wou si nach eng Kéier ganz kloer seet, datt engersäits den Hall Fondouq, deen nördlechen Deel, deen 1957 gebaut gouf, net deen deen 1993 gebaut gouf, datt deen net erhalenswäert ass an dat Ganzt gouf nach ofgeronnt an engem generelle Kontext vun enger Visite vun der Kulturministesch um Site NeiSchmelz selwer, de 6. März 2019, wou si sech konnt e Bild maachen, well dat jo e Projet-phare ass hei am nationale Kontext, wou à terme jo 1 000 Wunnengen entstinn, einfach d'Envergue vun deene 40 Hektar, wou d'Kulturministesch op der Plaz sech konnt e Bild maache mat hire Servicer an och zesumme mam Fonds du Logement. Dat zum Werdegang vun deem administrativen Deel.

Dat wat mir haut hei virleien hunn, ass engersäits d'Klasséierung op den Inventaire supplémentaire vun der Gare am Quartier Italien op 39, Rue Gare-Usine, e Gebai dat 1885 gebaut gouf a wou och d'COSIMO an och Sites et Monuments an och de Minister a sengem Avis op déi verschidden Affektatiounen ageet, déi d'Gare hat. Ech mengen, do héiert een eraus, datt deementspreechend och e Schalter enne war um Rez-de-Chaussée respektiv datt d'Déngschtwunneng fréier um éischte Stack war, dat Gebai wou een haut de Centre de Documentation sur les Migrations Humaines och erëmfënnt. E flotten historeschen Exkurs wat d'Gare ugeet am Quartier Italien. Dat ass deen éischten Deel. Dann, deen zweeten Deel, dat ass de Konverter, deen eng Zäit laang och um Site NeiSchmelz war, mee deen elo integréiert gouf an d'Rue Nic Bieber bei de Lycée Nic Bieber déi jo och e bësselchen esou en industrielle Parcours gemaacht hunn op hirem Site. A wéi gesot, och dee Konverter gouf vum Lycée Nic Bieber recupéiert an dat gouf am Joer 1957 gebaut. Dann de Plat de résistance, wéi gesot, 23 Bestandgebaier, 18 déi erhale bleiwen. Dat ass wierklech um Site selwer, wéi gesot hei déi Gebaier, déi erhale bleiwen am Projet NeiSchmelz. D'Pomhouse, dat 1904 gebaut gouf, dat net klasséiert ass à ce stade, quitte datt de Waassertuerm zwar engersäits klasséiert ass, deen ass um Inventaire supplémentaire, respektiv d'Pomhouse war vergiess ginn ze klasséieren. Dat huele mir hei no. Ech mengen, och dat ass e Gebai mat enger ganz flotter Affektatioun, do gesäit ee wat ee konkret aus esou Gebaier ka maachen an nächster Zukunft.

An do gesäit och hei an den Erklärungen, datt dat am Fong dat eelste Gebai vun der gesamten Anlag um Site an datt dat och genotzt ginn ass an der Zäit fir effektiv

mam Waassertuerm zesumme fir d'Versuergung vun der Stad Diddeleng an herno och d'Versuergung vun der ARBED. Dann direkt niewendrun d'Waasserbecken an awer och déi fréier oppe Schwämm respektiv d'Originne vun der offener Schwämm. Virdrun hu mir iwwert d'Renovatioun vun der aktueller offener Schwämm geschwat, mee d'Origine vun der offener Schwämm, dat ass am Fong dee grouse Baseng direkt vis-à-vis vum Waassertuerm, deen 1921 gebaut gouf an natierlech och 1953 déi aner Becken, déi als Killbecke genotzt goufen an och dono als Kläranlag.

An och e bësselche méi wäit erop, d'Sozialgebaier an d'Vestiairen, déi genotzt gi sinn als Umkleide fir d'Aarbechter vun der ARBED, Bureausraum, Sozialraum, effektiv deen ass och ze erhalen. Dann déi sougenannte Lokwerkstatt, déi 1956 och gebaut gouf. Ee vun deenen alen Elementer ass d'Waagenwerkstatt, déi ëm 1900 gebaut gouf. Ma dann awer och e ganzen Ensemble, an Dir gesitt se do um Plang rout markéiert allegueren déi Gebaier déi erhale bleiwen, dee ganzen Ensemble vun der Maschinental, d'Schalthaus, d'Werkstatt an d'Sozialgebaier, och ëm déi 1900 gebaut, respektiv 1930-31, wou och eng Rei Trafzellen dra sinn. Da komme mir op d'Hauptwerkstatt, also de südlechen Deel vum Hall Fondouq, et ass mengen ech dee wou een déi rout Zillen och erëmfënnt. Déi gouf 1883 gebaut an och do weisen se, datt déi Zillen zäittypesch si fir dee Moment wou et gebaut gouf. An dann awer och d'Hauptwerkstatt, wéi gesot deen nördlechen Deel, deen 1957 gebaut gouf, wou hei och d'Meenung ass, datt keen Denkmalschutz deem zousteet.

Dann d'Stolwierk, dat an de 60er Joere gebaut gouf wou déi Diskussioun jo och ass, d'Filmindustrie ënnerzekerien, och dat soll erhale bleiwen. D'Stolwierk, dat jo och dee Moment genotzt gëtt. Dann e bësselche méi wäit beim Hauptportal an der Route de Volmerange, den Haaptgang, respektiv dat rout Haus, esou gëtt et genannt, well déi rout Zillen eben do sinn, wou och ganz oft genotzt gëtt fir Filmer ze dréinen, respektiv d'Haus vum Concierge, wéi gesot, dat Ganzt agebett ebe mam Portal wou een och nach den originale Wope vun der ARBED erëmfënnt a wou och en authentesch Kader huet. Dann natierlech och d'Verwaltungsgebaier, dat 1911 gebaut gouf an dann "last but not least" zum Schluss d'Pièce maîtresse vun deem ganze Site NeiSchmelz, de Laminier, d'Walzwierk, gutt 600 Meter laang, wou jo och d'Iwwerleeung besteet, am Kader vun der Affektatioun, datt dat ka genotzt ginn, engersäits fir eventuell Wunnraum respektiv fir Start-ups, mee ech mengen dat ass d'Pièce maîtresse vun deem ganzen Projet, also summa summarum hu mir hei eng Rei Gebaier, déi mer erhale wäerten, och eng ganz flott Affektatioun wäerten



deem Ganze ginn, sou datt ech elo wat d'Erklärungen ronderëm de Projet NeiSchmelz ugeet, mech op dat heite wäert limitéieren.

An ech wëll awer zäitgläich soen, datt mir och en Amendement kritt hu vun der Grénger Fraktioun wat den nördlechen Deel vum Hall Fondouq ugeet. Ech ginn elo net drop an, Dir kënnt nach op déi Punkten agoen, Dir hutt jo och den Amendement gemaacht, mee ech mengen hei ass och den Avis vun der grénger Fraktioun, datt den Hall Fondouq soll erhale bleiwen, och wa keen Denkmalschutz deem zousteet, mee awer einfach wat d'Affektatioun, déi dem Gebai zoukënnt. Ech wäert dat elo net kommentéieren, ech wäert herno meng Meenung dozou soen, mee ech mengen, mir sollten och kennen d'Méiglechkeet kréien, vu datt Dir d'Demande gemaacht hutt, och Ausféierungen ze kréien, och am Detail nach méi drop anzegoen. Ech mengen, dat steet lech, vu datt Dir d'Demande gemaacht hutt, och zou.

Voilà, hei hu mir also en Ensemble, wou mir engersäits kohärent si par rapport zum Concours, deen 2009 lancéiert gouf, am Joer 2009 dann Christian Bauer an Associés a Partner den Zouschlag kritt hunn, well mir och do en Architekturbureau hatten, deen Experienz huet an der Erhaltung vu Gebaier an der Valorisation vum industrielle Patrimoine. An ech mengen, datt dee Schratt dee mir haut hei an dësem Gemengerot maache mat dësem Avis, och nach eng Kéier dat heite konsolidéieren an awer och - wa mir dat heiten op den Inventaire supplémentaire setzen - e kloere Message gi vun dëser Plaz aus souwuel un d'Propriétaires, déi elo liicht ënner Drock gesat ginn, wat d'Konservatioun vun dëse Gebaier muss erhale bleiwen respektiv awer och de Kulturministère, deen och elo ka sollicitéiert gi fir Subsidien ze gi wann och kloer de Budget virläit wat d'Erhaltung vun dëse Gebaier wäert ugoen.

Dat wäert sécherlech finanziell kee Leckerbisse ginn, mä dat dréit sech einfach ganz kloer an an déi ganz konzeptuell Entwécklung vun NeiSchmelz an ech mengen, datt dat och ganz wichteg ass well een awer och mierkt, datt quitte datt d'Stolwierk 2007 generell jo och genotzt gouf am Kader vum europäesche Kulturjoer a jo och d'Bestriewung besteet, 2022 eng Rei Gebaier ze huele fir och kulturell Manifestatiounen also och hei den Drock an d'Lat héich leien, well de Site NeiSchmelz sech dozou eegent. An awer well een och mierkt, datt esou eng grouss Fläche wéi déi doten, déi 40 Hektar säit 2005, wou jo am Fong keng Aktivitéit méi um Site ass, awer déi Gebaier lues a sécher, vu datt se net genotzt ginn, oder Verschiddener méi genotzt ginn an anerer guer net, awer esou lues degradéieren a verfallen. An ech menge wat dat méi laang dauert wat deen Deteriorationsfaktor ëmmer méi zouhëlt an ech mengen

datt et och elo wichteg ass...- natierlech ass dat elo parallel och ze kucke mat den Aarbechten, déi mir hei maachen a ronderëm d'PAPen, déi elo geschwënn an d'Prozedur geschéckt ginn, wou mir och hei am Gemengerot wäerten domat befaasst ginn, herno wäerte mir jo och d'Convention d'exécution hu ronderëm d'PAPen, wann dann administrativ alles gutt leeft och déi éischt Aarbechten 2021 kënne lassgoen. Ech mengen, datt dat och parallel ze kucken ass.

Ech mengen, datt et wichteg ass, dat heiten op den Inventaire supplémentaire ze setzen, datt deementspriedend och déi néideg Aarbechte kënnen an Ugrëff geholl ginn. Ech mengen, dat ass wichteg fir datt net weider Degradatiounen vun dësem Patrimoine industriel wäerte stattfannen. Voilà, dëst gesot, mengen ech hunn ech probéiert z'erklären wat dat op sech huet mat deenen dräi Elementer, déi mir haut hei am Gemengerot hunn an ech freeë mech op d'Diskussioun an déi ass elo op. Merci an ech ginn d'Wuert direkt un den Här Garcia.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG) : Merci Här Buergermeeschter. Merci och fir déi gutt Erklärungen. Déi gutt Nouvelle fir d'éischt: Ech maachen et kuerz, nodeems ech lech schonn immens op de Nerv gaange si mat all deenen alen raschtegen Halen do. Dat ass awer elo net well ech selwer e "rusty boy" gi sinn, dee net méi iwwert déi "rusty toys" wëll schwätzen, mee ech mengen et ass kale Kaffi an ech profitéiere just villäicht nach vun der Geleeënheet, fir iech eng Boule gréng Pistache Glace an dee Kaffi ze geheien datt et dann e Kaffi liégeois gëtt. Eng weider gutt Nouvelle ass jo déi, datt déi Stalwierkshäl dann elo soll erhale bleiwen. Wann den Hall Fondouq net wier, hätt déi Erreur matérielle dozou gefouert, datt mir als Gréng Fraktioun als eenzeg, wéi sot den Här Buergermeeschter, déi historiesch Geleeënheet verpasst hate fir fir dee Projet ze stëmmen.

Mir hunn eis jo enthal, éischters well déi Stalwierkshäl op deenen enge Pläng nach do war, op deenen anere net méi an et war sou eng Grauzon do driwwer, dat war u sech dat Haaptargument. Well Dir hutt och Recht, datt den Hall Fondouq wéineger wéinst senger historiescher Substanz wéi vu sengem Nutzungsnotze relevant ass. Voilà, sou datt een elo kéint soen, wéinst enger klenger Erreur matérielle hu mir eng historiesch Chance verpasst. Dofir muss ech jo awer trotzdem nach eng Kéier op déi ganz Saach agoen. Wat den Hall Fondouq betrëfft, do ass et esou, et gëtt zwee Grënn fir déi ofzerappen an et ginn zwee Grënn fir en z'erhalen. Ënner de Grënn fir en ofzerappen ass éischters deen, datt eng Stéchstrooss muss gebaut ginn, vun dräi Stéchstroossen duerch e Quartier den am Ufank sollt e verkéiersfräie Quartier sinn. Et ass jo elo awer kee verkéiersfräie Quartier méi, mee et ass e Shared Space Quartier.



A gemäß der Philosophie där mir ëmmer méi erleeën, nämlech där, datt et net wichteg ass wou een ass mee wichteg ass wou een tëschent zwou Plaze sech befënnt. Mir schwätzen an all Quartier, net nëmmen hei zu Diddeleng, schwätze mir ëmmer iwwert d'Mobilitéit a net iwwert déi Plazen, wou d'Leit solle residéieren, iwwert ëffentlech Plazen an esou weider. Dat gesäit een och beim Quartier A Bëlleg, do hu mir och rëm haaptsächlech iwwert esou Saache geschwat a mir befannen eis e bësselchen a sou engem amerikaneschen Road Movie wa mir stänneg ënnerwee sinn, awer net méi wësse wou mir sinn. Dat ass eng allgemeng philosophesch Iwwerleeung.

Den zweete Grond fir den Hall Fondouq ofzerappen ass natierlech den Drock vum Fonds de Logement fir méiglechst vill Wunnengen ze bauen. Dir kënnt lech un deem Artikel am Reporter erënneren, wou jo souguer ugedéit war ginn, datt de Fonds de Logement bestreift wier och nach en Deel vum Walzwierk ze notze fir Wunnengen a Wunnengen a Wunnengen, wat och ze verstoen ass, et ass hire Business, datt si och mol endlech dozou komme fir Wunnengen ze bauen, an an deem doten Areal sinn och Wunnenge virgesinn, sou datt de Fonds de Logement natierlech Drock gemaacht huet fir do zousätzlech Wunnengen ze bauen. Dat sinn déi zwee Grënn firwat datt een e soll ofrappen a mir haten zwee Grënn genannt firwat, datt een e soll erhalen. Net onbedéngt elo wéinst senger historiescher Substanz, mee éischstens, par rapport zu der Etüd vun 2005, wou déi Hal eidel stoung oder bal eidel stoung, ass an der Tëschenzäit immens vill geschitt, si ass immens genotzt ginn. Si ass déi eenzeg Hal um Site, déi iwwerhaupt eng Commodo-Autorisatioun huet.

Dat heescht, den Notzungswäert war immens héich par rapport zu aneren Halen. Den zweeten Argument, dat war mäin Dada, datt ee seet, do brauch ee keng Stéchstrooss, well et si jo zwou anerer duerch de Quartier oder "Walking Stroossen" Mee hätt ee kënnen dat e bësselche méi zou maachen an do eng zousätzlech Plaza schafen, besonnesch op der Schnëttstell tëschent engersäits deenen aneren Halen an der Hal vum Stolwierk, wou dann eventuell Filmstudioe kommen an déi hätte jo bestëmmt och gären eng kleng Extensioun. Dat hunn si op alle Fall deemools gesot, kënnen mir och en Espace de détente, e Bistro an esou weider kréien. Dat sinn also déi zwee Argumenter dofir an dogéint an, bon, mir si nach ëmmer der Meenung, datt et besser gewiescht wier déi Hall Fondouq ze halen, mee dat ass jo elo wahrscheinlech kale Kaffi. Trotzdem kéint et sech jo awer och hei rëm em eng Erreur matérielle handeln. Well déi Erreur matérielle ass op eemol sou einfach bei engem Regierungswiessel zu Dages komm an dofir hu mir den Amendement hei gemaach fir ze soen, eventuell

kéint et jo och nach eng Erreur matérielle ginn. Villäicht vun der COSIMO, well an der COSIMO sätze jo vu 9 Leit dräi Leit déi, fir et diplomatesch auszedrécken, vill mat Diddeleng ze dinn hunn, déi och Diddeleng ganz gutt kennen. Villäicht hunn si och do erëm eng Erreur matérielle gemaacht a si ass net bis heihinner virgedrong... an dofir hu mir dann déi Proposition d'amendement gemaacht, déi ech elo eng Kéier ganz kuerz virlesen, well ech mengen, si ass net automatesch am Compte-rendu.

Also mir proposéieren am Libellé vun der Decisioun vum Gemengerot eppes bäizesetzen, an engem Exposé nennt een dat Exposé des motifs, ech weess net wéi dat heescht... Ech zitieren: "begründen den Denkmalwert der staatlichen Struktur" jo, do dertëscht, ech zitieren, et ass nämlech keng Paginatioun an Ärem Dingen, dofir ass dat e bësselche komesch, ech zitieren: "Hauptwerkstatt, nördliche Erweiterung" steet am Moment do, "die nördliche Erweiterung von 1957 führt das Bauvolumen fort, da es sich im Querschnitt an die alte Hauptwerkstatt anpasst. Die Materialien sind mit Stahl und Betonziegeln in einfacher Bauweise ausgeführt." Voilà, da kënnt dee Passage, dee mir wélten ersetzen, nämlech: "wegen der geringen Aussagekraft kommt dieser Halle kein Denkmalwert zu".

An do wollte mir dat da korrigéieren, nämlech, ech zitieren: "auch wenn der Halle per se kein Denkmalwert zukommen muss, so hat ihre vielfältige Nutzung seit 2007 unter dem mittlerweile eingebürgerten Namen Hall Fondouq als Begegnungsstätte, als Veranstaltungsort, als Hort eines Künstlerkollektivs und als Open Space für kreative Nutzung ihr eine sehr hohe Aussagekraft gegeben als komplementärer Raum zum älteren, architektur-historischen wertvollen Teil der Hauptwerkstatt und zum Stahlwerk, das ja auf Grund des herausragenden Volumens und als Zeitzeuge der späteren Entwicklung des Industriestandortes schützenswert gilt. Auch im Hinblick auf eine kohärente Nutzung des gesamten verbliebenen Ensembles der Hauptwerkstatt und des südlichen Anbaus ist die sogenannte Hall Fondouq als schützenswert zu empfehlen". Dat ass den Amendement, dee mir wëllen era bréngen an dat kéim dann och herno an der Lëscht wou géing dann do stoen: "Hauptwerkstatt inklusive der nördlichen Erweiterung, der südlichen Erweiterung, dem Stahlwerk". Voilà, dat ass eisen Amendement.

Villäicht zum Schluss awer nach, datt mir och elo net an engem wëssenschaftsfräie Raum eis bewegen... neulech war ee vun de Gurue vum Industriepatrimoine fir eng Konferenz hei zu Lëtzebuerg. Ech wëll net soen, datt et zu Lëtzebuerg net och Gurue ginn, mee dat do ass den absoluten europäesche Guru, dat ass den Här Professor Walter Buschmann vun der RWTH Aachen,



Lehr- und Forschungsgebiet Denkmalpflege, historische Bauforschung. Deen ass à l'origine vun där bedeutenster industrieller Rekonversioon, nämlech der Zeche Zollverein zu Essen zesumme mam Architekt Heinrich Böll. An deen hate mir hei an d'Hall Fondouq fir eng kleng Visite gelackelt an zoufälligerweis war och nach ee vum technesche Service do, konnte mir och nach an d'Stolwierkshal eragoen. Den Här Professor Buschmann huet senge Studenten den Optrag ginn, nach e kleng Rapport driwwer ze maachen an hie selwer huet och elo kierzlech e kleng Saz geschriwwen, wat hien doriwwer denkt. Ech zitieren hei d'Studentin Anna Lüdenbach, well dat ass elo net schrecklech wëssenschaftlech, dat ass eng Studentin, déi einfach e Statement mécht. Et huet awer och e bësselchen déi volkstümlech Attitüd déi ee egeiginiwwer vun esou enger Hal kéint hunn.

Si schreift: "Die Werkstattshalle hingegen wirkt auf den ersten Blick nicht einladend und dadurch auch nicht erhaltenswert. Allerdings finde ich, dass die Halle durch die Nutzung des D-Kollektivs als Veranstaltungsstätte und Atelier ein besonderes Projekt ist, welches gefördert werden sollte. Durch die gemeinschaftlichen Aktivitäten wird auch das Leben in Dudelange für die Bewohner attraktiver." Dat ass also e bësselchen sou eng hallef naiv Duerstellung. De Professor Buschmann schreift mir da kuerz, an ech zitieren dat: "Ich halte die fragliche Halle der Zentralwerkstatt für erhaltenswert. Sie ist Bestandteil der Denkmalfamilie des Hüttenwerks und ich fände es eine krasse Fehlentscheidung, nur das kleine Fragment der Halle von 1895 isoliert zu erhalten." Dat ass elo e bësselchen dat Negatiivt. "In diesem Sinne fände ich es auch sehr gut, wenn die Halle des Stahlwerks erhalten bliebe. Dies wäre ein weiterer Schritt um ein wenig verständlichen Relikteschutz von verstreut in einer Neubaulandschaft untergehenden Elemente der Geschichte der Hüttenanlage zu vermeiden."

Dat ass interessant well dat ass déi selwecht Diskussioun déi mir am Moment zu Belval féieren iwwert d'Halle des Soufflantes, well am Moment hu mir just déi Héichiewen isoléiert do stoen an et gesäit ee net méi, datt d'Héichiewen eigentlech en Enn- oder en Tëschepunkt ware vun engem ganze Prozess deen eigentlech am Hall des Soufflantes ugefange gouf. An dofir gëtt sech international am industriellen Denkmalschutz ëmmer méi Gedanke gemaacht fir net nëmmen an iergendenger Landschaft isoléiert Objeten ze klasséieren, mee ze versichen, déi Fluxen déi sengerzäit den Ensemble uitgemaacht hunn, fir déi duerstellen. Dat muss net sinn, datt dat do alles erhal bleift, mee datt awer zumindest déi Prozesser, déi deemools an der Industriekultur bestanen hunn, datt déi erhale bleiwen. Sou, voilà, dat féiert mech dann dozou ze soen, datt mir den Amendement erareeche. Wann deen Amende-

ment erwaardungsgeméiss net ugeholl gëtt, stëmme mir awer fir déi aner Objeten. Net datt mir géifen den Androck vermëttelen, mir géife just op engem Objet déi Klasséierung festmaachen.

Et ass kloer, et muss een awer positiv gesinn, datt besonnesch d'Stolwierkshal awer och natierlech d'Charpente vum Walzwierk extrem wichteg sinn, fir eng méi staark Präsenz vun der Industriegeschicht op deem neien Terrain wichteg ze maachen. Mir mussen awer och e bësselchen en A drop halen, net datt op ee Mol hei e klengt Stéck vun der Walzwierkkonstruktioun verschwënnt, an do rëm e klengt Stéck well dat ka ganz séier heiansdo goen. Ech soen lech Merci fir Är Gedold.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Här Garcia fir seng Ausféierungen an Erklärungen par rapport zu Ärem Amendement. Weider Stellungnahmen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Am Numm vun der CSV ënnerstëtze mir natierlech déi Demanden, déi mir hei virleien hu fir déi Zäitzaie vum Site vum Quartier NeiSchmelz als schützenswäert ze klasséieren. Et ass wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, den 29. Mäerz hate mir hei am Gemengerot rieds iwwert déi punktuell Amendement vum PAG fir de ganze Projet NeiSchmelz an och doriwwer ofzestëmme. An d'CSV huet vun Ufank un ëmmer dee ganze Projet NeiSchmelz ënnerstëtzt, mat all senge Facetten an och d'LSAP, déi Lénk an den ADR a mir selwer haten och d'Modifikatiounen d'lescht Joer matgestëmmt. Déi Gréng hunn elo nach eng Kéier exposéiert firwat si sech do enthalen hunn. Wat effektiv, dat muss ech och soen, wéi den Här Garcia gesot huet, villäicht et awer och gutt war, fir datt nach eng Kéier een en A drop geworf huet a villäicht och verschidde Saachen déi nach net esou richtig festgesat waren, datt déi awer nach eng Kéier konnte revidéiert ginn. Wéi gesot, am Globale si mir fir dee ganze Projet NeiSchmelz och wann eis Reserven éischer waren, datt d'Verkierskonzept feelt fir d'Fluxen an dem Quartier ze assurieren, also d'Gesamtverkierskonzept vun Diddeleng, mee dat ass jo elo haut net de Punkt.

Och déi verschidden CSV Conseillere haten d'lescht Joer schonn exposéiert firwat dese Quartier CO₂-neutral, verkiersberouegend och ekologesch sënnvoll ass awer och, virun Allem, well vill nei Wunnengen entstinn, vill nei Wunnformen ugeduecht sinn a well et eng Méiglechkeet war an eisem PAG neie Wunnraum ze schafen a virun allem och datt déi sozial Aspekter vun deser Mixitéit vun der Populatioun och ganz wichteg war. Iwwer d'Wichtegkeet iwwert d'Erhale vum industrielle Patrimoine do hate mir och referéiert, virun allem de



Jemp Gangler hat sech do d'Méi gemaacht, e schéinen Exposé ze halen och fir nach eng Kéier no ze weisen, Här Buergermeeschter, Dir hutt et och nach eng Kéier gesot, datt Diddeleng ëmmerhin dat éischt Walzwierk behierbiert huet an datt hei d'Wéi vun der ARBED war, déi 1911 gegrënnt war an en huet och gesot, an dat ass och richtig, Diddeleng wier net déi véiert gréisst Stad gi wann d'ARBED net gewiescht wier. An d'Zeie vun dëser industrieller Aktivitéit déi mussen erhale bleiwen. Éischtens ee Mol, fanne mir aus Respekt virun eise Virfahren an zweetens awer och als Obligatioun fir eis Nokommen. An ech denken dat ass eppes wat extrem wichteg ass an de Jemp hat och nach gesot gehat, datt ee sech Gedanke sollt maachen, d'Gebaier och no hirer Restauratioun och eng zäitgeméis Verwennung ze ginn. Datt een zum Beispill, du has deemools erwänt, datt een och ee Mol villäicht kann iwwerleeën, dat historesch Wäertvollt museal ze presentéieren, dat ergänzt sech e bësselche mat dem wat Dir och gesot hutt, Här Garcia, datt een och soll dat net esou isoléiert, hei e klängt Gebai an do e klängt Gebai, mee datt een dat effektiv am Flux, am Ganze soll gesinn. Dat ass eng gutt Iwwerleeung, dat ass ganz interessant gewiescht wéi Dir dat elo hei virgedroen hutt.

Wat och net ze verwäerfen ass, wat och muss a Consideratioun gezu ginn och am Bid Book vun Esch – Kulturhaapstad, an och an deene neien Iwwerleeungen, well do jo verschidden Ännerungen och gemaacht gi sinn. Do stoung och explizit dran, datt déi Industrielfrichë vun Diddeleng mat agebonne soll ginn an e Gesamtkonzept fir de Patrimoine am Süden ze revaloriséieren an dat ass och gutt esou. Bon, den Här Buergermeeschter huet gesot, am Mäerz virun engem Joer, do hate mir scho gesot gehat datt mir nach keng Demanden un de Kulturministère agereecht hate fir déi historesch Gebaier um ganze Site NeiSchmelz ze klasséieren a fir ze erhalten an dat ass jo elo hei geschitt. Et muss een och soen, déi politesch Mille muele lues. Wa mir kucken, elo si mir e Joer amgaangen a mir sinn elo nach net ganz wäit well mir eben dee Courrier ëmmer hin an hier ginn an der-tëschent ware Walen. Bon bref, mir mussen awer elo kucke, datt mir mol endlech e bësselche no vir kommen, well, wat jo och wichteg ass, dat hate mir och d'lescht Joer scho festgehalten, et goufe nach keng wëssenschaftlech a statesch Analyse vun dem Patrimoine industriel gemaacht an ech denken do ass et elo net fir nach laang ze piddlele soss gëtt dat och kee Stéck. Dann, wat awer och wichteg ass zum Hall Fondouq, dat ass effektiv fir den D-Kollektiv an aneren Acteuren en Doheem gi fir künstleresch a kreativ aktiv ze sinn an ze ginn. An et war och geduecht fir dat als Projet-phare fir Diddeleng am Kulturjoer 2022 erausstiechen ze loossen.

An d'Argumenter vun der Motioun déi hei virläit, déi kënne mir och absolut no voll zéien a mir kéinten dat och mat droe well mir och fanne, datt dat eben zum Gesamtkonzept vun dem ganzen historesch Site dozougehéiert. Meng Fro ass elo: Kënne mir als Gemengerot och d'Hall Fondouq awer an den Inventaire setzen obwuel de Kulturministère elo negativen Avis ginn huet oder musse mir villäicht probéieren eng nei Demande ze maache mat deenen Argumenter déi den Här Garcia elo gesot huet a fir datt mir dann den Hall Fondouq erauszéien aus de Motioun déi mir elo maachen a wéi gesot, eng nei Demande maache fir datt mir net zäitméisseg déi ganz Saach blockéieren. Dat ass eng Fro déi sech stellt fir datt mir awer viru komme mat der Diskussioun, mat der Präparatioun a mat der Rehabilitatioun vun dem gesamte Site. Voilà, summa summarum ass et wichteg, datt mir einfach viru kommen an datt mir déi wëssenschaftlech, statesch Analyse vun de Gebaier vum Patrimoine industriel maachen esou séier wéi méiglech fir datt mir awer och konkret Propose kréien, wéi an a wéi enger Zäitschinn een awer déi Gebaier ka renovéieren an a Valeur setzen. An do ass och nach eng Fro un d'Gemeng: hu mir als Gemeng oder huet och de Fonds de Logement als Projektleeder scho Kontakt mat Experten opgeholl déi eis déi Bewertung maachen an déi sech och mam industrielle Patrimoine auskennen.

Den Här Garcia huet elo grad en Expert genannt. Wéi wäit si mir do? Wa virun Allem d'Zäit drängt, wann 2022 d'Kulturjoer usteet an och eis Diddelenger Schmelz Zeie solle sinn an déi sollen a Valeur gesat ginn. Packe mir dat? Net datt grad dann alleguerten d'Gebaier hannert enger Bache verstoppt sinn a net genotzt kënne ginn. Dofir meng Fro: Ass do schonn eng Reiefolleg virgesi wéi mir do solle virgoen a wéi dat soll an Ugrëff geholl ginn? Bon, wéi gesot, d'CSV mir ënnerstëtze selbstverständlech de Klassement souwuel vun der Gare-Usine wéi och vun deene verschiddene Gebaier op NeiSchmelz a mir géifen et awer och begréisze, wann déi Hall Fondouq och an de Patrimoine kéim, mee wéi gesot, villäicht kënne mir et elo an engem Amendement mat dra bréngen an dann "widersetze" mir eis e bësselchen den Iddie vum Ministère. Mee et ass och wéi den Här Garcia gesot huet, villäicht war och do eng Erreur derbäi, datt déi Leit dat net richtig iwwerluet hunn an éischter just dat bautechnesch gesinn hunn, mee ech fannen effektiv och déi moralesch Valeur vun der Hall déi se mëttlerweil huet, déi ass awer absolut schützenswäert. Oder mir ginn op de Wee a maachen eng zweet Demande. Dat wier villäicht och nach eng Méiglechkeet. Wéi gesot villäicht nach e puer Explicatiounen vun lech? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci. Nach weider Stellungnahmen? Martine Bodry-Kohn.



MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech wëll och hei nach eng Kéier vun der LSAP villäicht e puer Wieder zu deem Dossier soen. Ech mengen, mir hunn elo hei vill héieren iwwer déi Halen an iwwer de ganze Site. Ech wëll op ee Saz zrëckkommen, deen den Här Garcia och gesot huet, obwuel hien dat elo als naiv bezechent huet, mee ech mengen awer, datt do am Kär vill Wourecht drastécht. En huet gesot, datt eng vun deenen Dammen an Hären, déi do um Site waren, gesot huet, virun Allem ass hei de Projekt schützenswäert. Obwuel hien dat elo als naiv beuerteelt a veruerteelt huet, mengen ech ass awer do de Kär vun dem Ganzen. A wéi d'Madame Kayser elo grad gesot huet, et ass e moralesche Wäert an der Hall Fondouq entstanden.

Dat heescht, kommt mir kucken einfach e bësselche méi genee dorop fir villäicht elo hei e Mëttelwee ze fannen. Fir ze soen, wou sinn d'Besoinen vun deene Leit, déi elo déi Hall do notzen a kënnen déi selwecht Besoinen net och entzwuesch anescht Satisfaktioun kréien? Dat heescht mir kënnen awer villäicht elo hei eng Léisung fanne wou mir soen, hei absolut soll den D-Kollektiv kënnen schaffen kommen, sech entfale kënnen. Absolut gehéieren do esou alternativ, Urban Art Projeten dohinner. Mee ass dat elo genee un deene Mauere fixéiert? Oder kënnen mir net och un deem risege Site do och villäicht an d'A faassen, eng Deel Localisatioun vun dem Projet a vun där Notzung a vun där Kultur, déi do entstanden ass? Ech mengen, do kéinte mir aus der Sakgaass hei erauskommen. Well wat jo hei passéiert ass a firwat mir eis jo schwéieren Häerzens eis iergendwou geléist hu vun der Hall Fondouq, och mir als Entscheedungsdréier, dat ass well et leider Gottes op där kruzialer Plaz do ugesidelt ass wou mir gesot hunn, hei mir wëllen elo mol historiesch gesinn eng Kéier déi Chance notzen an déi Quartiere matenee verbannen. An deem ganze Site ass elo d'Méiglechkeet entstan vum Quartier Italien bis Quartier Schmelz eng Strooss hierzestellen, wou d'Leit sech kënnen begéinen, wou en Austausch stattfënnt, wou vill méi Liewen an dat Ganzt kënnt. An op där anerer Säit steet dann elo déi Hall Fondouq, déi leeft. An dat Liewen, dat ass erhalenswäert, mee ech mengen net datt et onbedéngt vläit un deene Maueren do soll festgemaach ginn.

Ech mengen, mir leien och an der Obligatioun fir do eng Léisung ze fannen an ech mengen déi léisst sech och fanne wa mir do alleguer wëllen, da fënnt den Hall Fondouq oder den D-Kollektiv, deen elo am Hall Fondouq ass en anert Doheem, wat grad sou kreativ ass, grad esou vill Méiglechkeet gëtt. Also, mir mussen a mir wäerten dat och fannen, ech sinn iwwerzeegt dovun. Dat wollt ech hei just mat op de Wee ginn. Ech mengen, mir dréinen elo hei am Krees, mee ech mengen et gëtt och nach eng aner Méiglechkeet, eng déi iergendwou dertëschtent läit

an déi jidderengem ka Satisfaktioun ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Martine Bodry-Kohn. Nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Gutt, da ginn ech villäicht op déi verschidde Punkten an. Also, generell war et jo virgesinn, respektiv am Courier, deen deemools de Staatssekretär geschéckt huet, an ech mengen, do läit d'Erreur matérielle, datt COSIMO der Meenung war an hirem Avis, d'Stolwierk bleift erhalen an den Hall Fondouq net, an den deemolege Staatssekretär gesot huet, datt déi zwee Gebaier net erhalenswäert sinn. Do ass d'Origine vun der Erreur matérielle, et ass also eng falsch Transkriptioun vun engem Avis vun der COSIMO an dem Courier vum Staatssekretär. Et ass richtig, datt och duerch déi Interventioun, déi mir als Stad Diddeleng gemaacht hunn, engersäits d'Stolwierk erhalen bleift, d'Méiglechkeet besteet, deem eng nei Affektatioun ze ginn respektiv sinn do d'Diskussiounen ronderëm d'Filmindustrie a bleift nach d'Diskussioun ronderëm den Hall Fondouq. Et muss een eng gewësse Logik an eng gewësse Kohärenz wahren, respektiv ginn et menger Meenung no verschidde Niveauen. Mir haten zum Beispill 2009 e Concours, dee lancéiert gouf, en Architektbüro den och den Zousproch kritt huet fir de Gesamtprojet.

Mir wëllen dee Gesamtprojet am Kader halen, sou wéi mir och hei déi 18 Gebaier um Radar mussen hu par rapport zu deenen 23, déi erhalen bleiwen an et war virgesinn, an ech mengen och dat ass e staarkt Element, dofir gouf och de Projet zeréckbehalen, datt mir déi Verbindungsstrooss hunn tëschent dem Quartier Italien an dem Quartier Schmelz, deen duerch Nei-Schmelz geet effektiv op där Plaz, wou de Moment den Hall Fondouq ass. Dat ass mol den éischte Punkt. Deen anere Volet ass, den Hall Fondouq ass effektiv genotzt ginn iwwer déi lescht Joere vum Kollektiv D. D'Gemeng huet sech staark gemaacht fir datt de Kollektiv an den Hall Fondouq kënnt. D'Gemeng selwer huet och den Hall Fondouq deementspriedend genotzt fir eng ganz Rei Aktivitéiten an et ass och esou, datt aner Aktivitéiten op där Plaz stattfonnt hu vun aneren Associatiounen, wat effektiv dann de Fonds de Logement zur Verfügung gestallt huet. Ech sinn also och net der Meenung, wéi den Här Garcia virdru gesot huet, elo och wann am Courier vun der neier Kulturministesch, datt do par rapport zum Avis vun der COSIMO en Erreur matérielle wier wat d'Erhalen oder d'Net-Erhale vum Hall Fondouq ugeet.

D'COSIMO huet do kloer hiren Avis geholl. Do läit keng Erreur matérielle vir, sou wéi Äert Amendement och net eng Erreur matérielle ka sinn, well mir kënnen schlecht och déi Proposen déi Dir gemaacht hutt als Ajout maache par rapport, reng formalistesches gesinn,



zu der Argumentatioun vun der COSIMO well déi géing jo hei effektiv kompletéiert ginn duerch eng aner Argumentatioun. Déi kucke jo haaptsächlech ënner der Lupp vum Erhale vun de Gebailechkeeten a net vun der Affektatioun. Mir missten eis hei d'Fro stellen, mir hänke natierlech um Hall Fondouq well do eng ganz Rei Aktivitéite stattfonnt hunn. Mir hunn also Lien, en Attachement dozou duerch déi Manifestatiounen, déi do sinn. Emotional läit dat vir. Mir fillen eis och do wuel wa mir dohinner ginn, dat ass kloer. Et huet effektiv eng villfälteg Notzung an ech mengen, de Schafferot ass do ganz no beim Rescht vum Gemengerot well mir wëssen datt eng flott Dynamik do entsteet. Ech stelle mir heiansdo d'Fro, géife mir anescht argumentéieren, wann op där doter Plaz näischt stattfonnt hätt? Ech stelle mir einfach d'Fro, well mir hunn och aner Gebailechkeete wou keng Affektatioun ass, hätte mir do dee selwechten... éierlech gesot, ënnert eis, hätte mir do dee selwechte Lien? Dofir wollt ech einfach d'Diskussioun op e Niveau bréngen, engersäits, d'Gebai en tant que tel an anerersäits dat wat am Gebai stattfonnt huet, well ech menge mir hänken effektiv un deenen Aktivitéiten, déi do stattfannen.

Mir hunn eis als Gemeng dofir staark gemaacht an, wéi gesot, mir wäerten eis och dofir staark maachen, datt weider Aktivitéiten do kënne stattfanne well mir och schonn dem Kollektiv D ganz kloer gesot hunn - an d'Gemeng ass och domadder befaasst - wann si weider Aktivitéiten um Site gäre wëll maachen, datt mir si um Site gäre wëllen halen. Mir hunn dat och schonn un de Fonds du Logement weiderginn, datt ee muss kucke fir villäicht en anert Gebai dann ze identifizéieren an de Kollektiv D - éier deen am Hall Fondouq war, war e jo am fréiere Lokomotivgebai, effektiv aus Sécherheetsgrënn notament well do en hélzent Gebälk ass, dofir hunn ech virdrun net näischt gesot, datt och d'Gebai sech deterioréieren. Dat huet och gepasst fir déi éischt Aktivitéiten, déi si gemaacht hunn, datt dat natierlech e Gebai ka sinn, dat ee kann an Ugrëff huele fir erëm op d'Originen och zeréckzekommen. Et sinn och einfach verschidde Niveauen déi hei zur Diskussioun kommen. Wann den Hall Fondouq, dat muss ee soen, wann deen nördlechen Deel vun 1957 net méi do ass, huet dat awer op der anerer Säit de Virdeel, datt dee südlechen Deel vun 1993, datt deen awer och méi zur Geltung kënnt, well dee geet de Moment awer komplett ënner. Am Moment kënnt méi dat Gebai vu 1957 zur Geltung wéi dat vun 1993. Dat ass ee Mol dat eent.

Dann, par rapport zu Remarquen an Diskussiounen, déi hei stattfonnt hunn, wéi gesot, d'Kohärenz vun der Verbindungsstrooss, den Architektheconcours dee war, respektiv och an der Logik, vun der Modifikatioun vum PAG respektiv vun de PAPen, fir datt d'Konzept oprecht

erhale bleift. Natierlech, reng theoretesch kann de Gemengerot hei decidéieren, och reng praktesch, datt den Hall Fondouq erhale bleift, dat heescht awer net pour autant, datt en op den Inventaire supplémentaire kënnt. Dat heescht ebe just, wéi bei all Gebai, datt dann de Propriétaire de vollen Invest muss droen an datt kee Subventionnement vum Kulturministère bleift. Nach gëtt awer och doduerch en Deel vum Konzept vum Projet NeiSchmelz hypothekéiert.

Dofir och unhand vum Amendement wou vun der Grénger Fraktioun komm ass mat deenen Explikatiounen an och d'Diskussioun, déi mir hei féieren, hu mir eis Gedanke gemaacht par rapport zu der Deliberatioun, déi mir virleien hunn an do kënne mir villäicht Modifikatiounen, ech mengen de Patrick Bausch kann déi Modifikatioun ablenne, deen Ajout dee mir maache wollt fir datt mir erauskommen, fir datt mir en Equilibre fannen, engersäits den Drock héichhalen, d'Mesure de conservation et d'affectation vun de Gebailechkeeten, respektiv awer och déi Diskussioun, déi mir hei gefouert hunn ronderëm d'Affektatioun vun de Gebailechkeeten an och am Kader vum Kollektiv D, respektiv och vum Kulturjoer 2022, datt mir hei eng Propose maachen déi éischer an eng Richtung geet, datt de nördlechen Deel vum Hall Fondouq zwar ofgerappt gëtt, also dat Gebai vun 1957, mä datt mir hei awer och e kloere Message ginn un de Fonds du Logement als Propriétaire an awer och un de Kulturministère, deen natierlech an d'Aktivitéite vun 2022 mat involvéiert ass respektiv och an der Diskussioun, datt mir aner Gebailechkeeten hei identifizéieren an datt mir e kloere Message als Gemengerot weiderginn.

Da géife mir also als Propose maache vu Formulatioun wat an der initialer Deliberatioun net dra war. Ech liesen also vir: "Insistant sur le fait que l'ensemble des immeubles se trouve généralement en mauvais état et qu'il s'avère que des mesures de conservation s'imposent d'urgence afin d'assurer leur survie et leur réaffectation." Ech mengen, dat ass fir alleguerten d'Gebai geduecht, déi mir um Site hunn an dann awer, e bësselchen an der Diskussioun, déi mir elo hei awer gefouert hunn, "assurant que les utilisations multiples se déroulant depuis 2007 dans l'extension nord de la Hauptwerkstatt communément appelée Hall Fondouq telle que celle de lieu de rencontre, de lieu de toutes sortes de manifestations culturelles et d'exposition, d'important site d'un collectif artiste soit garanti et relogé dans d'autres immeubles maintenus dans le cadre de la mise en œuvre du plan d'aménagement particulier NeiSchmelz Centre et plus précisément aussi dans le cadre de la capitale européenne de la culture 2022 et en vue des manifestations et utilisations temporaires pouvant y être prévues".



Ech mengen, datt dat eng Méiglechkeet ka si fir engersäits iwwert déi heite Formulatioun, déi mir hei dem Gemengerot proposéieren de Kollektiv D an och aner Manifestatiounen, déi mir als Gemeng wëlle maachen, respektiv och am Kader vum Kulturjoer oprechtzeerhalen, datt natierlech dann och gekuckt gëtt – an nach ass jo nach guer net sécher, datt fir 2022 de nördlechen Deel vum Hall Fondouq ofgerappt gëtt, dat hänkt och vum Stade vun den Aarbechten of, wéi wäit datt mir komme, well ganz éierlech mir wäerte réischt am zweete Semester 2021 mat den Aarbechten ukommen. Wa mir déi ganz Prozedur, PAP, Convention d'exécution... dat heescht, d'Wahrscheinlechkeet ass awer och nach grouss datt den Hall Fondouq souwisou nach do steet a mir kënnen dat och nach esou dirigéieren am Kader vun der Exekutioun vun den Aarbechten, datt den Hall Fondouq fir 2022 nach ka genotzt ginn - Bon, ech mengen, dat ass nach eng Diskussioun - datt mir awer och scho parallel iwwer deen heite Modus kënnen kucken, datt aner Gebai-lechkeete kënnen genotzt ginn, sief et vun der Gemeng, sief et vun engem Collectif d'artistes, sief fir eng aner Approche am Kader vun 2022.

Datt mir eis do einfach méi breet am Fong opstellen als Gemeng fir Diskussiounen, déi mir hei schon haten, datt mir déi kënnen iwwer deen dote Wee garantéieren an och effektiv - wéi d'Madame Kayser gesot huet - par rapport zum Bid Book, wou effektiv gesot gouf, hei e kloere Message, mir wëlle gär de Site NeiSchmelz notzen am Kader vum Kulturjoer 2022. Datt mir iwwer deen heite Wee - natierlech muss ech soen, datt mir och schon als Gemeng selwer Diskussiounen gefouert hunn och mam Kulturministère, och mat Nodrock drop, datt et wichteg ass, awer esou séier wéi méiglech un d'Renovatioun vun deene Gebailechkeeten erunzegoen an och de Fonds du Logement gewëllt ass an och erkannt huet, datt et fir 2022 wichteg ass, d'Gebai-lechkeeten ze notzen - datt mir hei e Modus fannen, wou mir engersäits natierlech déi Diskussioun, déi mir hei féieren, dat emotionaalt Attachement vun dem villäicht méi faktuellen trennen an awer gewëllt sinn, alleguerten zesummen, datt temporär Notzunge méiglech sinn. Ech mengen, et ass dat wat och am Raum steet. Voilà, dat einfach fir awer och iwwer deen dote Wee par rapport zu der Diskussioun, déi hei stattfonnt huet, och am Moment anzelenken an ze soen, hei dat kéint e Wee sinn, dee kënnen mir zesumme goe kéinten. Här Garcia?

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG) : Merci Här Buergermeeschter. Mir haten eisen Amendement jo méindes eraginn, mir hätten et och scho freides eragi wa mir d'Dokumente gehat hätten. Bon, dat hei ass elo e bësselche spontan an ech hoffen, datt keng Erreur matérielle sech doranner geschlach huet, mee ech fanne spontan dat doten immens gutt a mir géifen dat doten

och matstëmmen nodeems mir awer eisen Amendement oprechterhale well eis Argumenter gi jo och net nëmmen an déi dote Richtung, déi gi jo och an d'Materialitéit vun deem Flux an esou weider. An effektiv, déi aner Parteien hei kënnen jo eigentlech eisen Amendement och net stëmmen well si hu jo fir de PAG gestëmmt. Well wann si géifen dat dote stëmmen, wann Dir dat dote géingt stëmmen, da misste mir de PAG rëm änneren. Da géif dat erëm eng ganz Prozedur ginn. Dofir ass et bei lech jo logesch, datt Dir dat do net kënn matstëmmen. Et ass awer eigentlech e symbolesche Geste fir ze soen, datt mir nach ëmmer der Iwwerzeegung waren, genau wéi den Här Buschmann, datt et besser gewiescht wier, dat doten net ze maachen. Ech wëll drun erënneren, datt schon 2009 ech dat an engem Workshop - oder wéini waren déi éischt Workshopen zu NeiSchmelz? - och schon opgeworf hat, mee dat ass wahrscheinlech net dokumentéiert ginn. Also nach eng Kéier: Ech sinn dofir, datt iwwer eisen Amendement ofgestëmmt gëtt a wann doriwwer ofgestëmmt gëtt, géife mir op jiddwer Fall matstëmmen well mir fannen déi doten Approche praktesch an awer och philosophesch kohärent.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci nach fir déi doten Erläuterungen. Wéi mir effektiv virdru gesot hunn, ass eng gewësse Kohärenz ze wahre par rapport zum Concours, par rapport zu der Modificatioun vum PAG, respektiv och dono d'Nidderschrëft an de PAP. Déi kalkéieren op der Decisioun, déi mir am März d'lescht Joer geholl hunn. Gutt, a souwisou gëtt iwwer d'Amendement ofgestëmmt well Dir halt et jo oprecht. Dofir musse mir och iwwert d'Amendement ofstëmmen. Ech mengen, wann Dir elo d'Decisioun geholl hätt, Dir géingt d'Amendement zrëckzéien, da wier dat eng aner Saach, mee Dir halt et oprecht, da musse mir kloereweis driwwer ofstëmmen. Da géif ech emol domadder ufänken, villäicht mam Amendement. Déi Gréng Fraktioun huet gesot, si géingen d'Amendement oprecht erhalen.

Wie stëmmt dat Amendement? Dat sinn déi Gréng. Wien ass dogéint? D'Stëmmen vun der LSAP. Wien enthält sech? Dat sinn dann den onofhängege Gemengerotsmember, déi Lénk an och d'CSV.

Da komme mir zu der modifizierter Versioun vun der Deliberatioun. Et sinn dräi Punkten, als éischt engersäits den Inventaire supplémentaire Gare-Usine am Quartier Italien. Wien ass dofir datt dat op den Inventaire supplémentaire kënn? **Dat ass unanime.** De Konverter deen am Lycée Nic Bieber ass? **Dat ass och unanime.** An dann eben d'Bestandsgebaier um Site NeiSchmelz, wéi gesot, mat der adaptierter Versioun an Deliberatioun wou ech virdrun exposéiert hunn, wou mir den Drock héich halen a probéieren och déi Aktivitéiten, déi



de Moment um Site sinn, oprechtzeerhalen, respektiv och en vue vun 2022. Wien ass mat där Deliberatioun averstanen? **Dat ass och unanime.** Da soen ech och do dem Gemengerot villmools Merci fir déi konstruktiv Diskussioun.

7. APPROBATION VUN DEN ÄNNERUNGEN AN DER ZESUMMENSETZUNG VUN DE BERODUNGSKOMMISSIONEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat sinn d'Changementer an de Kommissiounen. Do hu mir der e puer virleien. Ech soen lech se sou wéi se dem Datum no erakomm sinn. Déi Lénk, do ersetzt d'Madame Lisa Wandivinit d'Nathalie Haas an der Kulturkommissioun, den Här David Gauvin d'Madame Nathalie Haas an der Jugendkommissioun. Dann, dat war am Fong déi éischt, déi erakomm ass, beim Aarbechtsgrupp Gesond Diddeleng, do géif d'Madame Jennifer Saffran an de Groupe opgehoill ginn. An da säitens vun der LSAP an de Pool des remplaçants den Här Alain Klein an den Eric Antoine. Dann, vun der CSV am Pool des remplaçants den Här Guedes Alves Paulo. An dee leschten, deen erakomm ass, ass vun deene Gréngen, do géing den Här Francis Waldbillig den Här Goergen an der Sportskommissioun ersetzen. Den Här Waldbillig géing den Här Alex Christoffel an der Bautekommissioun ersetzen an den Här Christoffel géing den Här Waldbillig an der Verkéiers- a Mobilitéitskommissioun ersetzen. Voilà, ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen, respektiv Ajouten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech och hei dem Gemengerot Merci.

8. MEMBERSCHAFT AN DER ASSOCIATION “EUROPÄESCH KULTURHAAPTSTAD 2022 A.S.B.L.”

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Bei dësem Punkt geet et ëm d'Diskussioun iwwert d'Kontinuitéit vum Site NeiSchmelz an och vun den Diskussiounen ronderëm d'Kulturhauptstad 2022 hu mir hei dem Gemengerot d'Statuten zoukomme gelooss, adaptéiert Statuten, well bei deenen initiale Statuten d'Méiglechkeet net bestanen huet, datt Gemenge Member gi vun der ASBL 2022. Am leschte Comité an och an der uschléissender Generalversammlung gouf eng Statutenännerung virgeholl wou iwwer deen dote

Wee och erméiglecht gouf, datt Gemenge Member kënne ginn an dat war expressis verbis eng Demande vun all de Buergermeeschteren, déi bei dësem Projet wëlle matmaachen. Also, wéi gesot, hei déi 11 Gemengen, déi sech dësem Projet ugeschloss hunn an deem hu mir Folleg gelescht fir och dat kënne ëmzesetzen, respektiv dann och elo kënne dat hei duerchhuelen. Ech proposéieren dann och eng Diskussioun ze féieren.

Et ass jo esou, datt déi Ännerung vun de Statute vum Verwaltungsrot, respektiv vun der Assemblée générale de 27. Februar guttgeheescht gouf a wéi gesot, hei engersäits den Ennerscheid gemaacht gëtt, respektiv engersäits gesot gëtt, datt et aktiv Membere gëtt an der ASBL, respektiv Membres adhérents. An déi Diskussioun, déi ass unanime hei vum Verwaltungsrot, respektiv vun der Assemblée générale guttgeheescht ginn a wéi gesot, haut gëllt et dann och einfach formal als Stad Diddeleng, déi zwar an de Statuten aktive Member ass awer och wëll ech hei de Message einfach ginn, datt mir an der ASBL Member ginn, datt mir dat hei formaliséieren. Dat ass also keen onwichtige Schratt an et ass och esou, datt festgehale gouf, Dir gesitt et an de Statuten, et muss een eng Cotisatioun bezuelen, e Soll vun 10 Euro. Et gouf nach festgehalten, datt d'Gemenge keng Cotisatioun brauchen ze bezuele well herno, wann se souwisou matmaachen, nach eng ganz Rei finanziell gréisser Impakter op se duerkommen en fonction vun de Projeten, déi se da maachen an dat dëst Joer e ganz wichtige kulturelle Projet ass fir d'Südregioun.

Wat elo kuerz d'Statuten ugeet, wat do geännert gouf, fir lech awer do déi néideg Erklärungen ze ginn, virun allem am Artikel 4, datt eng Distinction gemaach gëtt tëschent Membre actif a Membre adhérent. Dir gesitt och am Artikel 6, datt natierlech d'Membres actifs - dozou gehéiert och d'Stad Diddeleng - en Droit de vote hu bei der Assemblée générale an d'Membres adhérents do sinn als Observateurs an aktiv Membere sinn niewent der Stad Diddeleng och d'Stad Esch an Déifferdeng an awer och aner Acteuren, déi an der ASBL sinn. Dat ass natierlech de PRO-SUD, d'Uni Lëtzebuerg an d'Communauté des Communes du Pays Haut Val d'Alzette, déi sinn och Membres actifs an adhérents a kënne och vum Verwaltungsrot opgehoill ginn nodeems si eng Demande gemaacht hunn. A si kënne natierlech och alle béid un der Generalversammlung Deel huelen. Ech mengen, datt dat och net onwichtig ass. Dir gesitt natierlech och unhand vun de Statuten, wien alles och Member ass vum Verwaltungsrot.

Dat sinn natierlech engersäits d'Gemengen, d'Stied, wéi gesot, nieft Diddeleng Esch an Déifferdeng, och e Verrieder vum PRO-SUD awer och d'Zivilgesellschaft,



Arcelor-Mittal an och d'Uni Lëtzebuerg an awer och eng ganz Rei Ministären, déi och am Verwaltungsrot sinn, well et och wichtig ass, mat deenen hirem Concours eng ganz Rei Projeten ëmzesetzen. An dat ass natierlech de Kulturministère, den Tourismus- a Wirtschaftsministère, de Finanzministère, de Ministère des Affaires étrangères an och den MDDI. Wéi gesot, och dat sinn Acteuren, déi am Verwaltungsrot sinn, also och eis do méi breet opgestallt hunn, dat och schonn d'lescht Joer. Bon dat hänkt formal zu de Statuten, déi dann ebe guttgeheescht goufe vum Verwaltungsrot.

Dir hutt jo iwwert d'Press matkritt, datt en Appel à projets lancéiert gouf. Do war jo och eng gréisser Pressekonferenz, wou och ganz vill Leit aus dem kulturelle Secteur do waren. Dat leeft ab dem 28. Februar bis den 31. Juli 2019 ronderëm déi Theme vu Remix Culture, Remix Europe, Remix Nature a Remix Yourself a Remix Art. Dat sinn déi Themefelder, wou ronderëm och déi ganz Rei Acteuren, sief dat d'Gemengen, sief dat d'Veräiner, sief dat d'ASBLen, sief dat d'Lycéen déi hier Projete kënnen eraschécken. Um Site vun der ASBL 2022 fënnt een och eng ganz Rei Informatiounen an et ass jo och esou, datt den offizielle Start vun 2022 am Februar 2022 ass an och hei schonn eng éischt Ronn gedréint gouf mat de Veräiner, mat den institutionellen Acteuren, fir e bësselchen ze sondéieren, wat hier Interête si vu Projete fir eranzeschécken a mir wäerten och elo demnächst eng zweet Ronn plangen, wou mir dann och erëm méi konkret ginn, och par rapport zum Appel à projets, well do muss ee jo e gewëssene Modell ausfüllen an och de Projet erareeche fir datt mir och do als Stad Diddeleng zesumme mat eisem Service culturel eng Hëllefstellung wëllen den institutionelle Partner hei zu Diddeleng wéi awer och awer de Veräiner déi am kulturelle Sektor ënnerwee sinn och tatkräfteg ënnert d'Äerm gräifen.

An ech mengen, d'Iwwerleeung wier dann och, déi zwee Direkteren, den Directeur général an den Directeur artistique, och mat bäizezéie fir datt mir och wierklech do e Moment privilégié hu fir dass dann och eis Associatiounen déi néideg Informatiounen kréie fir Projeten eranzeschécken, déi am Kader vum Bid Book sinn. Voilà, dat e bësselchen ëm wat et haut geet, engersäits also formell Member gi vun der ASBL, mee natierlech doriwwer eraus och kucken, datt mir bis Juli och déi Projeten - engersäits Verschiddener, déi am Bid Book sinn, anersäits neier, déi sech am Fong dekortikéiere kënnen - eraschécke fir dann och ze kucken, datt se esou gutt wéi méiglech zrëckbehale ginn, respektiv wann net direkt, datt ee kann nobesseren, mee op alle Fall och, datt mir eisen aktive Rôle, eisen aktive Part am Kader vum Kulturjoer als Stad Diddeleng kënnen droen an een Deel dovunner sécherlech um Site vun NeiSchmelz.

Voilà, dëst zu den Erklärungen zu deem heite Punkt an dann ass d'Diskussioun op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Wéi Dir gesot hutt, mir haten 2016 am Abrëll déi éischte Kéier Rieds hei iwwert d'Kandidatur vun Esch fir Kulturhaapstad ze ginn a mir haten eng Déclaration d'intérêt do ënnerschriwwen an déi hu mir och unanime ugeholl hei am Gemengerot. An do war mol nach guer net gewosst ob Esch géing zrëckbehale gi fir Kulturhaapstad ze ginn an du kout et zum Vote an Esch krut dann den Optrag an et war eng grouss Euphorie, e Bid Book gouf virgestallt, all Mënsch war richtig opgereegt, elo geet et lass! An dunn am Hierscht 2017 kout awer dunn en Dämpfer, do war e bësselchen en Hick an der ganzer Geschicht, d'Aarbecht mat de ville Coordinateuren gouf net iwwerall appréciéiert an et goufe nei Ausriichtunge gemaacht a virun allem young et dunn och drëms fir eng nei Generaldirectrice ze wielen an et gouf och en artisteschen Direkter Enn 2018 gewielt an de Conseil gouf och opgestockt, wat jo och wichtig ass. Do koumen och wichtig Leit eran, déi och Erfahrung hu mam Thema Kulturhaapstad. D'Thema gouf geännert, mir haten nach e bësselchen de Geck gemaacht mam Thema well dat éischt Thema war "Jidder eenzelnen zielt", dat war ëmmer de Walmotto vun der CSV, ech weess net ob dat de Leit e bësselchen opgestouss ass oder aus wéi engem Grond d'Thema gewiesselt ginn ass. Op jiddwer Fall Remix Culture, de Buergermeeschter huet et virdru scho gesot, dat ass elo dee neie Motto an, wéi gesot, an der Presse hu mir gesinn datt et den 1. Mäerz dunn en Opruff gouf fir nei Projeten eranzerechen. Och do war eng Polemik entstan fir Leit déi scho beim Bid Book eng Demande gemaacht haten, déi missten dat elo nach eng Kéier maachen, mee dat ass eben heiansdo am Liewe sou.

Heiansdo muss een eben zwee Mol eng Demande maachen, wa nei Premissen do sinn, wa nei Konstellatiounen do sinn. An ech denken déi Leit déi motivéiert si fir mat ze maache, déi hunn och do kee Problem hier Demande eranzerechen an ech mengen an der berühmter Versammlung wou dat virgestallt ginn ass do waren iwwert honnert Leit. Ech mengen, dat weist jo schonn eleng dat awer immens vill Loscht nach ëmmer do ass am Süde fir mat ze schaffen an ech denken dat och hei zu Diddeleng. Zu de Statuten ass och villäicht ze soen, et gouf jo schonn eng ASBL am éischten Ulaaf geschaf. Do hate mir awer d'Statuten net zum Vote presentéiert kritt sou wäit ech mech erënneren an ech fannen dat awer och ganz gutt, datt dat hei an der voller Transparenz awer och de Gemenge virgestallt gëtt, datt do awer jiddweree soll och déi Statute kennen an och a bonne Connaissance de Cause dann och kënnen drop reagéieren, wann eieren eng Kéier eppes ass wat net esou ass.



Den Här Buergermeeschter huet gesot, et geet elo drëm Neel mat Käpp ze maachen, mir mussen e bësselche Gas ginn, 2022 ass net méi wäit. D'Fro ass awer elo, ech mengen dat ass och eng berechtegt Fro, wéi steet et elo mat der Budgetiséierung? Ech war e bësselche veronséichert, wéi ech elo déi Artikelen aus der Presse gelies hunn, wéi elo iwwert déi Versammlung do Appel à projets war, wéi doriwwer geschriwwen ginn ass. Do huet et geheescht, de Budget dee wier op 57 Milliounen festgesat ginn a 37 Milliounen géingen a kulturell Projekte goen an de Rescht wier fir d'Salaire vun den Employéen.

Mir hate bei der Déclaration d'intérêt, do hate mir Rieds gehat, do huet et geheescht et si 67 Milliounen Budget an dovunner géingen 2/3 vum Staat iwwerholl ginn an 1/3 kéim op d'Gemengen duer. Elo heescht et hei d'Gemeng iwwerhëlt 40 Milliounen vun deene 57 Milliounen an 10 Milliounen iwwerhëlt d'Stad Esch. Dat hunn ech an der Presse gelies. D'Sponsoren, dat steet nach offen. D'Fro ass awer elo ganz konkret: Wéi ass d'Participatioun vun Diddeleng? Well mir haten deemools gesot gehat datt een domat rechent 50 Euro pro Bierger sollen d'Gemengen an de Pool eraginn. Dat hate mir gesot gehat, dat wier en Aval fir Diddeleng vu ronn enger Millioun Euro an do ass meng Fro ob mir nach ëmmer bei der Participatioun sinn oder gëtt et eng aner Opdeelung wéi dat Finanziellt soll geregelt gi well et ass jo e bësselchen eng aner Nues elo well d'Projete sollen individuell eragereecht ginn. Ech mengen, virdru war dat e bësselche méi sou als global Enveloppe geduecht ginn. Do wier et villäicht interessant fir do gewuer ze gi wéi dat leeft an och de Souci war jo, datt déi franséisch Gemengen déi dra sinn, déi kënnen jo net 50 Euro pro Bierger bezuelen, déi hunn déi Sue net. Déi si jo e bësselche méi aarmséileg drun. Wéi ass do d'Participatioun vum franséische Staat well do stoung och elo näischt an deene leschte Pressematdeelunge mat dran ob déi sech och do awer mat bedeelege fir dee Gesamtbudget mat ze stëmmen?

Dann hunn ech just nach eng Detailfro: Les membres adhérents – do kënn net ganz kloer raus, wie kann dat sinn? Also d'Membres actifs si ganz genee opgeléicht an d'Membres adhérents, do steet ëmmer ee Membre adhérent, et weess een awer net richteg wat dat ass. Dat ass just eng Detailfro wou ech wollt eng Erklärung hunn. Wéi gesot, d'CSV huet d'Kandiaten ënnerstëtzt, d'CSV steet weiderhin hannert dem Projet 2022 a mir sinn iwwerzeegt datt dat en immens flotte Projet gëtt fir net nëmmen Diddeleng mee fir d'ganz Südregioun an ech mengen och fir d'ganz Land. Merci.

SYLVIE ANDRICH DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech hätt just nach eng Detailfro. D'Madame

Kayser huet dat perfekt duergestallt. Et geet hei ëm d'Proposition vum de Membres actifs an dem Verwaltungsrot. Also, doraus kënn elo raus, datt u sech e puer Gemengen, dat heescht Esch, Diddeleng an Déifferdeng 6 direkt Representanten aktiv hunn an de PRO-SUD, dat heescht déi rechtlech PRO-SUD Gemengen, wou awer och eis Gemeng Member ass an och Déifferdeng an Esch, déi hätten dann ee Vertrieeder fir dat Ganzt. Ech wollt just froen, ass dat effektiv sou och duerchgeschwat ginn, ass dat bei dënnen anere PRO-SUD Gemengen, déi rechtlech 8 loosse mir soen, déi elo just ee Representant hätten, ass dat kee Problem gewiescht an dat wéi gesot ass just eng Detailfro.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG) : De Buergermeeschter huet eis scho relativ ganz gutt duergestallt wat elo fir eng Ännerung op d'ASBL 2022 duerkënn. Villäicht dräi Problemer déi de Projet vun Esch 2022 vun Ufank un hat. Dat éischt war, dat muss een zou ginn, mat där ganzer Love-Geschicht, déi war inhaltlech e bësselchen dürftig an et war kloer datt et eigentlech Esch war, dat am Mëttelpunkt stoung an déi aner Gemenge ware sou e bësselchen déi dekorativ Blummestäck. Am Laf vun der Zäit huet dat sech geännert, et ass e Rééquilibrage komm. Ech fannen dat doten ass eben elo wichteg fir dem Rééquilibrage och Geltung ze ginn, well allgemeng ass gefuerdert sou eppes mat ze maachen a fréier war eben de Problem, datt verschidde Gemengen ni eppes gewuer gi sinn. Lo sinn se méi no um Informationsfluss an et ass och eppes anesches op een direkt informéiert gëtt iwwer Saachen oder ob een dat iwwert Institutions interposées gëtt, sou datt ech denken, datt dat do eng ganz positiv Geschicht ass. Dat zweet war de finanzielle Problem.

Fréier war et esou datt d'Gemenge sollten au prorata, pro Kapp eppes an en Dëppen eraginn an du wousst awer net wat s de dofir krus. Et ginn zwee Aspekter, allgemeng, et hätt ee gären e Retour, sech selwer kënnen profiléieren an si sollen awer och u gemeinschaftleche Projeten Deel huelen. An de System dee geännert ginn ass an der Tëschenzäit ass deen, datt de Staat bezilt fir déi overall Käschten. De Staat, dat ass genee wéi 2007 gewiescht, an dann déi Haaptstad, d'Kulturhaaptstad, nämlech Esch bezilt och säin Deel. Dat war fir d'Stad Lëtzebuerg 2007 och esou a wann anerer wollten e Projet maachen, sief Gemengen, sief et Institutionen op Gemengenebenen, sief et national Institutionen, ASBLen, Privatpersounen, déi mussen hire Projet an eng Masque unique de saisie eraginn, fir datt jiddwereen och d'selwecht behandelt gëtt a net déi eng op engem Béierdeckel hire Projet eraginn an déi aner op engem Riisendossier an da kréien se bis zu 50% Cofinancement. An dofir ass den Apport vum de Gemengen elo net méi eigentlech am Budget dra well wann eng



Gemeng guer näischt mëscht, da kréien se och keng Suen. An eng Gemeng déi immens vill mécht kritt dann och sou vill Co-financement. Dat ass eng Formel, déi 2007 ganz gutt opgaang ass well Du has effektiv Gemengen an awer och Träger déi ware motivéiert. Si hunn en décke Projet eraginn, da kruten se – de Projet huet nach misse validéiert ginn – a wann e gutt war kruten si bis zu 50% Co-financement souguer heiansdo jonk Projeten déi krute méi well déi nach kee Kapital hat-en. Sou datt ech denken, datt elo dat Finanziellt op alle Fall an déi richteg Richtung geet.

Wat a verschiddenen oder an enger Zeitung stoung... do stounge jo e bësselche méi negativ Saachen dran. Et ass, fir dat diplomatesch auszedrécken, déi Ekipp elo fänkt bei null un, well op dem Computer, deen si recuperéiert hunn, stoung ausser deem wat jiddwereen am Bid Book konnt lesen, näischt. Also fänkt ee bei Null un. Dat heescht all Associatioun muss elo rëm hier Projeten eraginn, déi e villäicht schonn era ginn hunn a wou e verschwonnen ass, hunn e jo nach a brauchen e just op e Masque de saisie, dat ass eng Affär vun... ech hunn et souguer fäerdeg bruecht, fir ze testen. Et ass ganz einfach. An dann huet een awer zu engem gewëssen Zäitpunkt am Juli en objektive Constat, souvill Projekte sinn do, sou vill Demanden an da weess een, huet ee nach eppes Rescht oder huet een näischt Rescht. Ech mengen dat ass elo op enger gudder Schinn an ech denken de ganze Conseil d'Administratioun leet déi Schinn och an ech sinn do och ganz optimistescht datt dat an déi richteg Richtung geet.

Wou ech elo e bësselchen nach eng drëtt Fro hunn, allgemeng ass am Gaang, an Diddeleng och, Diddeleng huet jo do e ganz flotte Prozess am Gaang fir ze kucken d'Force vive zesummen ze brénge fir datt eng gewësse Kohärenz an de Projeten ass. Wann all Gemeng dat mëscht, da kréie mir wierklech immens flott Projeten. Natierlech sollen awer och Projeten do sinn, déi iwwert d'Gemengen ewech ginn. Also, optimal datt all 11 Gemengen dra sinn, och regionaler a sou weider. An do ginn et zwou Méiglechkeeten. Entweder muss dann d'Koordinatioun da selwer dat maachen. Ech mengen, si maache jo och de Moment den Tour vum Minett fir ze kucke wéi eng Leit kënnen Projeten zesumme maache well se ähnelech sinn oder et muss villäicht aus enger Gemeng en Impuls komme fir iergend ee Projet ze maache, deen och kann aner Gemengen interesséieren. Dat ass de Moment nach e flotten dialektesche Prozess, ech mengen datt mir op der Richteger Schinn sinn an ech denken datt een dat do op alle Fall ka stëmme well lo si mengen ech méi Acteuren aktiv direkt um Boot an awer och als Memberen an der zweeter Rei dran.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Garcia. Nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géing ech villäicht op déi verschidde Punkten agoen. D'Madame Kayser hat eng Fro gestallt zum Budget, ech mengen den Här Garcia huet déi néideg Ausféierunge ginn, wéi am Fong de Montage financier ass, dee fundamental geännert huet, mee deen engersäits awer d'Acteuren an der Responsabilitéit léisst an natierlech op där anerer Säit e Subventionnement kritt. Membres adhérents kënnen sécherlech déi aner Gemenge ginn. Ech mengen, dat war jo den Ausléiser fir hei d'Statuten ze adaptéieren, mee awer och eng ASBL, déi am kulturelle Beräich tätég ass, kann och Member gi mat 10 Euro, dann ass se Membre adhérent. Eng Privatpersoun huet och eng Méiglechkeet Member ze gi vun der ASBL ebe just als Observateur bleift mee do maache mir eis ebe méi breet op wat virdrun eben net de Fall war.

Par rapport zu der Fro vun der Madame Andrich, ech mengen et gesäit ee jo hei kloer eraus, datt wat d'Membres actifs ugeet, datt d'Gemengen domat averstane waren, dat war esouguer eng Demande vun hinnen, datt d'Gemengen Diddeleng, Déifferdeng an Esch Membres actifs sinn an datt si sech ralliieren hannert de Verrieder vum PRO-SUD fir do als aktive Member am Verwaltungsrat present kënnen ze sinn. Dat war eng Ofmaachung tëschent de Buergermeeschtere vun deenen 11 Gemengen, sou mengen ech hu mir dat och hei aschreiwelooss an do huet déi Konsultatioun ebe stattfonnt fir dat och kënnen ëmzesetzen. Voilà, ech mengen, dat waren déi verschidde Punkten déi ugeschwat goufen. An da géing ech hei ëm e formelle Vote biede fir datt dann hei d'Stad Diddeleng, ech menge mir wieren déi éischt déi dat heite lo maachen, déi aner Gemenge wäerte sécherlech an hiren nächste Gemengeréit nozéien, da formal Member ze gi vun der ASBL 2022.

Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.



9. PERSONALFROEN

9.1. Creatioun vun engem Gemeengefonctionnaires-posten an Iwwerzuel, Gehaltskategorie D, Gehaltsgrupp D1, Ënnergrupp mat besonneschen Aufgaben (fréier Handwierker, Schwammmeeschter), op Vollzäit, am Service des sports

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann hu mir zwee Punkten. Dat wier engersäits d'Creatioun vun engem Poste vun engem Fonctionnaire communal am Surnombre an der Kategorie Traitement D. Et ass esou, datt jo hei de Gemengerot d'Decisioun geholl huet, den 23. November 2017, datt den Här Paul Steinmetz d'Mise à la Retraite zu 50% kritt, dat ab dem 1. Mee 2018 accordéiert gouf. Bon, mir wëssen awer, datt dem Här Steinmetz säi Poste réischt fräi ass ab dem 1. Mee 2021 wou hien dann och effektiv an d'Pensioun geet. Et ass och esou, den zweeten Deel ass dann den Här Heil. Dee kritt e Congé parental à mi-temps ab dem 1. Mee 2019. Fir dat opzefänken hu mir awer en CDD recrutéiert fir kënnen d'Aarbecht an der Schwämm oprechtzeerhale ronderëm d'Surveillance an och d'Sécherheet.

Déi Persoun, déi mir iwwer den CDD agestellt hunn, huet awer d'Decisioun geholl eben hire Kontrakt, hiren CDD wëllen opzeléise well se op enger anerer Plaz en CDI, e feste Poste ugebuede kritt huet a fir do net an enger Situatioun ze si fir erëm en CDD anzestellen mam selwechte Risiko. Et ass jo kloer, datt ee wann een an engem CDD ass, sécherlech wann een en CDI kritt sech dohinner méllt. Also, déi Leit loosse mir natierlech och goen. Mir wëllen effektiv net de Wee zoumaachen. Et huet eis geschéngt besser ze sinn, einfach dann en zousätzleche Poste ze schafe fir dat opzefänken. Mir wëssen natierlech, datt jo ab dem 1. Mee 2021 den Här Steinmetz an d'Pensioun geet a mir natierlech do dann erëm op dat selwecht zeréckkommen. Et ass einfach fir eng propper Situatioun ze hu par rapport zu de Schwammmeeschteren, respektiv par rapport zu der Schwämm. Voilà, dat ass einfach d'Erklärung firwat mir hei dee Poste wëlle kreéieren..

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Mir sinn als CSV och frou, datt hei definitiv dra festgehalten ass, datt de Poste vum Här Steinmetz herno och suppriméiert gëtt. Dat ass ëmmer eng Demande vun eis, well oft gesot ginn ass, mir mussen een astelle fir d'Retraite vun engem anere virzebereeden an dann ass oft vun eis gefrot ginn, schafe mir dann definitiv deen anere Poste of, do krute mir ni eng kloer Äntwert. An hei begrësse mir dat explizit, datt dat hei festgehalten ass. A mir hoffen och, datt dat och an

deene nächste Kontrakter, wann sech nach eng Kéier sollt esou eppes ubidden an deene nächsten Deliberatiounen och scho fixéiert ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Wéi gesot, richtig, mir hunn et hei präziséiert. Dofir ass et jo och "en surnombre". Nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géing ech de Gemengerot froen ob en domat averstanen ass dësen zousätzleche Poste ze kreéieren? **Dat ass unanime**, da soen ech lech Merci.

9.2. Zoudeele vun enger Indemnitéit fir Fonctionnaires, déi mat der Preparatioun an der Organisatioun vun den Europawale vum 26. Mee 2019 beoptraagt sinn

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An da komme mir eriwier op eis Beamten, déi effektiv bei den Europawalen, déi virun der Dir stinn, am Asaz sinn. An do ass dann hei d'Propositioun, deenen zwee Beamte vum Office des citoyens 180 Euro NI 100 zouzegestoe fir d'Organisatioun an d'Preparatioun vun den Europawalen. An déi zwee Beamten aus dem Gemengesekretariat 170 NI 100 ebe fir déi spezifesch Missioun. Dat hei ass am Fong déi gängeg Praxis fir déi Beamten, déi ëmmer während de Wale e Surplus vun Aarbecht hunn.

Ass de Gemengerot mat dësen Indemnitéiten averstanen? D'Stëmm vun der LSAP, d'CSV, Onofhängegen an och vun deene Gréngen. Wien enthält sech? Dat ass dann den Här Jadin.



IO. FROEN UN DE BUERGER-MEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da komme mir un deen nächste Punkt an dat si Froen un de Schäfferot. Do sinn der dräi erakomm. Déi eng vum Här Haas, eng vun der Madame Kayser an eng vum Här Garcia an der Madame Goergen. Mir géifen se esou huelen, wéi se fir d'éischt erakomm sinn.

Déi éischt war vum Här Haas, deen am Fong ulässlech vun enger Bautekommissioun, déi mir haten, wou och mir als Gemeng e Projet virgestallt hu vu Bâtiments publics wou baugenehmegunsfäeg ass fir nieft dem Staatslabo. Ech ginn nach eng Kéier op seng Fro an, ech si jo schonn an der Erklärung. Den Här Haas freet, datt an der leschter Bautekommissioun e Projet virgestallt gouf, datt Bâtiments publics e Solarenergiepark wëll opriichten nieft dem LNS, dëst well d'Surface respektiv den Daach vum Staatslabo et net erméiglecht, Solarpanneae festzemaachen, sou datt dat op den éischte Bléck no enger gudder, liewenswäerter Initiativ ausgesäit, mee effektiv och, datt de Staatslabo et verschosselt huet, d'Panneauen direkt um Daach vum LNS anzeplangen. Natierlech, seet en, ass deen Terrain wou elo dann déi Solarpanneae sollen hikommen eng Plus-Value fir Diddeleng fir kommerziell an handwierklech Aktivitéiten ass. E freet ob mir do virun e Fait accompli gestallt goufen an ob een net do sollt eng besser Léi-sung fannen, respektiv och e Gesamtkonzept op deem dote Site.

Voilà, dat ass resuméiert déi Fro, déi Dir gestallt hutt. Par rapport zu de Froen an de Bemierkungen, déi Dir virbruecht hutt ass et jo esou, datt mir an der Bautekommissioun de 4. Mäerz deen dote Projet der Bautekommissioun virgestallt hunn. Et ass och esou, datt Bâtiments publics eng Rei Etüde gemaach hunn op wéi eng Aart a Weis op deem dote Site erneierbar Energie kënn produzéiert ginn. Et ass och gekuckt gi fir eng Fotovoltaiksanlag um Daach ze maachen, mee déi ass verworf ginn, einfach well dat Labosgebei vum LNS awer och d'IBBL ass kee gewéinlecht Bürosgebei, well do eng ganz Rei technesch Anlage sinn, déi am Fong déi klassesch Fotovoltaik net erméiglechen. An et ass awer och scho gekuckt ginn, Biomass oder Holzpaletten oder Geothermie... also et goufen eng Rei Etüde gemaach, mä déi goufen allegueren aus technesche Grënn verworf an et gouf eben decidéiert, esou Solartracker op den Terrain nierwendrun ze setzen.

Op Är Fro, kënnen do net handwierklech Betriber...Neen, deen Terrain gehéiert dem Staat, et ass also e staat-lechen Terrain an de Staat probéiert sengen Terrainen och

eben Energieprojeten effektiv ëmzesetzen an e probéiert dat och dann an erneierbar Energien ëmzesetzen. Deem dréit en hei och Rechnung a wéi Bâtiments publics bei eis komm ass mat der éischer Mouture, hu mir och mat hinnen diskutéiert an de Projet, dee mir de Moment virleien hunn, gouf och no verschidde Bedenke vun der Gemeng iwwerschafft well vill méi Tracker virgesi ware wéi dat wat elo festgehalen gouf. De Moment sinn et jo am Total 24 esou Solartracker, déi dohinner gestallt gi wou och eng speziell Beschichtung drop ass fir datt net zevill Refleten entstinn. Domadder kann och den LNS gespeist ginn.

Et ass awer och esou, datt no der Diskussioun, déi mir hei haten, och vum 25. Mäerz bis de 9. Abrëll - och dat war eng Diskussioun, déi mir souwisou an der Bautekommissioun haten - en Avis public dohinner gemaacht gëtt. Dat heescht, all Bierger deen den Avis public gesäit, kann och hei an d'Gemeng kommen an sech déi Projeten ukucken. Dat ass eng gängeg Praxis, déi mir jo bei Projeten hunn. An natierlech och déi Fro, ob do net Landschaftsverschandelung elo gemaach gëtt. Dat am Fong net, well Bâtiments publics hei e Landschaftsarchitekt mat bäigeholl huet fir grad eben deem Ganzen eng gewëssen Ästhetik och kënnen ze ginn. An et ass natierlech och esou, datt déi Plaz, déi do entsteet, do entstinn net nëmme Solartracker, mee dat soll natierlech esou amenagéiert ginn, datt do en Noerhuelungsgebit soll entstoe mat verschidden Hiwwelen, mat verschidde Wisen, och mat ëffentlech zougängleche Plazen, wou all Bierger kann higoen, souwuel d'Mataar-bechter vum LNS wéi och all d'Bierger. Ech mengen, dat ass eng Plaz, déi oft genotzt gëtt fir och ze trëppelen, fir eng Paus ze maachen. Also, wéi gesot, datt dat e Gesamtkonzept grad eben op där Plaz ass, wou och deem-entsprechend deem Rechnung gedroe gëtt, wou och natierlech Beem wäerte geplazt ginn, natierlech Vegetatioun, also e ganz Konzept vun engem Landschaftsarchitekt dat do och gebaut gouf. Voilà, déi Äntwerten op déi Fro déi Dir gestallt hutt.

Ech géif dann direkt enchainéiere mat der Fro vun der CSV an op déi Fro vun deene Grénge wäert de René Manderscheid drop agoen. D'Fro vun der CSV ass geriicht un d'Zukunft vum Diddelenger Spidol. D'Madame Kayser stellt eng Fro mat ganz vill Ënnerfroen, bal eng Dosen. Also, d'Fro zum Spidol ass, datt effektiv den 11. Mäerz 2019 zu Déifferdeng eng ëffentlech Konferenz war vum Generaldirekter vum CHEM iwwert d'Zukunft vum CHEM an do och eng Rei Informatiounen gemaach goufen iwwer d'Diddelenger Spidol. D'Madame Kayser freet d'Besetzverhältnisse vum Diddelenger Spidol, wéi déi wäerten um Contenu och vum Fusiounsvertrag vun 2004, wéi herno dat Grondstéck mat der Ausrichtung, déi de Site vum Spidol soll kréien ronderëm



d'ALA. Mir hate schonns d'Diskussioun ronderëm den Demenzzenter ALA, respektiv d'Polyklinik. Wéi am Fong herno d'Besetzverhältnisser wäerte sinn an effektiv ob am Kader vun deem neie Projet d'Planung vum Projet Ofrëss oder Neibau soll kommen. Si freet och par rapport zu der medizinescher Grondversuergung ob eng Polyklinik op Diddeleng kënnt, ob dat schréfflech festgehal gouf an och ob an der Polyklinik e Labo an eng Röntgenabteilung wäert kommen. An si freet awer och par rapport zu der Ausrichtung vum Projet ob et aner Beispiller gi vu Cohabitatioun vun esou Dénsgschleeschungen an deem dote Beräich. Si freet awer och wouhin d'Patiente solle goe wann effektiv déi Aarbechte gemaacht ginn op deem dote Site Opderschmelz an ob een net elo scho sollt effektiv eng Polyklinik op enger anerer Plaz maachen an ob mir och do am Dialog si mam Gesondheitsministère wéi gesot iwwert d'Ausrichtung vum neie Site Opderschmelz.

Voilà, ech mengen, dat resuméiert déi Froen, déi Dir hei dem Schäfferot gestallt hutt. Ma dozou géng ech einfach mol äntworten: Datt mir haut an där Situatioun sinn, wou mir sinn, huet jo domadder ze dinn, datt mir als Stad Diddeleng jo konkret am Verglach zu deenen anere Siten, well jo och d'Froe sech gestallt huet wat geschitt mam Escher Site? Wat geschitt mam Déifferdenger Site? Do si nach keng konkret Pisten oder Projeten déi virleien. Déi eenzeg konkret Piste déi virläit, dat ass déi zu Diddeleng an déi läit vir well den aktuelle Schäfferot ganz kloer de Gesondheitsminister an och d'Familljen-an Integratiounsministesch sollicitéiert huet an Ofsprooch mat der ALA, datt mir eng Visioun hunn, wou et mat deem dote Site kann higoen a well et fir eis vun Ufank u wichteg war, am Kader vun der Demande, déi besteet, e regionalen Demenzzenter op Diddeleng ze kréien, respektiv awer och d'Médecine de proximité oprechtzeerhalen an och dat mat Nodrock am Koalitiounsaccord jo och dra steet, ebe grad am Kader vum Südspidol, dat 2025 sollt opgoen a bis dohinner geschitt jo näischt um Diddelenger Site. Bis dohinner funktionéiert déi aktuell Situatioun, déi Situatioun, déi elo ass wäert de Status quo si bis 2025, wou dee geriatreschen Deel an d'Südspidol wäert iwwergoen.

Ech mengen, datt hei geplangt ass, engersäits eng moderne Polyklinik oprechtzeerhalen, eng nach méi modern wéi elo, mir hunn hei en innovative Projet. An och en Demenzzenter, also en Zenter fir demenzkrank Persounen mat tëscht 100 an 120 Better, déi solle kommen. Dat ass ganz innovativ a gëtt och ënnerstëtzt well mir jo viru gutt zwou Wochen eng Entrevue hatten zesumme mam President vum CHEM, mat der Presidentin a mam Direkter vun der ALA respektiv als Schäfferot am Gesondheitsministère an och mam Familljen- an Integratiounsministère an do festgehal gouf, datt

mir en Aarbechtsgrupp asetze fir deem dote Projet weiderzedreiwen. An ech mengen, datt dat ganz positiv ass, well mir eng kloer Visioun hunn, wat soll dohinner kommen. Mir wäerten eis natierlech och mat enger ganzer Rei Detailer musse befaassen, wat effektiv déi technesch Technicitéite vun deem dote Site ugeet.

Also, wéi gesot, de Verwaltungsrot vum CHEM wäert do dra sinn, d'Gemeng, d'ALA, respektiv déi zwee Ministèren. An och déi Entscheedung ob déi Planung Ofrëss besteet, och dat gëtt an deem Aarbechtsgrupp zesumme gekläert. Eng Optioun kann dat bestehend sinn, dat bréngt natierlech verschidde Schwierigkeete mat sech, wann een och dem Ganze wëll e méi modernen Touch ginn. Oder kompletten Ofrëss an neien Opbau, wou een natierlech och nei a modern plange kann. Dat sinn zwou Optiounen, déi och deem Aarbechtsgrupp wäert préiwen, och fir natierlech ze kucken, wat dat Ganzt kascht. Dat sinn am Fong d'Diskussiounen, déi mir och mam Ministère de la Santé, mam Familljen-an Integratiounsministère an och mam Finanzministère wäerte klären. An och an där doten Diskussioun d'Propriétéitsverhältnisser e Bestanddeel wäerte sinn. Et ass e Gesamt, wou mir effektiv eis alles op de Leescht huelen, mee elo wou mir och de politesche Support hunn och vun de Ministèren no där neier Regierungsbildung, mengen ech, ass et och wichteg, iwwer deem doten Aarbechtsgrupp och hei dee Projet weiderzedreiwen. Natierlech wäert dann och bei där doten Diskussioun de Verwaltungsrot vum CHEM mat senger Direktioun eis zur Sait stoe fir dat Ganzt ëmzesetzen.

A mir sinn eis natierlech och an där Reunion do eens ginn, datt déi Cohabitatioun méiglech ass. Sécherlech gëtt et am Ausland keng esou Beispiller mee op alle Fall ass se als ganz innovativ gesi ginn, déi Cohabitatioun, well engersäits mir déi Médecine de proximité, déi Noversuergung oprechterhale fir d'Diddelenger Bierger an op där anerer Sait awer grad och déi Polyklinik e Plus ass fir demenzkrank Leit. Wann se effektiv do sinn, mengen ech datt do eng ganz Rei Akte kënne gemaach ginn. Et ass och virgesinn, datt déi Ausrichtung vu Labo a Röntgen, datt och dat soll do kënne stattfannen an och dat ass an deenen Dénsgschleeschungen e ganz wichtigen Aspekt. Dann hunn ech op eng Rei Froe geäntwert. Wéi gesot, dat wat och während dem Ofrëss, respektiv Neibau soll geplangt gi während där Phas, och dat gouf ugerass an der Diskussioun, och dat wäert den Aarbechtsgrupp natierlech kucken, datt mir eng Iwwergangsléisung fannen. Wann een natierlech op enger anerer Plaz eng Polyklinik baut, dann ass natierlech den Integratiounsfaktor, dee mir lo upeilen, dat Konzept net méi méiglech. Dofir ass och den Aarbechtsgrupp, deem sech där Saach wäert unhuele fir ze kucken, wéi mir deem kënne Rechnung droen, well och



ganz kloer d'Bestriewen ass, och während enger Iwwergangsphas déi Médecine de proximité oprechtzeerhalen an dat ass eng Aufgab, där sech den Aarbechtsgrupp unhëlt. Och Virgesprécher goufe gefouert. Dat war virun zwou Wochen, wéi mir zesumme souzen, wou et e positiven Accord gouf säitens vun deenen zwee Ministèren an ech muss soen, datt d'Aarbecht am Fong elo richteg ufänkt. Mir hunn eng kloer Visioun, mir hunn de politesche Support fonnt a wa mir déi Visioun gär wëllen ëmsetzen, ass den Aarbechtsgrupp elo gefuerdert.

D'Aarbecht fänkt elo richteg un an et ass och esou, datt nieft dem Aarbechtsgrupp, dee mir hei hunn, dat heite jo och en Dossier ass, dee selwer och vum Verwaltungsrot vum CHEM wäert suivéiert ginn, well jo den CHEM selwer an och de Verwaltungsrot vum CHEM mussen kucken wat op deenen anere Site weider wäert geschéien, wéi ech ugangs gesot hunn, den aktuelle Site zu Esch, de Site zu Déifferdeng, an ech mengen dofir hu mir och festgehalten, datt déi Informatiounsversammlung den 29. Abrëll hei zu Diddeleng wäert stattfanne fir och do einfach Opschloss ze ginn, engersäits d'generell Diskussioun, Südspidol, wat kënnt dohinne. Dat ass einfach eng Rei Presentatiounen, déi de Moment gemaacht goufen och iwwert d'Press, datt och do de Bierger dobausse ka soen, hei wou geet et mam Südspidol hin? Ech mengen, datt mir elo op engem Punkt sinn, wou een eng ganz Rei Informatiounen ka ginn, wou virun nach net kloer waren. Mir sinn de Moment op engem Punkt, wou een dat ka maachen, wou een och nach eng Kéier d'Diskussioun ka féieren ëm de Standuert vum Diddelenger Site. Voilà, ech mengen, ech hätt probéiert op déi verschidde Froen ze äntwerten. Ech ginn d'Wuert weider un de René Manderscheid, deen dann effektiv op déi drëtt Fro äntwert. Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Déi Gréng Fraktioun huet dann och eng Fro eraginn, déi ech dann hei géif sënngeméissem rëm ginn. Et liest een ënnert anerem an der Press, datt verschidde Gemengen amgaange sinn, Mesuren z'ergräifen an esouguer eng kohärent Strategie ze entwéckelen fir op kommunalem Niveau méi konsequent a méi efficace géint d'Flut vum Ee-Wee-Plastik virzegoen. Si maachen dat zesumme mat de Biergerinnen a Bierger am Allgemengen a mat de Veräiner an Organisateuren vu Fester am Besonneschen. Sou huet den Déifferdenger Gemengerot schonns 2018 en eestëmmege Verbuert vun Ee-Wee-Plastik decidéiert an de Schäfferot entwéckelt Mesuren am Dialog mat den Acteuren um Terrain. An deem Kontext wollte mir froen ob den Diddelenger Schäfferot och vergläichsweis konsequent an efficace Mesurë wëllens huet a bereet ass, dem Gemengerot zur Decisioun virzeleeën? Dobäi schéngen eis folgend Punkte wichteg: d'Concertatioun mat de Veräiner an Organi-

sature fir datt si esou Mesurë matdroen; de flächen-deckende Verzicht op Ee-Wee-Plastik an alle kommunale Strukturewéizum Beispill d'Crèche, d'Schoulen, d'Maison Relais, d'Verwaltungen asw.; en Ugebuert vun Alternativen zum Plastik; eng intensiv Informatiounscampagne fir all Veranstalter vu Manifestatiounen, mä och fir all Bierger a Biergerinnen; eng gewësse Flexibilitéit beim Siche vu Léisunge bei problemateschen Situatiounen wéi Sports- oder Museksveranstaltungen, d'Bedelegung vun der Gemeng un enger regionaler Wäschanlage fir Méi-Wee-Becheren, déi fir d'Gemengen am Süde kéint installéiert ginn an esou wäit Transporter reduzéiert kënne ginn. Mä wäert frou ze héieren, datt de Buergermeeschter an de Schäfferot sech konsequent géint där wichteger Problematik unhuelen an deemnächst dem Gemengerot en deementsprieche Mesurëkatalog géint virleeën.

Ech géing dann a menger Äntwert allgemeng an och méi präzis op verschidde Punkten erhalen. Déi éischt Bemierkung, déi ech awer festhalen, ass d'Informatioun, datt d'Stad Déifferdeng e Gemengerotsbeschloss zum Plastikverbuert ugeholl huet, falsch ass. Et gétt kee Gemengerotsbeschloss. Den Déifferdenger Gemengerot ass just doriwwer informéiert ginn, datt d'Veräiner doropshi sensibiliséiert gi fir Fester plastikfräi ofzehalen a wann si dat net maachen, da géngen se d'Gemengeplaz net zur Verfügung gestallt kréien. Dat ass eis och den Owend vum Man and Biosphere Workshop den 28. Februar vum Déifferdenger Buergermeeschter konfirméiert ginn. Am März 2006 huet d'Gemeng Diddeleng eng éischt Initiative scho geholl fir d'Veräiner ze sensibiliséieren fir offallaarm Fester z'organisieren. Eng Initiativ, déi vun de Veräiner deemools praktesch guer net akzeptéiert gouf. D'Gemeng ass dunn 2011 dem Valorlux-System bäigetrueen, net aus Iwwerzeegung eraus, datt een eppes fir d'Ëmwelt mécht wann ee bei de Leit de Verpackungsmüll gratis ofhuele kënnt, mee well den Uschlossdrock op d'Gemeng grouss ginn ass an och effektiv d'Bierger zu engem groussen Deel dat och gefrot hunn.

2014 huet d'Diddelenger Gemeng dann de Cup-System agefouert, deen am Ufank och op vill Zeréckhalung bei de Veräiner gestouss ass, deen awer elo bei ville Veräiner trotzdem zum Asaz kënnt. Dëst Joer huet d'Schoul Däich e Projet "Plastikfräi Schoul" lancéiert, deen no Aussoe vun der verantwortlecher Léierpersoun gutt leeft, dee souwuel vum Léierpersonal wéi och de Kanner wéi och den Elteren zum groussen Deel ganz positiv opgeholl ginn ass. De Projet gétt Enn Mee/Ufank Juni evaluéiert an ass och an de Medien am Moment ganz vill present. Wann d'Evaluatioun positiv ausfällt - an ech ka mir et net anescht virstellen - wäert de Schäfferot drop hischafen, datt dee Projet an allen Diddelenger



Schoulgebaier wäert ëmgesat ginn, sou ähnlech wéi mam Superdreckskeeschlabel fir d'Schoulen, sou datt d'Diddelenger Schoulen dann an Zukunft wäerte komplett plastikfräi sinn. An deem selwechte Sënn handelt d'Gemeng awer schonn zënter 1997, deemools hunn d'Kanner, déi an d'Spillschoul ginn oder an d'Primärschoul ginn, fir d'éischt Kéier sech eng Schmierekëscht an e Bidon aussiche konnten, deem se kënne mat Waasser fëllen. A säit 2017 ass déi Schmierekëscht souguer aus nowuessendem Rohstoff hiergestallt an ab deem Joer kréien d'Kanner dann och e Bidon wou kee Plastik dra verschafft ass.

An zënter deem Joer ginn bei eisen Waasserspender biologesch ofbaubar Bechere benotzt. Mir hunn am Moment zwee Spullweenecher, wou jeweils zwee bis véier Gemengeleit kënne bedriewen an déi gi bei all gréisser Manifestatioun vun eis agesat. Eise Service Fêtes et Manifestations, sou wéi eise Service écologique ware selbstverständlech och op der Ëmweltfoire zu Suessem sech zu dësen Themen och informéieren a ware mol kucken, wat si do maachen. Aus eisen Informatiounen, déi mir du kritt hunn, duerch Kontakter mat anere Gemengen an ech nenne virun allem Suessem an Déifferdeng, geet ganz kloer eraus datt déi Initiative fir méi eng plastikfräi Gemeng muss vun dem politesch Responsable kommen, soss geet dat net.

Fir d'Veräiner mat an d'Boot ze kréien, soll een awer op e konkret Verbuet verzichten. Éischter probéieren, eng Charte mat de Veräiner ofzeschlësse fir plastikfräi Fester ofzehalen an datt dann och just déi Veräiner, déi d'Charte ënnerschreiwen, d'Gemengeplaz oder d'Gemengerlokalitéite kënne zur Verfügung kréie fir hir Fester ofzehalen. An där Charte muss awer och festgehale ginn, datt bei deenen Aktivitéiten déi op der Gemengeplaz sinn ënner anerem keen Eeweplastik därerf genotzt ginn an datt muss de Spullweenche benotzt ginn, a fir déi gréisser Manifestatiounen soll e Cup-System dann och folgerichteg ausgebaut ginn. De Veräiner kann een entgéint kommen andeems een op materiell Alternative kann hiweisen an och eventuell datt d'Gemeng hinnen dat am Ufank zur Verfügung ka stellen.

Eng weider Initiativ ass de Refill-Waasserspender an de Schoule z'installéieren respektiv bei eisen ëffentleche Gebaier. An dann hunn ech och an der Press gesi gehat datt d'Gemeng Suessem dann och plangt, eng eege Wäschanlag anzeriichten a si siche Partner an net méi spéit ewéi de Méinden huet déi Diddelenger Gemeng de Suessemer Kollege Bescheid gesot, datt d'Diddelenger Gemeng selbstverständlech Partner ass bei esou enger Wäschanlag.

An da wëll ech nach soen, datt d'Ëmweltkommissioun de 27. Februar sech intensivst mat dem Thema Plastikvermeidung an der Gemeng beschäftegt huet. Nieft deene villen Diskussiounen wëll ech just eppes erausstiechen, datt mir wëlles hunn, als Ëmweltkommissioun, ënnert anerem mat dem Geschäftsverband a mat der Geschäftswelt an och mam Maarteverband zesumme komme fir ze kucken datt mir kënne do Mesuren ergräifen datt déi Tuten an de Butteker verschwann, respektiv déi um Maart. An da gëtt et och hei zu Diddeleng eng Ekipp déi nennt sech "Transition Diddeleng". Déi huet eis do 6 DIN A4 Säite schonn eng Kéier erageschéckt un de Schafferot wou se ganz vill Iddien hunn, Meenungen an esou weider a esou virun. Mir haten se schonn eng Kéier gesi gehat an déi nächst Ronn déi mir mat hinnen dréine wäert den 8. Abrëll sinn, wou mir kucken, datt een do ka viles ëmgesat kréie wat déi jonk Leit sech dann och an de Kapp gesat hunn.

An da wëll ech nach hiweisen op eis Regierung, déi hunn och "Un avenir sans plastique en route vers une société zéro déchets". Do ginn et och e ganze Koup Saachen, déi lafen, déi net wahrscheinlech spuerlos un de Gemenge wäerte vorbeischrämen. Och do wäerte mir eis dru bedeelegen. An deem Sënn, lange Rede, kurzer Sinn, mir wäerten iwwerall do matmaache wou mir eppes kënne maache fir de Plastik hei ze vermeiden. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Voilà, och Merci dem Här Manderscheid. Dann hätte mir elo déi dräi Froen duerch an da géinge mir elo an de Huis Clos eriwwe goen.

Ufank vum Huis Clos

Fête de la MUSIQUE DUDELANGE

15.6.

FRANK TURNER & THE SLEEPING SOULS LEA

THE CORONAS • AVEC • RYAN SHERIDAN
MATHEA • MAD FOX • SEED TO TREE

GO BY BROOKS • VERSUS YOU • FALLING SERENADE • NAPOLEON GOLD
MAKA MC • DON GIO • CHAILD • SCHËPPE SIWEN • C'EST KARMA
RAMBLIN' SOUTH • DJUJU • STRYSLES • CHLOROPHYL
LATA GOUVEIA • POSTCARDS • LAYMAN'S LAW • BLUES GANGSTERS
MARC WELTER'S JOINT BUNCH • ANDREA ARPETTI • STELISE
ECOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE • AMIS DE L'ORGUE • WHY NOT STAGE
YOUTH STAGE • PARC STAGE • FOLK & BLUES STAGE
ACOUSTIC STAGE • LIVING TOMORROW STAGE
AND MANY MORE...